

# EIS SPROOCH

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

Nr. 16 / Nei Folleg / XXII. Jor / 1984

Wat dran as:

hr.:	Eng Plaquette Dicks-Rodange-Lentz	1
hr.:	D'Lëtzebuergesch: Eis Nationalsprooch	5
	– Gesetz vum 24. Februar 1984 –	6
Heinz, Andreas:	Usprooch	7
Kartheiser, René:	Eppes	7
Ries, Adrien:	De géien Honger an enger agressiver Welt	8
....:	Hochzäitskaart	14
Theis-Kauth, Jeanine:	De Summer ouni Rousen	15
Mangen, C.:	E Lidd	17
D.E.:	Quetschendrëpp – Frëndche mäin ?	17
Albert-Mangen, A.:	De Poucki	18
Theis-Kauth, Jeanine:	En eidelt Blat	18
Arnoldy, E.:	D'Miissercher an d'Beien	18
Ney, A. René:	Nigesonge Lidd	19
Clement, Chrétien:	Summersonndeg – Äonesch Naupen	
	Hei, wéi laacht duerno de Mueren !	
	Wéi ech méng Gefiller praffen	22
Kartheiser, René:	Justiz, emol anescht	21
	Et geet och méi einfach	22
....:	Gëlle Fra (Opruff)	23
....:	<b>Eis Spéngel</b>	23
Raths, G.:	Antikitäten	24
....:	Eng Kurs	24
Gerard, Luss:	Eng Houchzäit um Dueref	25
....:	Gesellschaft ouni Gewënnzweck	30
....:	E Modell vu Statuten	33
Meyer, A.:	Lëtzeburger Individualitéit	34
Lamy, Marcel:	Rapport vun der Generalversammlung	35
Blasen, Léon:	† Ady May	39
hr.:	† Tist Gastoni	41
hr.:	Am Joër	42
hr.:	Nei Bicher	43
....:	Protest a Fuederungen – Eis Positioun	45
....:	Wat huet d'AL eraus gin ? – Rätsel	46
....:	Bestellziedel fir d'Plaquette, Spéngel, Ordre permanent	47




## Eis Sprooch op der Foire 1983



D'Madame an den Här Robert Siuda, déi all Dag vun Esch erop komm sin, fir an der Lietsch ze stoen, e Rot ze gin an ze verkafen. Hinnen en décke Merci – d'A.L.



# Eng Plaquette Dicks-Rodange-Lentz



(Foto: J. Weyrich)

Et as ewell vill iwwer eis dräi Nationaldichter geschriwwen, gesot a gesonge gin. Si hun och allen dräi e Monument gesat kritt, den Dicks an de Lentz eent zesummen am Eck op der Plëssdarem, de Rodange eent, säi Fiissche bei der Trap op dem Knuedler. Allen zwee an der Stad. An eisen Dierfer a Stied hun se hir Stroossen. D'Actioun Lëtzebuergesch huet gemengt, et wir dach nët méi wéi an der Rei, wann déi dräi Kapphäre vun eiser Sprooch op enger Plaquette veréiwegt géife gin, zemol an deem Jor wou d'Lëtzebuergesch eis Nationalsprooch duurch e Gesetz as gin.

De Roth's Lex huet dem Julien Lefèvre eemol am Gespräich dervu geschwat. An dee wor begeschtert vun deer Iddi. Hien, ee vun eise beschte Leit op deem Gebitt, wor direkt d'accord, fir esou eng Plaquette z'entwerfen; séng Begeeschterong as esou wäit gaang, datt en déi Aarbecht ouni Entschiedegong géif maachen, eleng aus Respekt fir déi dräi, déi eiser Sprooch esou vill gin hun, jiddereen op séngen Gebitt an op séng Manéier: Deen éischten, de Lentze Misch a sénger Aier fir d'Land an d'Leit; deen zweten, den Dicks mat séngen Theaterstécker a Gedichter a Folklore-Bicher; deen drëtten, den Nannetts Méchel, mat séngem bëssegen, zäit-kritische Renert.

Déi zwéin éischter sin an der Stad doheem, mee aus zwee ganz verschidden Haiser; deen een als Bäkesch-jong, deen aneren als Gouverneurs-jong; deen drëtten as vum Duerf, vu Waldbëlleg, engem Schouster säi Jong. Et as klor, datt och kee geduucht war wéi deen aner. Allen dräi bal déi selwecht Zäit gebuer, am selwechte Jorzéngt am 19. Jorhonnert, grouss gin an engem Land, dat zënter 1839 fräi an ofhängeg gi wor, op ege Féiss ze stoe kouw a fir sech selwer kachen duerft, säin egene Stott, a séngem klengen Gebitt maache konnt, dat déi grouss Noperen him ge-looss hun.

Et wor "kleng, awer reng", wéi de Lentze Misch schreift.

Loosse mer déi dräi hei kuurz virstellen; sou wéi se nom Jor op d'Welt koumen:

*Lentz Michel.* De Misch Lentz kouw den 21. Mee 1820 an der 3 Kinneksgaass, haut Chimay-Strooss op d'Welt. Säi Papp wor Bäcker – an deer selwechter Strooss as den Anton Meyer gebuere gin, deem säi Papp wor Schouster – , wou haut den Hotel Schintgen as. Eng Plack as um Haus (Hotel Schintgen, Enneschtgaass). No der Kannerschoul kouw e mat 13 Jor, 1833 op Sexta an den Athenäum. 1839-40 huet en d'Première gemaacht a gong fir ee Jor op Bréissel op d'Universitéit fir Philologie ze stodéieren. De



26.12.1842 kritt en kleng Plaz am Sekretariat vun der Regirung. An do huet en da sai Wee lues a lues gemaacht a sech eropgeschafft.

1857 gët e Sous-chef de bureau, 1869 Bureau-Chef a Conseiller bei der Chambre des Comptes. 1892 geet en dann a Pensioun, well en nët méi gutt gesinn huet; en hat 72 Jor. Den 8. September 1893 stiirft en. E wor blann gin. Den 10.9. gët e mat enger Trikolour op der Doudelued begruewen. De Staatsminister Pol Eyschen hält d'Doudered.

Esou exakt a genee de Lentze Misch och am Liewen an op senger Aarbecht wor – en as, sou dacks et gong, iwwer d'Gare, Hollerech an d'Stad spadséiere gaang, ëmmer déi selwecht Zäit, esou datt d'Leit d'Auer no "dem klengen Männchen" riichte konnten – e war dach e gesellege Mensch a Member vun der Gym, dem Turnveräin, dee séng "Komesch Virdräg" an dem Dicks séng Theaterstécker gespilt huet. 1873 kërnt sai Band Gedichter eraus: *Spaass an Ierscht*, dat e "Méngem Land, dem fräie, gléckleche Képpchen Ierd, dee mir iwwer alles héich steet, hun ech dëst Boch zouerkannt. – Ech leën him et vir, mat der Hoffnonk a mat dem Wonsch, datt déi Weisen, déi dran téinen, nach laang Jore vun der Fräiheet a vum Gléck bei ons gesonge gin." – Dat war dem Lentze Misch séng Menong, séng Aier fir sai Land, sai Liewen. – 1893 gouf e Monument fir e gefrot. Den 22.10.1893 stong dofir en Opruff an der Indépendance Luxembourgeoise, deen ënnerschriwwen wor vun: Fritz Mersch, President; Charles Arendt, Lorent Manger, Missy-Beffort Membre; Michel Pfeiffer, Trésorier; Charles Mullendorff, Sekretär.

D'Gym hat direkt 87,50 Frang gezecheent. 'T gouf näischt draus, bis den 11. Oktober 1903 den Dicks mat dem Lentz hiirt Monument op der Plëssdarem opgeriicht kritt hun. D'ganz Land wor deemols derbäi.

1920 koum Wantergréng; Liddercher a Gedichter, an der Nationalunioun eraus.

*Dicks, Edmond de la Fontaine.* D'Famill de la Fontaine kënnt vu St.Vith, dat haut Nei-Belgien as, deemools awer nach Lëtzebuergesch wor. De 24.7.1823 koum en um Knuedler, wou haut den C & A as, de 24. Juli 1823 op d'Welt. Eng Plack um Haus erënnert dodrun: si as 1923 opgehaang gin. No der Kannerschoul koum de Kolléisch; 1844 bis 1846 as en zu Léck op der Universitéit fir Jura ze stodéieren, geet dono nach e Jor op Heidelberg, wou e vun de Gebrüder Grimm,

Karl Simrock an aner "infizéiert" gët fir de Foklor. 1848, am Revolutiounsjoer as en Affekot. Den Dicks hat eng aner Gof mat an d'Wéi kritt wéi de Lentz, méi eng lëschtég, méi eng bësseg vläicht, soss hätt en d'"Vulleparlament" am Gréngewald wuel nët geschriwwen. 1858 gët den Edm. de la Fontaine mat senger Cousine Pauline Dutreux bestuet, wunnt am Schlass zu Stadbriedemes, gët do 1867 Buurgermeeschter. Séng Wiewerei zu Réimech geet Faillite; de 5. Januar 1881 as e Friddensriichter zu Veianen. E stiirft do de 24.6.1891, de 27.6.1891 och do begruewen; séng Läch gët 1893 op Stadbriedemes an d'Familjegraf bruecht.

Ewell mat 16 Jor hätt den Dicks eis "De Wëllefchen an de Fiïsschen" zesummegereimt; 1848 dat satirescht vum „Vulleparlement am Gréngewald" mat deem en d'Dépêtiert an d'Luucht bruecht huet. Aner Gedichter huet en nach gemaacht, mee säin Hauptwierk sin d'Theaterstécker, déi hien eis gin huet a vun der Gym gespilt si gin. Dat woren: De Scholdschäin (25.II.1855), De Koséng (22.IV.1855), D'Mumm Séis (11.XI.1855), Kiirmesgäsch (30.VIII.1856), De Ramplassang (22.XI.1863), Op der Jued (18.IV.1870), De Gréngor (28.I.1877), Den Här an d'Madame Tullepant (1879), En as rosen (1885); no séngem Doud koumen nach: Eng Stëmmonk, Nondikass, Schouster Boubou; genannt soll och gin e.a.: „De Veianer Wäissert" an „Um Friddensgericht" an dat, wat en dem Lentze Misch un d'Häerz geluegt huet: Dee wëllt e Volleksdichter gin/dee muss d'éischt selwer Vollek sin/tas nët genoch onst Daitsch ze schreiwen; Dain Hierz dat muss beim Vollek bleiwen ... Kuck wou s de stees a wat s de bas/den Zolverknapp as kee Parnass... – Dem Lentze Misch séng Exkuren an déi héi Regiounen hun him nët gefall, de Lentz wollt d'Lëtzebuergesch op méi en héie Rang bréngen, den Dicks wollt d'Lëtzebuergesch sou hun ewéi et as. – Den Dicks wéi och de Lentz hun nët nëmmen hir Texter geschriwwen, si hun och hirer Saache vertount. – Et wir een nët gerecht, wann een dem Dicks séng aner Aarbechten um sproochlechen a folkloristesche Plang nët extra géif nennen: 1857 bis 1858 komme vun him Spréchwierder, 1877 Kannerreimer, 1882 Soen a Legenden, 1883 Sitten a Gebräicher; no séngem Doud 1904 „Vollekslidd" an 1906 „Götterwelt" (dat lescht ganz am Sënn vun der Zäit Grimm, Simrock, asw.). Et muss een onbedéngt



ernimmen, datt hien e Lëtzebuerger Dictionnaire souzesoe fäerdeg beienee geraaft hat: dorop konnt de Jos. Weber, Sekretär vun dem Dictionnaire vun 1906 opbauen, och 1855 eng Schreifeis fir d'Lëtzebuergesch gemaacht hat.\* Wat den Dicks fir eis as a war, dat seet äis den Marcel Reuland:

*Wéi ons fir d'éischt an onser Aart  
däi Lidd am Scholdschäin opgeklongen  
du as enzou eng eise Paart  
déi zënter éiweg zougespaart  
an onser Festong opgesprongen  
an 't koum eraus e Kinnekskand  
dat séng frësch Weisen uechter d'Land  
mat heller Stëmm gesongen . . .*

An dat, wat den Dicks dem Lentz a séngem „Volleksdichter“ schreift  
„Mee tréischt dech, Misch, an hief keng Baang  
vill dénger Lidder séngt mer laang“  
dat as och fir dem Dicks séng méi wéi wouer.

#### *Nannetts Méchel – Michel Rodange*

Tëscht denen zwéin op der Plaquette as de Michel Rodange. Déi zwéi sin aus der Stad, hien as an engem klengen Duerf zu Waldbëlleg op d'Welt komm, den 3. Januar 1827. An der Stuff vun engem Duerfschouster gouf e gewéit, an der belscher Revolutionszäit eropgewuess, a gong och do an d'Duerfschoul, an deer nët vill geléiert as gin. E wousst dofir och nët vill. E wor 17 Jor al wéi en op Dikrech an d'Primärschoul gong, dofir huet e misst bei säi Monni op d'Enteschbaach bei Dikrech wunne goen a vun do aus Dag fir Dag zu Fouss op Dikrech an d'Schoul. Den 2.1.1845 gët en als 23. vun 33 an d'Normalschoul (fir Schoulmeeschter ze gin) opgeholl. De 7.8.1847 kritt en de 4. Rang a gët Schoulmeeschter zu Stesel. E bestit sech de 5.10.1854 mat dem Madeleine Leysen. 1854 as e Schoulmeeschter an der Fiels an 1859 trëtt e verbattert aus dem Schoulfach aus, no dem Exame fir Kantonal-Piqueur, gët 1860 op Eechternach genannt, kënnt op d'Kap, wunnt 1862 zu Käerch, as 1866 bis 1873 zu Wolz an 1874 an der Stad, wou en a Clausen an deem Haus wunnt, dat haut Auguste Liesch-Haus heescht. De 27.8.1876 stierft en do, keng 50 Jor al. De Lentz gouf mat der Trikolour op der Lued begruewen, de Pol Eyschen hält d'Läicheried, dem M. Rodange säi Begriefnes wor arem. Et heescht 2 Kanner, e bësse Famill, e puer Kollegen a Frënn gin am

Schloreen de Clausener Bierg erop op den Nekloskiirfech, de Pol Eyschen kënnt ennerwee nach derbäi. Verdrësslech as säi leschte Wee: esou as eiser beschter Schrëftsteller een, wann nët deen alleréischten, begruewe gin (ech hätt bal ageschäert geschriwwen). Et duerf een nun eemol de Leit de Spigel nët virun d'Nues halen, et duerf een hinnen d'Wourécht nët soen, sou wéi de Rodange et gemaacht huet. Dem Rodange as dat Schlëmmst geschitt, wat engem Schrëftsteller an engem Mënsch geschéie kann, lieweges Leif doud sin, am iwwerdroene Sënn. E puermol kuurz ernimmt, sin et ëm 1903/04 den Dr. Klein, Nik Welter an C.M. Spoo déi de Renert bekannt maachen. Fir d'éischt huet hien däitsch Gedichter geschriwwen, du, 1857, kënnt säin éischt Gedicht, „D'Lidd vum Jéngsterdag“ op Lëtzebuergesch, „Heringen a séng Buurg“ (am Mëlldaller-Dialekt), 1857. Nieft séngem Hauptwierk, dem Renert oder de Fuuss am Frack an a Maansgréisst. Op en Neis fotograféiert vun engem Lëtzebuerger as „dem Grof Sigfrid séng Goldkummer“, en Theaterstéck nom „Schatz des Rhampsinit“ vum A. von Platen an dem „Léiw-eckerche säi Lidd“ ze nennen. Dëst Lescht as als „d'Léierchen“ am Faksimilé vu der Actioun Lëtzebuergesch hoërgenee nogedréckt gin (et sin nach eng Dosen dervun do). Wat fir eng Zäit déi geschriwwen goufen as nët genee festzeleën, eent as sécher un dem „Léierchen“ huet en nach geschriwwen wéi der Doud him d'Fieder aus der Hand geholl huet. De Renert koum 1872 eraus. An der „Indépendance Luxembourgeoise“ vum 29. Oktober 1872 as jhust eng kleng Annonce (beim H. Schamburger ze kréien) soss kee Pipcheswiertchen an enger anerer Zeitung, widder vun den Zeitungen, déi eppes fir de Rodange iwreg haten, geschweins vun aneren. „En hat sech s'all gelueden“, steet am Renert, sou wor et och hei. Et as bal kee Buch kaaft gin, bis 1904 den Nik Welter an dann den C.M. Spoo d'Wierk enner d'Leit bruecht hun. Et gouf nogedréckt, et gouf vum Leger Fr. wëssenschaftlech ennersicht a bis haut as et dat Lëtzebuerger Buch, dat am meeschten einfach a Luxusoploë kritt huet, mat Illustratioune vun eise gudde Moler a Graphiker, dat lescht elo vum Marcel Ditsch. (Dee 4. Band vun deem „Renert“ as elo do.)

De Renert as d'Bild vun deem Lëtzebuerg aus deer Zäit, d'Bild, dat haut nach zevill stëmmt, an esou munneche Gebitter. Op Schratt an Tratt begéint ee Versen, déi ee bei sou vill Geleënhete



kann zitieren – 't bräicht ee kee friemen „Zitate-schatz“: „Donk aner wéi dir selwer, 't as d'Wuuzel an de Bam ... wien d'Waasser nët kann halen, dee leit um naasse Läpp ... géint aner jäizt mer hareg, vu sech do schwätzt mer lues, an 't hätt ee vëlleg Aarbecht mam Schnapp a senger Nues ... a braucht dir och zéng Zeien, dir kritt se, dir huet Geld, an domat dreift een d'Wourécht duurch Ligen aus der Welt ... well wann der d'Lett nët schmeecht an nët mat Ligen éizt, dann hënnert der beim Feier an wann d'r om Haaschtbam séizt ... mir pléckten Aprikosen / un allen Hecke gier / wie geet nun awer praffen / am Bambesch d'Schléiwendier ... besonnesch huet der Schoulen, do bräicht der nach vill Geld / fir d'Vollek ze erzeien, dat néidegst vun der Welt ...

Hautdesdaags as de Renert ueter d'ganz Land bekannt an esou respektéiert, datt een nëmme guttheesche kann, wat de Emile Marx an de Cahiers lux. 1948 schreift: „de Renert as déi eenzeg Lëtzebuergesch Dichtung déi d'Recht huet als klasescht Wierk ugesinn ze gin.“ Dernieft muss nach betount gin, datt séng Sprooch am Renert eis Sprooch as, ouni Geléintes, sou wéi gutt Lëtzebuergesch as: riichtewech, käreng, gesond.

D'Actioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch mengt, datt se mat deer Plaquette eis dräi bescht Lëtzeburger Schrëftsteller éiert, a wann de Michel Rodange an der Métt steet, da mengt d'A.L. him dat gin zu hun, wat eng Kéier en Onbekannten op säi Graf bruecht hat: „de Merci vun der Hemecht, deen en zu Liefzäiten nët kritt huet.“

De 24. Februar 1984 as am Mémorial d'Gesetz publizéiert gin an deem festgeluegt gët, datt d'Lëtzebuergesch eis Nationalsprooch as. D'Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch mengt, datt keng besser Geleënheet an eiser Geschicht an an eiser Sprooch kënnst gi sin, wéi un eis bescht Schrëftsteller an Dichter aus dem 19. Jorhonnert – Lentz, Dicks, Rodange – ze erënnere, déi der Sprooch sou trei woren, gehollef hun op dee Stull ze setzen, wou se haut as. Jidderee vun denen dräi op séng Manéier.

Als Merci un der dräi Klassiker vun eiser Sprooch, als Erënnung un d'Gesetz iwwer eis Sprooch an dat Wichteg an eiser Geschicht, huet d'Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch e Maarkstee setze wëllen mat deer Plaquette, déi an der Generalversammlong de 24.3.1984 virgestallt gouf.

Et dierft een nach zer gläicher Zäit drun erënnere, datt viru 60 Jor, 1924, d'Sproochgesellschaft gegrënnt as gin, déi d'Sammelaarbechte fir den Dictionnaire vun 1950 bis 1978 ugefaangen huet; d'Sproochgesellschaft gouf 1935 d'Sproochesektioun vum Institut Grand-Ducal.

\* \* \*

Déi *éischt* Plaquette gouf den 20.3.1984 am Atelier Fibru-Fiche zu Bréissel no enger Maquette vun bekannte Graveur + Julien Lefèvre geschloen. Et as dem J. Lefèvre säi lescht Wierk; hie konnt d'Plaquette nët méi fäerdeg gesin (4. 1. 1984).

1250 *Stéck* sin aus Bronz gemaacht gin, an *et gi keng méi nogestanzt*. Alles wat néideg wor fir déi Plaquette ze schafen, kënnst bei eis an de Musée, wou den Här Weiler, deen neien Dokter honoris causa vu Léiwen (Louvain la Neuve) dat alles ze versueren huet. De *Verkaafspräis* as 1250 *Frang*, schéi verpaakt an enger Këschtchen, mat engem klengen messéng Stänner. Esou kann ee sech déi eenzegaarteg Plaquette versueren ewéi ee wëllt, entweder am Tirang odder opgestallt op engem Miwwel, wou se iwregens ganz schéi mécht.

25 *Stéck si versëlwert gin a kommen nët an de Verkauf*. Dës si geduecht fir Unerkennung, soll denen iwwerrecht gin, déi en apaart grouse Verdéngscht fir d'Sprooch an d'Land hun.

D'A.L. gleeft, datt déi schéi Plaquette vun eise Membren a Frënn op hire richteg Wäert ageschat gët a se sech eng Eier draus maachen, fir se ze hun. Fir se ze kréien kann een d'Suen direkt op ee vun eise Konten iwwerweisen, mee wëllt ee se geschéckt kréien, muss een 100 *Frang* méi aschécken. D'Plaquette gët hinnen dann an engem ageschriwwene Päckelchen duurch d'Post geschéckt (d'Posttax vum Aschreiwe kascht eleng 50 *Frang*). Et as och besser se schrëftlech ze bestellen ewéi am Tëlefon, well do ze dacks d'Adress nët richtig verstane gët.

*Präis, wann se duurch d'Post geschéckt gët 1250 Frang an 100 Frang Porto = 1350 Frang; Postscheck 6644-48; Kont bei der Spuerkeess 1000/7250-4; Kont bei der Interbank 4-100/9748.*

Actioun Lëtzebuergesch, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg. Tel. 470612 hr

\* Déi *éischt* huet den Anton Meyer 1829 geschaf, du de J. Fr. Ganler 1847, an dono koumen der nach ...

\*\* Fir dësen Artikel gouf gebraucht: Fern. Hoffmann: Mundartdichtung, I. Band.



# D'Lëtzebuergesch: Eis Nationalsprooch

An der 35. Sëtzong de 25. 1. 1984

(aus de "grénge Blieder" an Analyteschen)

De 17. Juni 1980 hat d'Chamber eng Motioun iwwer de Gebrauch vun der Sprooch am Lëtzebuergesche Land ugeholl. Mam Gesetzprojekt 2535 kënnt d'Regierung deem an dëser Motioun ausgedréckte Wonsch no an hält fest, dass d'Lëtzebuergesch d'Nationalsprooch vum Lëtzebuergesche Vollek as. Heimat geet dee Projet méi wäit wéi den Artikel 29 vun der Konstitutioun (Revisioun vum 6. Mee 1948) no deem et dem Gesetz iwwerlooss bleift de Gebrauch vun de Sprooch bei der Verwaltung an op de Geriichter ze reglementéieren. Anersäits as dëse Projet deen éischte Versuch dëst Gebitt gesetzlech global ze regelen.

D'Geschicht vun eisem Land weist, dass am Laf vun de Joerhonnerten och déi däitsch an déi franséisch Sprooch bei eis gebraucht goufen. Och haut huet sech kaum eppes un där Lag geännert: d'Däitsch an d'Franséisch gi gläichzäiteg an onsem Land benotzt, woubäi dës zwou Sproochen op ganz spezifesch Beräicher begrenzt sin, während d'Lëtzebuergesch souzesoen d'Alldaagssprooch duerstellt. Déi lëtzebuergesch Identitéit gëtt och duerfir eigentlech duerch déi denen eenzelne Lëtzebuergesche ägen Dräisproochegkeet séchergestallt. All Entwécklung, déi dëser Dräisproochegkeet géng entgéintrieden, sténg domat am Widdersproch zu der Originalitéit vun eiser nationaler Identitéit. Mir sollen och duerfir weiderhin d'Friemsproochen an Éieren halen, well grad dëst eng onvergläichbar kulturell a wirtschaftlech Tromp vun de Lëtzebuergesche duerstellt. Gläichzäiteg as et awer och wichteg, dass mir eis Mammesprooch net vernoléisseg, well grad si eng wesentlech Roll an der Entwécklung vum Kand a séngem Gedankengutt ze spillen huet, a well ouni si eng gesond a gläichgewiichteg national Identitéit onméiglech as. Dat alles dréit derzou bäi, dass op allen Niveaue déi noutwendeg Beméiunge gemaach musse gin, fir eis national Sprooch ze beräicheren an se méi réng ze maachen. Et as erfrelech, dass besonnesch an dene leschte Joren an alle Géigende vum Land an an alle Gesellschaftschichten eng ëmfaassen a spontan Entwécklung agesat huet, esou dass ee kann unhuelen, dass Lëtzebuerg an Zukunft déi Plaz wäerd anhuelen, déi em vu rechtswegen zou-

kënnt an déi mir him doriwwer eraus op Grond vun enger enger Noutwendegkeet araume mussen, wa mir op d'geeschteg Entwécklung vun denen nächste Generatiounen Wäert leën.

Op Grond vun denen eenzelne Bestëmmunge vum Gesetzprojekt gëtt festgehalen, dass d'Lëtzebuergesch d'Nationalsprooch vun de Lëtzebuergesche as.

Déi eenzel Gesetzestexten an d'Ausféierungsreglementer gin a franséischer Sprooch verfaasst. Wann aner Reglementer vun enger staatlecher Ariichtung, vun de Gemengen oder öffentlechen Institutiounen an enger anerer Sprooch wéi d'Franséisch verfaast gin, dann zielt eenzeg an eleng den Text an där vun där virgenannter Ariichtung benotzter Sprooch.

Bei de Verwaltungen an op der Geriichter kann d'Franséisch, d'Däitsch oder d'Lëtzebuergesch benotzt gin, ouni dass dës méi allgemeng Bestëmmung de Spezialbestëmmungen iwwer gewëss Beräicher kann entgéint gehale gin.

All Demande, déi op Lëtzebuergesch, Franséisch oder Däitsch geschriwwen gëtt, soll vun der Verwaltung – esou wäit dat méiglech as – an där selwechter Sprooch beäntwert gin.

De Gesetzprojekt 2535 gouf an enger Spezialkommissioun (President: C. Pescatore; Rapporteur: V. Reding) diskutéiert, éier e vun der Chamber mat 48 Géint 3 Stëmmen a bäi 5 Enthaltungen ugeholl gouf.

\*\*\*

## D'Gesetz iwwer eis Sprooch

De 25. Januar as d'Gesetz iwwer eis Sprooch an der Chamber gestëmmt gin, an der zweeter Liesung, well et weinst der Ännerong am Art. 4 huet missen hannescht un de Staatsrot goen. Et gouf mat 48 Stëmmen géint 3 a 5 Enthaltungen ugeholl. Mir bréngen hei den Text esou wéi en am Mémorial vum 27. Februar steet ouni drop anzegoen; dat ganz Drëm an Drun, dat kënnt an der Nummer 17.



### **Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues.**

Nous JEAN, par la grâce de Dieu, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau;

Notre Conseil d'Etat entendu;

De l'assentiment de la Chambre des Députés;

Vu la décision de la Chambre des Députés du 25 janvier 1984 et celle du Conseil d'Etat du 7 février 1984 portant qu'il n'y a pas lieu à second vote;

Avons ordonné et ordonnons:

#### **Art. 1<sup>er</sup>. - Langue nationale**

La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois.

#### **Art. 2. - Langue de la législation**

Les actes législatifs et leurs règlements d'exécution sont rédigés en français. Lorsque les actes législatifs et réglementaires sont accompagnés d'une traduction, seul le texte français fait foi.

Au cas où des règlements non visés à l'alinéa qui précède sont édictés par un organe de l'Etat, des communes ou des établissements publics dans une langue autre que la française, seul le texte dans la langue employée par cet organe fait foi.

Le présent article ne déroge pas aux dispositions applicables en matière de conventions internationales.

#### **Art. 3. - Langues administratives et judiciaires**

En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières.

#### **Art. 4. - Requêtes administratives**

Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant.

#### **Art. 5. - Abrogation**

Sont abrogées toutes les dispositions incompatibles avec la présente loi, notamment les dispositions suivantes:

- Arrêté royal grand-ducal du 4 juin 1830 contenant des modifications aux dispositions existantes au sujet des diverses langues en usage dans le royaume;
- Dépêche du 24 avril 1832 à la commission du gouvernement, par le réf. intime, relative à l'emploi de la langue allemande dans les relations avec la diète;
- Arrêté royal grand-ducal du 22 février 1834 concernant l'usage des langues allemande et française dans les actes publics.

Mandons et ordonnons que la présente loi soit insérée au Mémorial pour être exécutée et observée par tous ceux que la chose concerne.

Château de Berg, le 24 février 1984.

**Jean**

*Le Président du Gouvernement,*

*Ministre d'Etat,*

**Pierre Werner**

*Le Ministre de la Justice,*

**Colette Flesch**

*Le Ministre de la Fonction Publique,*

**René Konen**



# Usprouch

déi vum Dr. Andreas Heinz, Univ.-Professor, Theol. Fak., Tréier, den 2. 12. 1982 gehale gouf, wéi eise Bëschof Jean Hengen, Eierendokter vun der theol. Fakultéit Tréier gouf. – Eise Bëschof huet och mat op Lëtzebuergesch geäntwert a gemengt de Riedner hätt mat sénger klenger Ried gewisen, datt e roueg Mataarbechter vun der »Actioun Lëtzebuergesch« kënnt sin. – Den Dr. A. Heinz as aus dem Bitburger-Land a kennt d'Lëtzebuergesch.

Léiwen Här Bëschof,

'T as mer gesot gin, 't wär gutt, wa bei dësem lessen dach och e puer Wuert geschwat géiwen. A mir hun drop gehal, fir dat an Ärer Sprooch, an der Sprooch vum Lëtzebuurger Land, ze maachen. Am Krees vu ménge Professorekollegen sin ech deen eenzeg, dee lëtzebuergesch schwätzt; zoudeems sin ech un eiser Fakultéit fir Liturgie zoustänneg.

Duerfir hun ech d'Éier an d'Freed, fir Iech, léiwen Här Bëschof, hei nach eng Kéier eise Merci an eis Gléckwënsch op Lëtzebuergesch ze soen. Mir wëllen domat weisen, datt dat, wat haut geschitt, iwwer dat Offiziellt eraus, wiirlech vun Hierze kënnt. Dese Jhest wëll en Zeeche si vun eiser Verbonnenheet a Frëndschaft mat Iech perséinlech, awer och en Zeeche vu Respekt a Sympathie fir Är Hemecht an Äert Vollek, fir eist Nopeschland Lëtzebuerg.

Dir huet Brécke gebaut, Brécke fir de Fridden a fir e gutt Mateneen. Dir huet d'Hand gereecht schons zou enger Zäit, wou di aner nach gezéckt hun: a wéi dacks huet Dir Brécke gebaut, wéi 't no dem Konzil drëm gaang as, an enger grousser internationaler Zesummenaarbecht eng däitsch-sproocheg Liturgie ze schafen.

Der Lëtzebuurger Kirech wënsche mer haut nach laang sou e Bëschof, deen et versteet, Brécken ze bauen – an eis wënsche mer nach laang sou e Frënd, an elo wëlle mer eist Glas erhiewen an drénken op de Bëschof Jean Hengen, den neien Eierendokter vun eiser Fakultéit, an op eng gutt Noperschaft tëschent Lëtzebuerg an Tréier!

Huelt et nët fir Eescht!

# Eppes

»Eppes an eppes as e Kazendreck«, seet de Volleksmond. Wann also 2x eppes e Kazendreck as, dann 1x eppes en halwe Kazendreck.

Wat e Kazendreck as, wësse mir; mä wësse mir och, wat en halwe Kazendreck as? Ech mengen et as onméiglech dat genee ze soen.

Do spillen aner Froe mat: Froe vum Ufank a vum Enn; Froe vum Satsin a vum Honger; delikat Froe vun der Verdauung, a wat weess ech soss nach.

\*\*\*

Esou eppes lieft nët méi, sot d'Fra, do stung se beim vreckten Hénkel. Recht hat se, dat muss ee soen, mä d'Fro, déi sech doraus ergët as dach di hei: As »eppes« e vrecktent Henkel?

\*\*\*

En huet eppes am Schna! Bedeit dat elo: En huet e Kazendreck am Schna oder e vrecktent Hénkel?

Et as fir nieft de Kapp ze kommen. Wann ee bis ufänkt iwwert e Wuert nozedenken, kann dat zu eppes féieren oder zu näischt; a wéi sot schon dee jonge Papp zu séngem Kolleeg:

»All Broutdag eppes Jonges do, wéi kommen ech deem Dénge no?«

Wann eppes fir een as, da kritt een et, et sief e Kazendreck, e vrecktent Hénkel oder eng Dose Kanner.

Fir der Saach en Enn ze maachen, géif ech Iech dann och nach séier eppes verroden. Dat ganz »Gë-eppes« geet mir fatzeg op d'Strëmp, an ech misst mech ferm iren, wann dat bei Iech nët de Fall wir.

René Kartheiser

\*\*\*

An do kann een nëmme soen: deen huet eppes lass! Wat as dat eppes da fir eppes? – Wat eppes! – An am Éislek beescht et "gett" a "jett" fir eppes, an "datt as mer gett"!

d'Red.



# De géien Hunger an enger aggressiver Welt

Ried vum Adrien Ries, Direkter bei der EG-Kommission zu Bréissel, gehale virun dem Lëtzebuurger UNO-Veräin, an der Stad, freides de 14. Oktober 1983.

Op der Welt liewen haut ongeféier 4,7 Milliarde Mënschen. Déi meescht wunnen an Asien: China eleng huet eng Milliard Awunner an Indien huet der iwwer 700 Milliounen. Et gin 1,2 Milliarden Amerikaner an ongeféier 500 Milliounen Afrikaner. Vun de 490 Milliounen Europäer sin der 270 Milliounen an der EG doheem, dovun 365.000 hei zu Lëtzebuerg. (1)

Op der Welt gin et 4,6 Milliarden Ha Akerland, Wisen a Weden: dorop zillen d'Mënsche Fruucht a Gromperen, Räs a Geméis, Uebst an Zocker; dorop hidden si hir Béischten, Kéi a Ranner, Geessen a Schof, Schwäin an Hinger. Eent duurch d'anert hätt also jiddereen ongeféier 1 Ha Land fir sech eppes fir z'essen ze maachen. Mir wëssen zimlech gutt heiriwwer Bescheed, well d'FAO, där hire Gebuurtsdag mir jo iwwermer feieren, e Jor-buch publizéiert, wou dat alles dra steet. (2)

Op der Welt wunnen d'Mënsche leider awer net ëmmer do, wou och Akerland läit. Nëmmen 2 Milliarde Leit liewe vum Akerbau a kënnen eppes fir z'esse fannen. Ëmmer méi Leit wunnen an de Stied a mussen hir Liewesméttel am Buttéck kafen. Et geet also net duer, dass Iesswuere produzéiert gin; se mussen och agepaakt, vun enger Plaz op déi aner gefouert, gelagert gin. Well et gët nëmmen ee Karschnatz am Joër, mä mir hätte gäre jiddereen Dag fréischt Brout. Mir brauchen dat Brout, wa mir iwwerliewe wëllen. Op een Haus, op een Auto, op Schong a Strëmp kënnen mer verziichten, mä net op Kalorien a Protéinen. (3)

Op der Welt as d'Akerland nach laang net iwwerall dat selwecht; net iwwerall gët et genuch Reen oder Sonn oder gudde Buedem. Dowéinst probéieren d'Mënsche fir der Natur nozehëllefen mat Mëschtes, Zären, Gewaassers, mat Medikamenter géint d'Krankhete vu Planzen a Béischten. Si hun och Maschinnen erfond, déi d'Aarbecht méi séier a méi lücht maachen. Si hun nei Zorte Planze gezillt an nei Rasse Béischten, déi sech besser un déi verschidde Klimaën oder Biedem upassen. Esou kënn et, dass zum Beispill an der EG een Ha Land genuch z'esse mécht fir bal dräi Awunner; ëmgedréint wüsst bal näischt op de 900 Milliounen Ha vun der Sahara.

Op der Welt gët et, zënter déi kleng Inseln St.Kitts a Nevis (4) dëslescht onofhängeg gin sin,

176 Staten. Lëtzebuerg as emol net dee klengsten dovun. Déi meescht State si Member vun de Vereenten Natiounen. Gené 158 Staten hu bis elo d'UNO-Charta ënnerschriwwen a missten sech also fir de Fridde op der Welt asetzen. Als Member vun der FAO missten si sech krepéieren, fir dass hir Leit genuch hannert d'Knäpp kréichen.

Op der Welt awer stierwen all Joër 50 Milliounen Mënschen den Hongerdoud, dovun 30 Milliounen Kanner. (5) Wësst Dir wat dat as, den Hongerdoud? Ech weess et net, well esouguer am leschte Krich hate mir um Duerf ëmmer genuch z'essen. Op der Welt leiden 250 Milliounen Kanner Hunger, dat heescht: si kréien eppes z'essen, awer net genuch. Wësst Dir wat dat as, wann een ëmmer hongereg as, wann ee kees sat z'esse kritt? Ech weess et nëmme vum Héiere soen: wéi eist Shanti aus Indéi koun, dunn huet hatt gutt dräi Méint gebraucht fir mol richteg sat ze gin.

Op der Welt gin awer all Joër fir iwwer 600 Milliarden Dollar Panzer a Kanounen kauft. Wësst Dir wéivill Weess een duerfir kréich? Ech hun et mol ausgerechnet: méi wéi 600 Milliarden Dollar op der Welt gewuess as. Op der Welt hun déi eng zevill a geheien, wat se zevill hu wech, déi aner hun net genuch, wann se iwwerhaupt eppes hun. Dës Woch leien zum Beispill bal 800.000 Tonne Botter an de Frigoë vun der EG; mir hun och iwwer eng Millioun Tonne Moermëllechpolder op Lager an 360.000 Tonne Rëndfleesch.

Dir Dammen an Dir Hären,

't as net fir näischt, dass ech dës Ried mat "de géien Hunger an enger aggressiver Welt" iwwerschréiw hun. De géien Hunger as grad esou iwwer eis Welt verdeelt wéi d'brutal Aggressivitéit. Een deen aneren an d'Schnëss schloën, schéngt méi lücht ze si wéi een deen aneren ze fidderen. 25 Milliounen Zaldote gin et op der Welt. Méi wéi eng Milliard Mënsche liewen a Länner mat enger Militärregéierung. Fir Uniformen, Flënten a Munition as ëmmer Geld do, och wann nieft den Zaldoten soss keen eppes fir hannert d'Knäpp huet.

Dräi Froë géng ech gären haut den Owend hei upaken: (1) as et wouer, dass eis Welt genuch Iesswuere fir 5 oder 6 Milliarde Mënsche produzéiere kënn? – (2) fir wat leiden dann awer esouvill Leit Hunger? – (3) wat kënnen, wat solle mir maachen, fir dem Hunger an der Welt ee fir allemol lass ze gin? Wann ech soë "mir", da mengen ech Iech a mech, eist Land, d'EG, d'UNO, d'politesch



Parteien, d'Kiirchen, d'Logen, déi sougenannte Service Clubs, d'Veräiner an nach vill aner.

### As et wouer, datt eis Welt genuch Iesswure fir 5 oder 6 Milliarde Mënsche produzéiere kënn?

Ouni ze zécken äntwerten ech op dës Fro: jo! eis Welt huet genuch Ressourcen, fir all Mënschen z'iessen ze gin. Frot eis Baueren: si klären Iech gären op iwwer den technesche Fortschrëtt, iwwer Planzenzorten a Béischterassen, iwwer Maschinnen a chemesch Behëllefsmëttel. Reest bis an Israel a loosst Iech weisen, wéi een an der Wiist Neguev Blummen a Kotténg zille kann oder wéi ee mat ganz wéineg Waasser vill a laang netze kann. Vlächicht huet Dir e Koséng an Amerika: loosst Iech mat an d'Salinas Valley huele fir do ze gesi wéi ee fënnemol an engem Joër op deem selwechte Buedem Geméis zille kann. Oder kuckt Iech mol eng Ozeanplantage un: ënner dem Mier kënne genug Protéine produzéiert gi fir Milliounen Mënschen z'iessen ze gin.

Dir gesitt: ech sin een Optimist. Ech kennen awer déi vill pessimistesch Prognosen, déi e bësschen iwwerall gebuer a verbreet gin. (6) Natiirlech, wann ech d'Entwécklung vun dene leschten zwanzeg oder fofzeg Joër linear oder exponentiell fortschreiwen, da kommen ech gären op 6 Milliarde Mënschen am Joër 2000, op 8 Milliarden am Joër 2020 an op 10,5 Milliarden um Enn vun dem anere Jorhonnert. Natiirlech, wann ech dene Gréngen nolauschten an op déi selwecht Manéier Prognosen iwwer de Knascht an der Loft, am Waasser an am Buedem maachen, da kommen ech séier op dee Moment, wou kee méi ootme kann, wou kee Fësch méi schwamme kann, wou néierewou méi eppes wiisst.

Zum Gléck huet Eiser Härgott d'Mënschen, d'Déieren, d'Planzen, d'Natur awer geléiert, sech ëmmer rëm un nei Ëmstänn unzepassen. Wann eng Geför besteet, dann as et déi, datt ee Vollidiot op e Knapp dréckt an d'ganz Welt an d'Luucht sprengt. Zevill Mënschen? Et wäerd schon nët fir näischt sin, datt d'Mënschen, jhust an deem Ament, wou se riskéieren zevill ze gin, Mëttelen erfanne fir d'Natalitéit an de Grëff ze kréien. Zevill Knascht? Et wäerd schon nët fir näischt sin, datt d'Mënschen iwwerall am Gaang sin, eppes géint d'Pollutioun an de Stied, op de Stroossen, an der Luucht ze maachen.

Fir vun deem Sektor ze schwätzen, deen ech am beschte kennen: mengt Dir vlächicht, e Bauer wir domm genuch fir ech weess nët wat fir een Dreck op séng Stécker ze puchen? A wa mol een iwwer d'Sträng schléit, da päift d'Natur hie séier rëm. Mat Vergewaltengongen as nach keen en Här gin! Loosse mer awer och nët an deen aneren Extrem falen. Zu Bréissel hu mir eis jorelaang iwwer d'Minimalgréisst vun engem Héngerjuck gestriden. Bis dann elo gescheit Proffe rausfond hun, eis Klucke géngé léiwer Äer an engem enken Héngersilo wéi an engem gewéinlechen Héngerstall leën. Bis elo as nach keen un enger Gebäaschmier oder un engem Patt Mëllech gestuerwen, nët Dir? Mä op der Strooss as scho méi wéi ee leie bliwwen a méi wéi een huet sech schons versoff oder verfriess. Vlächicht sollte mir eis eppes méi ëm eis Kanner an eis al Eltere bekëmmern amplaz ëm d'Hénger, d'Honn an d'Kazen.

Wou géng dat higoën, wann eisen Akerbau misst ëm honnert Joër hannerzeg goen? Loosse mer dach verstänneg sin: et denkt och kee Mënsch drun d'Zich, d'Autoën an d'Fliger ofzeschaffen, well all Schaltjoër mol een Zuch entgleist, well d'Vollerten nuets an d'Beem rennen oder well d'Russen e südkoreanesche Jumbo mat 269 Leit erofgeschoss hun.

Op eiser Welt gët et Land genuch, fir méi Liewesmëttel ze produzéieren, wéi mer der brauchen. Nieft dene 4,6 Milliarden Hektar déi an der Produktioun stin, gin et nach gären eng bis zwou Milliarden Hektar Land, déi mir ouni vill Gedäasems an d'Produktioun kënnte ranhuelen. (7) Och technesch Mëttel sti fäerdeg do; se brauchen nëmme gebraucht ze gin. A wann et nët duer geet, da brauchen déi räich Industrielänner nëmmen op de Luxus vum Fleeschkonsum ze verziichten: déi vill Kalorien a Protéinen, déi do verpolfert gin, gëngen duer goen, fir all déi Mënschen ze fiddere déi haut Honger leiden.

Wéi gesot, mir Europäer hun nëmmen 100 Milliounen Ha Land, mä mir produzéieren dorop genuch Liewesmëttel fir bal 300 Milliounen Leit. D'US-Amerikaner hu véiermol méi Land wéi mir a sin de gréissten Exportateur vun Iesswuren op der Welt. D'Russen hu sechsmol méi Land wéi mir, mä si bréngen et awer nët ronn, hir 270 Milliounen Leit domat ze fiddere; ëmmer rëm musse si Weess oder Botter, mol hei, mol do, bäikafen. Dës Beispill bréngt mech op méng zweet Fro:



### Fir wat leiden dann awer esouvill Leit Hunger?

Oder: fir wat hun déi eng zevill an déi aner nâischt oder nêt genuch? Sin de Russen hir 600 Milliounen Ha Land manner wâert wéi eis 100? Sin d'Araber méi domm wéi d'Israelis, d'Australier an d'Neiseelänner besser Bauere wéi d'Inder oder d'Indonesier, d'Südafrikaner technesch méi raffinéiert wéi d'Rodesier oder d'Zairesen? Oder huet et eppes dermat ze din, datt déi kapitalistesche Industrielänner déi rächste Länner vun der Welt sin an ëmgedréint d'Entwécklungslänner aus der drëtter Welt déi aremst?

Loosse mer mol probéieren, där Fro op de Fong ze goën. Wéi ëmmer an iwwerall op dëser Welt, spillt de Portemonni eng wichteg Roll. Wie Mënz huet, ka sech ee Beefsteack leeschten; wie keng Mënz huet, duerf sech de Fanger an de Mond stiechen. Och an de räiche Länner gin et hongreg Leit; do gët awer probéiert, de Stat esou ze organiséieren, datt och dee leschte Clochard nach enzwousch eng warem Zopp kritt.

D'Akommes vun de 4,7 Milliarde Mënsche kann ee mat engem Kuch vergläichen, deen ongeféier 9.000 Milliarden Dollar wâert misst sin. An de räichen Industrielänner liewen zwar nëmme 700 Milliounen Mënschen (manner wéi 20% vun der Weltbevölkerong), mä mir zerwéieren eis awer ee Stéck vum Kuch dat 64% grouss as. Fir den Ostblock a China bleiwen dann nach 19% (1,4 Milliard Awunner) a fir d'Entwécklungslänner 17% (2,6 Milliarden Awunner). Vill Länner sin also vill ze arem, fir sech genuch Iesswure kënnen ze leeschten. D'Wueren gin dann dohi verkaaft wou Suë sin. Esou kënnen mir eis dann de Luxus leeschte fir d'Halschecht vun der Fruucht, déi op der Welt wësst, un eis Béischten ze verfiddere. Jidder Kilo Fleesch kascht ëmgerechent 10 Kilo Fruucht. All Kéier, wa mer Fleesch iessen, huele mer also den Aarmen hiirt Brout. Dobäi si mer iwwerfiddert a leide mer un ech weess nêt wéivill Boboën, déi vun dem villen Iessen an Drénken ugestiwwelt gin.

Dat as awer nach nêt alles. Mir, déi Räch, iessen nêt nëmme vill a gutt, mir forcéieren déi méi arem Länner – well mir d'Suën hun – fir eis bëllege Kaffi, Téi, Kakao, Bananen, Soja, Maniok asw. ze produzéieren. Amplaz Iesswure fir hir Awunner ze maachen, gebrauchen si hiirt gutt Land fir den Export. Muench multinationale Konzern spillt dobäi eng knascheg Roll.

Déi arem Länner liewen an engem richtegen Däiwelskrees. Am Export verdéngen se nêt genuch, fir hir Importrechnonge fir Petrol an Iesswuren ze bezuelen; si verscholden also ëmmer méi, gin also ëmmer méi arem. Doheem sin d'Leit ze schlecht drun, fir dem Bauer kënnen en anständeg Präs fir séng Wueren ze bezuelen; de Bauer selwer as weder technesch ënnerriicht nach ekonomesch genuch op der Héicht fir eppes méi wéi gewéinlechen Subsistenzakerbau ze bedreiwen. Wou keng Kafkraaft as, do gët nâischt kaaft; wou nâischt kaaft gët, do gët nâischt investéiert; wou nâischt investéiert gët, do gët nêt vill produzéiert; wou nêt vill produzéiert gët, do as keen Akommes a keng Kafkraaft.

Leider as den Owend keng Zäit, fir vun all dene villen Ursaachen ze schwätzen, déi an den aarme Länner um Hunger Schold sin: de Fatalismus, d'Dommheet, d'Land dat futti gemaacht gët, déi helleg Kéi asw. Op zwou Saache muss ech awer hiweisen.

Do as mol fir d'éischt déi verréckte Konzentratioun vu Milliounen Mënschen an opgestécktevolle Bidonvillen wéi Mexiko, Calcutta, Bombay, Kairo, Djakarta, Seoul, Manilla, Karachi, Bogota, Lagos. Amplaz doheem um Land ze bleiwen, wou se op d'manst eppes géint den Hunger maache kënten, renne Milliounen Leit wéi bëseleg op déi enorm Stied lass an der dacks falscher Hoffnung do hiirt Gléck ze fannen. Amplaz dat wéinegt Geld, wat se hu fir d'Entwécklung vum platte Land ze gebrauchen, stiechen d'Regéieronge bal alles, wat se hun a wat se kréien, an d'Waasserkäpp vu Groustied, déi ni an nëmmer sat ze kréie sin. Am Joër 2000 solle 70% vun de Mënschen op dëser Welt an nëmmen 8 Länner wunnen: China, Indien, Indonesien, Brasilien, Bangladesh, Pakistan, Nigeria a Mexiko. As et Iech opgefall, datt jhust do, an dene Länner, déi gréisst an déi meeschte Bidonville leien?

Déi zweet Saach as dee gréisste Skandal deen d'Welt sech leescht. Vill Länner hun zwar nêt Suë genuch, fir hir Leit ze fiddere, mä se fannen a kréien och ëmmer rëm Mënz fir nei Waffen ze kafen. Se hu keng Schoulmeeschtere fir hire Baueren d'ABC vum Akerbau bäizebréngen, mä se fannen a kréien och ëmmer rëm Instrukteren, déi hir Zaldote léieren, wéi een aner Leit doutschéisst. Gewéinlech sin déi aner Leit vun den ech schwätzen och nach Biirger aus dem egene Land. Där Feldmarschall Idi Aminen oder Käser Bo-



kassaen gin et leider méi wéi mer mengen. Wat hun all déi Länner mat hirer Fräiheet ugefaang? Zou wat déngen déi vill international Organisations? As et nët fir mam Kapp an eng Mauer ze rennen, wann ee gesäit wéi déi Heepst Milliarden an d'Schwäiz oder soss enzwousch fortschlefen andeems hir Leit doheem de géien Hunger leiden? Vill Leit mengen, nëmmen ee kommunistesche Regime kënnt do opräumen. Well, sou soe si, an de kommunistesche Länner besteet keen Hunger. Och wann ee scho mol virun der Buttécksdire muss an der Schlaang waarden, et krit ee sat z'essen. A China stierft kee Mënsch méi vun Hunger, och wann do keen sech en décke Bauch zille kann. Dat as alles wouer. An den Ostblockstaten, a China an an denen anere kommunistesche Länner gët prioritär derfir gesuergt, datt d'Leit z'esse kréien, datt se Kleider hu fir unzedin, datt se een Daach iwwer dem Kapp hun.

Leider heescht dat awer nët och, datt d'Kommunisten och eng Léisong fir d'Produktioun vu Liebesmëttele fond hätten. Russland as bal ee Schoulbeispill derfir, wéi een et nët soll maachen. Wéi gesot: si hu sechs mol méi Land wéi mir, si hun de know-how, d'Maschinen, d'Gemëschts wéi mir, si ware mol de Weesspäicher vun Europa, mä ouni den Amerikaner hire Weess missten si de Rimm nach vill méi enk zouzéien. Wourun hänkt et dann? De leider ze fréi gestuerwenen Albert Borschette huet mer mol erzielt, datt hien am Fliger tëscht Kiew a Moskau eng Dosen al Dittie begéint huet: si hate Kierf voll frësch Äer, Botter a Geméis, déi si um schwaarze Maart zu Moskau verkafe wollten. Ech hu mir du gesot: do as eppes nët an der Rei. Ee Kolkhoz as kee Kibbuz, nët wouer? a schon iwwerhaapt kee Bauerenduerf, wéi mir se kennen.

Mir schénge et also, wéi wann och d'Kommunisten nach nët de richtege Wee fond hätten. Huet iwwerhaapt schon een d'Léisong fond?

### **Wat kënnen, wat solle mir maachen, fir dem Hunger an der Welt ee fir allemol lass ze gin?**

Mir an de westlechen Industrielänner produziéieren méi lesswure wéi mer der brauchen. Mä mir müssen eise Kascht awer och deier genuch bezuelen. Dee Präis, dee mir am Buttéck fir d'Brout, de Botter, de Räis, d'Fleesch berappen, dee ka soss kee Mënsch sech op der Welt leeschten. De Problem

vun eise Bauere besteet duerfir nët dran, méi ze produziéieren, mä doran, nët méi ze produziéieren wéi een um Maart lass gët.

Déi grouss Diskussioun ëm d'EG-Akerbaupolitik, déi well am Gaang as an ufanks Dezember soll zu Athen op een Enn goën, dréit sech drëm, wéi mir hei an Europa manner Mëllech, manner Rëndfleisch, manner Olivenuech, manner Weess, manner Wäi produziéieren kënnen, ouni datt et dofir eise Bauere méi schlecht goë soll. Well eis Akerbaupolitik kascht ze deier: ëm 700 Milliarden eiser Frang dëst Joër. Loosse mer awer éierlech sin: et as méi liicht, fir mat "zevill" wéi mat "nët genuch" fäerdeg ze gin. Well, och wa muer oder iwermuer keen eenzeg Schëff méi iwwer den Atlantik kënnt, huet awer jiddfer Europäer genuch Brot, genuch Mëllech, genuch Zocker fir ze liewen, vläicht esouguer fir méi gesond ze liewen.

Fir wat, froen d'Leit, loosse mer eis Baueren dach nët einfach drop lass produziéieren a gin denen arme Länner alles, wat mir zevill hun. Wier dat nët mol fir unzefänken eppes gemaach?

Leider as et nët esou einfach wéi et sech ugesäit. Mir produziéieren nët nëmmen zevill, mä och ze deier. Bei eis kascht ee Kilo Weess duebel souvill wéi an Amerika; fir ee Kilo Weess brauch en amerikanesche Bauer honnertmol méi Petrol wéi en indischen. Neen, wa mir déi Süen déi eis Zevillproduktioun kascht wëlle géint den Hunger an der Welt asetzen, da musse mer dene Leit dohannen hëllef, selwer méi Liebesmëttele ze produziéieren. Dat soll nët heeschen, datt mir keng lesswure méi solle gratis dohi schécken, wou den Hunger am schlémmsten as. (8) Wann et brennt, rífft een d'Pompjeën. Mä et duerf a kann nët ëmer brennen. Soss geet d'Welt ënner!

Fir wat, froen d'Leit, verschenke mer nët all dee Botter, all dat Mëllechpöf, all dat Rëndfleisch dat mir zevill hun? Dat wier dach méi gescheit wéi all dat Geschir ze lagere oder esouguer futti goen ze loosse?

Leider as och dat nët esou einfach wéi et sech ugesäit. Wéi wëllt Dir Leit mat Botter fiddere, déi kee Botter iessen? Wéi wëllt Dir Mëllechpöf an engem Land ënnert d'Leit bréngen, wa keng Molerei do as fir aus dem Pöf Mëllech ze maachen oder kee proppert Waasser oder keng Behälter oder Fläschen? Wéi wëllt Dir frëscht Uebst oder Geméis – Äppel oder Schufflör – soë mer mol an de Bangladesh bréngen an do verdelen? D'Liebesmëttelehëllef as eng gutt Saach, mä si funktio-



néiert praktesch nëmme bei Weess ouni zevill Problemer. Weess lagert sech gutt, Weess léisst sech liicht transportéieren, Weess gët Brout a Brout gët iwwerall giess.

Virun e puer Deg as hei um Kiirchbiereg d'Verhandlung fir eng nei Konventioun tëscht der EG an den AKP-Länner ugaang. Do sot den Edgar Pisani: "Déi eenzeg Strategie, déi mir zéng Industriestate verfolge kënnen, as déi vun der Entwécklung vum ländleche Raum a vun der landwirtschaftlecher Produktioun an den Entwécklungslänner. Et gët nëmme eng Prioritéit: do genuch Liewesmittele produzéieren, wou d'Leit Hunger hun."

Dat kléngt groussaarteg, wäert Dir soën, mä wat kënnen mir maachen? D'Lëtzebuerger Jongbauere a Jongwënzer bedreiwe scho säit ville Joëren Entwécklungshëllef an Afrika. Si schécken deen een oder anere fräiwëllege Member dorower – nët op Kinshasa oder op Nairobi – mä an d'Brousse, do wou d'Bauere liewen. Dës jong Lëtzebuerger probéieren dat wat de Club vu Roum als déi eenzeg Méiglechkeet ugesäit, fir dës Leit ze hëllefen.

Wann Dir nach eng Minutt Zäit huet, géng ech Iech gären eppes iwwer dës Strategie vum Club vu Roum a vun de Lëtzebuerger Jongbaueren erzielen. Déi arem Länner musse selwer méi Liewesmittele produzéieren. Mir mussen hinnen dobäi hëllefen éischens mat der Erzéiung, zwetens mat der Gesondheet an drëtzens mat der Akerbautechnik. Nët den eenzelne Bauer mä d'Duerf, d'ländleche Gemeinschaft soll den Träger vun der Entwécklung sin. D'Entwécklungstechniker mussen op d'Plaz fueren: pro Regioun mat 50.000 Leit kéim eng Equipe, mat engem Dokter, engem Schoulmeeschter, engem Agronom an... enger Fra. Nët Suën, nët Maschinnen, nët Autoën, nët Betongsgebaier a Makadamsstroossen sin déi éischt Prioritéit; dat eenzezt, wat zielt as de Mensch, dee bereet as fir op d'Plaz ze fueren an de Leiden do säi Wëssen a séng Experienz matzedelen, hiirt Vertrauen ze kréien, hinnen e Beispill ze gin.

Mir hu kee Militärdéngscht hei am Land. Fir wat gin eis jong Leit nët an d'Entwécklungshëllef? Mir hu jong a manner jong Leit, déi ouni Aarbecht sin. Füllt kee vun hinne sech beruff, e puer Joër do ënne matzemaachen? Fir wat sin eigentlech nëmme d'Jongbaueren um Dill an nët och d'Jongaarbechter, d'Jongbeamten, d'Jonghandwierker, d'Jonggeschäftsleit?

Mir feieren dëser Deg den drëtten Welternierungsdag. De Welternierungsdag markéiert de Geburtsdag vun der FAO, déi den 16. Oktober 1946 zu Hot Springs am USA-Staat Virginia gedeelt gouf. Dësen Dag soll eis Mënschen op der ganzer Welt drun erënneren, datt jiddferee Recht op genuch z'iessen huet. Ech soen et nach eng Kéier: jiddfer Mënsch soll genuch z'iesse kréien. Mir mussen dofir eppes ënnerhuelen; et geet nët duer, schéi Rieden ze halen oder gescheit Bicher ze schreiwen. Et muss eppes passéieren!

Natiirlech as näischt méi leicht wéi e groust Kräiz ze maachen an eiser Regéierung, der EG oder der UNO de swaarze Péiter an d'Hand ze drécken. Den Hunger an der Welt geet eis all eppes un. Esou wéi de Krich, d'Rüsten an d'Ofrüsten eis all eppes ugeet. Wa mol géint den Hunger esouvill protestéiert kënnst gi wéi géint Atomzentralen an Atombommen oder Rackéiten, da géng vläicht méi passéieren.

Jiddfereen dee wëllt, kann eppes maachen. Ganz konkret esouguer! D'Geleënhete leien op der Strooss. All Dag stin d'Zeitung voll Artikelen iwwer d'FAO, WHO, UNRWA, Caritas, Rout Kräiz, Misereor, BfW, Terre des Hommes (9). Ball all Sonndeg gët fir eppes opgehuewen. Wien et wëllt, ka Pätter oder Giedel vun engem Kand an Asien oder Afrika gin. Ech hun Iech d'Beispill vun de Lëtzebuerger Jongbauere gin, well et beweist, datt och eppes virun eiser viischter Dir geschitt.

Natiirlech kann eng weltwäit Entwécklungspolitik nëmme vu groussen Organisatiounen operéiert gin. Ob Dir et awer gleeft oder nët, och bei de groussen Organisatiounen kënnst et op den Eenzen un. Et gët näischt Anonymes op der Welt; mir erfannen dat nëmme, fir eis derhanner ze verstoppfen.

Dat anert Joër si Walen hei am Land. De Lëtzebuerger Staat gët duerno sou wéi mir 'en de 17. Juni 1984 maachen. D'EG as nëmme wat déi zéng Memberstaten draus maachen, nët méi, nët manner. D'UNO as och nët fir näischt déi grouss Schnëssbud déi mir kennen: wann déi meescht vun den 159 Memberstate léiwer iwwer Israel wéi iwwer den Hunger an der Welt schwätzen, dann as dat eben esou.

Mir awer mussen nët mengen, mir dierften doran een Alibi fannen. Soss geet et eis wéi dem Berthold Burkhardt, deen dësen Text geschriwwen huet:



"ech war hongreg  
an dir huet äre Béischte mäin lessen  
dohigehäit

ech war hongreg  
mä dir wollt nët op äre Beefsteack aus  
Südamerika verziichten

ech war hongreg  
an är Konzernen hun a ménge Gäert  
Wantertomate fir iech gezillt

ech war hongreg  
mä do wou Räis kënt fir mech wuesse gët  
Téi geplantz

ech war hongreg  
mä dir huet aus dem Zoocker an dem  
Maniok Benzin fir är Autoë gemaach

ech war hongreg  
mä dir huet mir mat äre Suën d'Isse virun  
der Nues wechkaaft

ech war hongreg  
awer dir huet mir näischt z'iesse gin."

Ech soën Iech merci!

## E puer Explikatiounen

(1) Fir 1981 fanne mer am Jorbuch vun der FAO folgend Zifferen:

Länner	Awunner (Mio)	Akerland a Wäsen (Mio Ha)	Ha pro Awunner
Lëtzebuerg	0,365	0,130	0,35
EG	270	102	0,38
USA	237	428	1,80
UdSSR	268	606	2,26
Europa	486	228	0,47
Amerika	627	1.119	1,94
Afrika	484	965	1,99
Asien/Ozeanien	2.648	1.571	0,59
Welt	4.513	4.569	1,01

(2) FAO = Food and agriculture organization of the United Nations; Organisation des Nations Unies pour l'alimentation et l'agriculture; Welternährungsorganisation der Vereinten Nationen.

(3) Fir ze iwwerliewe brauch de Mënsch Energie (eppes manner wéi 3.000 Kalorie pro Dag), Protéinen (mindestens 100 Gramm pro Dag), Mineralstoffer (zum Beispill Eisen) a Vitaminen.

(4) St. Kitts a Nevis, zwou Inseln aus der Karibik, mat 44.500 Awunner, déi op 263 Km<sup>2</sup> (ongeféier de Kanton Wolz) wunnen, sin den 20. September 1983 vun den Engländer als 176. onofhängege Stat op dëser Welt proklaméiert gin.

(5) Et gët ugeholl, datt 50 Milliounen Leit, dovun 30 Milliounen Kanner am Joër vun Honger stierwen, datt 450 Milliounen schwéier Honger leiden an datt 550 Milliounen schlecht, falsch oder nët genuch z'iesse kréien.

(6) De Club vun Roum as der Menong, datt d'Entwécklungs-länner sech nët selwer fiddere kënnen, weder an den achtziger oder nonzeger Joëren nach bis zum Joër 2.010, well do d'Zuel vun Awunner méi séier klëmmt wéi d'Produktioun vun Iesswueren. Bekannt Ekonomisten wéi den Tinbergen oder de Leontief awer sin dervun iwwerzeegt, dat och an dene Länner genuch Reserve kënn mobiliséiert gin, wann déi Heepst dat als Prioritéit Nummer 1 ugeséien.

(7) No der FAO as d'Welt 13.075 Milliounen Ha grouss, dovun 4.569 Milliounen Ha Akerland a Wäsen, 4.093 Milliounen Ha Bësch an 4.413 Milliounen Ha aner Flächen.

(8) D'lescht Joër huet d'EG an déi zéng Memberstaten folgend Quantitéiten Liewesmittelen an ongeféier 50 Länner geschéckt: 1,7 Milliounen Tonne Fruucht, 42.000 Tonne Butteroil, 150.000 Tonne Mëllechpolver. Dat entsprecht engem Budget vun 390 Milliounen Dollar, zu Weltmaartpräisser. An enger Konvention vun 1980 huet d'EG op sech geholl fir all Joër 1.650.000 Tonne Fruucht ze liwweren, d'Amerikaner 4.470.000 Tonnen an déi aner Länner 1.472.000 Tonnen. 1981 goufen op der Welt 460 Milliounen Tonne Weess a 792 Milliounen Tonnen aner Fruucht ragefuer.

(9) WHO = World Health Organization.

UNRWA = United Nations Relief and Works Agency for Palestine Refugees in the Near East.

BfdW = Brot für die Welt.

(10) Hei nach eng kleng Bibliographie:

FAO: world food programme, 1983

fao production yearbook, 1981

foodcrops and shortages, 1983

food outlook, 1983

Daldrup / Al Shafie: Ernährungssicherung und Nahrungsmittelhilfe, 1981

Bourrinet / Flory: L'ordre alimentaire mondial, 1982

Höcherl: Die Welt zwischen Hunger und Überfluss, 1969

Groeneveld u.a.: Rurale Entwicklung zur Überwindung von Massenarmut, 1978


OCDE: Interfutures "research project on the future development of advanced industrial societies in harmony with that of developing countries".

RfdW: Hunger durch Überfluss, Arbeitsheft 1982/83.

Labonne: Sur la question alimentaire en pays pauvres, 1981.



## Eng aner Lëtzebuerger Hochzäitskaart!



### Vill Gléck zu Ärer Houchzäit!

*Eiser Härgott géf Iech  
all säi Segen an de Fridden  
am Häerz an am Haus,*

*sid léif mateneen  
a gutt zu Äre Kanner,*

*richteg Frënn solle Freed a Leed  
mat Iech delen,*

*all Mënsch soll Trouscht an Hëllef  
bei Iech fannen,*

*hieft Freed un Ärer Aarbecht,  
ma lieft nët jhust fir ze schaffen,*

*huel Iech Zäit fireneen  
a fir Wäerter, déi bleiwen.*

Duebel, am 4-Faarwen-Drock (Keramik: Ch. Schmit – Photo: A. Lutgen).

Si stellt de Brautseggen duer mam Text aus der Liturgie; si gët erausgi vun der ACML zu Gonschte vun der "Entwécklongshëllef" vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer bei Geleënheet vum 25. Joresdag vun hirem Engagement an Afrika.

Si kascht 45 Frang (bei 50 Stéck: 40 Frang – Porto abegraff), an et kritt ee se wann een d'Suen op de Postscheck No 4008-31 vun de Jongbaueren a Jongwënzer, Lëtzebuerg iwwerweist oder bei der ACML, p.a. Léon Kirsch, 5, Avenue Marie-Thérèse, L-2132 Lëtzebuerg, bestell.

\*\*\*

**D'AL huet Gléckwonschkaarte** fir Hochzäiten, Kanddaf, Doudesfall, gezeechent vum O. Nalezinck. Se kaschte 25 Frang d'Stéck.



Jeanine Theis-Kauth

# De Summer ouni Rousen

Am Heemount goufen d'Blieder giel. An Zäit vun zwou Wochen hun d'Äscht sech sprenzeg géint de klore Summerhimmel ofgezeechent. D'Rouseknäpp si verdréchent, ir se d'Sonn an hire seidege Schouss opgehallen. Onroueg a bësseg Honn hun Dag an Nuecht gehault. D'Kaze ware scho virun engem Strapp all ugeréckt.

Wéi ech der Nopesch e Päckelche gedroen hu fir hire Puppelchen, hat si rout verkraschen An. Ouni e Wuert erauszekréin, huet si mer d'Hand gedréckt an as zréck an d'Haus gelaf. D'Këndche krut ech nët ze gesin. Ech hätt et sou gär op den Aarm geholl a mer e Moment virgestallt, 't wir mäint. Ech duerf keng Kanner ze wëllen, well ech ze no bei Kattenéng gewunnt hun, deemools, wéi se d'Atompann haten. Mer sin duerno fortgeplënnert... awer Kanner duerf ech keng ze wëllen. Ech misst frou si, sot den Dokter, datt d'Wëssenschaft a bestëmmte Fäll eng Mëssgebuert virausgesäit.

Ech duerf nët ze wëllen... Ech muss frou sin...

Di jong Mammen dron d'Kanner nët méi an engem faarwegen Duch duerch d'Stroossen an duerch de Park. Si leën se nees a Kutsche, wéi dat viru ville Jore Moud war; d'Frippercher maache Bommegegeschäfte mat ale Kannerkutschen. Ech wëll ëmmer dra kucken. Awer d'Kënnercher si ganz zougestoppt, och elo an deer Hëtzt.

A kuerzer Zäit as villes anescht gin – a mir am allermeeschten. Mer laachen nët méi, wa mer Frënn begéinen. Mer plangen näischt méi. D'Buttcker, d'Schwemm an den Theater sin eidel. Mat groe verdrëssleche Gesichter ploer mer äis uechter den Dag.

Mer si midd a fannen iewer nuets keng Rou. D'lescht, wéi d'Schlofpëllen all verkaaft waren, hun ech gesin, wéi eng Fra aus der Apdiikt gelaf as a sech ënnert en Auto gehäit huet. Iwwerhaupt, zënter e puer Wochen, huele vill Leit, jonker an aler, sech d'Liewen: de Carlo hu s'aus dem Séi gefëscht, d'Marlène as vun der Bréck gesprong, de Pierre a séng Fra hu Géft geholl. Dat sin déi, un déi ech mech erënnere. Ech vergiessen ewell sou sëllegen.

Wéi d'Päerd an der Reitschoul eent nom aner krëpiert sin, goufen Experten an eis Stad geschéckt. Mat raffinéierten Apparaten hu se den Dreck an der Loft an am Grondwaasser ënnersicht, de Kaméidi, d'Fiichtegkeet an d'Temperatur gemooss. Si hun eis Bluttprouwe geholl, de Bols gezielt, eis Dreem opgeschriwen an de Kapp gereselt. – Mer waren all an engem Summer zwan-

zeg Jor méi al gin, an 't schéngt, 't geet esou mat eis virun.

"Firwat?" hu mer gefrot. Wéi wann eng Äntwert eppes notze kënnt. Wéi wann et hëllef géif, datt mer elo wëssen, 't huet eng friem Kraaft op äis agewiirkt, eng friem Kraaft vu wäit aus dem Kosmos.

Wat geschitt mat eis? Wat hu mer nach vum Liewen ze gutt? – 't gi Schëlleren a gescheit Gesiichter gezun. Fouere Vitaminen a Berouegongsmëttel gin erbäigeschaaft. Mer hun ewell en eegenen Tëlevisiounsprogramm: nëmme lëschtteg Filmer an dërtëscht Priedegten, fir äis mat engem grouse Gléck nom Doud ze tréischen.

Am Spëdol an am Krematorium packe se d'Aarbëcht nët méi. 'T kënnt keng friem Hëllef vu bausen. Du mengs mer hätten d'Pescht. Nëmme d'Déif bréngen äis Ofwiesslong. Ongenéiert brieche s' an déi bewunnt an och an déi eidel Haier an, schlefe fort, wat nët ugewuess as, a mer kucken no an hu keng Kraaft äis ze wieren. Mer fäerten, wa s'opkräizen, an iewer freë mer äis, datt si äis en Zeechen aus der normaler Welt verschafen. An deer Welt gët geschafft, geplangt, gestuel – gelieft.

Fir d'Wëssenschaft bleiwe mer en interessante Fall; eng Parti Leit mat Kanner gouwen evakuiert. Si wunnen an engem Ghetto, leide keen Hunger, a, wa se de Wanter erlieden, kréie se hir Zëmmer bis zwanzeg Grad gehëtzt. (D'Mierschwéngerchen an engem Labor léisst och kee mutwëlles futti gon). 'T gët nët genuch Wunnéngen an aner Uertschaafte fir äis all. De Moment as Europa vu wäissen Amerikaner iwwerschwemmt, déi vun den Indianer an dee Schwarze verdriwwen gouwen. – D'Amerikaner bezuelen a si wëllkomm. – Koppelen ouni Kanner duerfen nët aus der Stad eraus. De Pol an ech, mär musse bleiwen.

De Pol an ech, – fënnf Jor laang hu mer äis sou gutt verstan. Ewell as eis Enegkeet gekräch. Eemol birelt hie mech fir eng Klengegkeet un, déi aner Kéier kuckt hie laascht mech, wéi wann ech Loft wir. Méng faleg Haut a méng midd Schëllere stëiren hien. Ech sin ze séier géelst. Hien hat keng Zäit sech drun ze winnen. Owes réckelt hien neelech op de Bor vum Bett, sou wäit vu mer wéi méiglech. – Dem Kalenner no hun ech drësseg Jor; de Spigel seet, 't wieren der vill méi. Aarme Pol. Du spiirs dech bedrun. Mierks de nët, dass de grad esou gezeechent bas wéi ech?



De Pol huet auswäerts an enger Fabrik geschafft. Virun enger Woch krut hien, zesumme mat de Kollegen aus eiser Stad, de Sak. Hir Liddregkeet géif ustiechen. A fort mat hinnen. "T waarden der méi wéi genuch fir si z'ersetzen.

"Sou jonk wéi ech sin! Wat kënn ech nach viles leeschten?" Séng Stëmm huet sech iwwerschlon, an hien huet no Loft geschnaapt wéi en ale Mann. Hien huet méng Hand vu sénger Schëller ofgerëselt, an dun as mer opgefall, datt hie méi kleng gin as a sech schlecht hält. Elo sëtzt en do ze setzen, de léiwe laangen Dag, no bei mer a meilewäit ewech.

Soss, wéi mer nach glécklech, wéi mer nach "jonk" waren, hu mer all eis fräi Zäit zesummen erëmbrecht. Ech hun nët duerfen ze schaffen, wéi all déi ouni Kanner, déi mat enger Pai genuch fir ze liewen hun. Ech fënd et méi richtig, wa mer schaffe gingen a mat deen aner géifen delen. Ech hun eng Parti Fraen zesumme getrompt, déi d'selwecht denke wéi ech, awer mer kréien eis Iddi nët duerchgesat.

Wéi huet mäi Papp et ausgehal, fir fënneg Deg noeneen ze schaffen? De Pol hat jiddfer Woch véier Deg fräi, an déi sin eis erëmgeflun. Mueres an owes hu mer de Geescht an de Kierper entspaant. Anescht hält een de Kaméidi an d'Hetz nët aus. – Komesch, wéi munnech Wiederer duerch aner ersat gin: mir soe "meditéiren, d'Boma sot "bieden".

Mer si wäit, wäit spadséire gaang. Mer wëlle keen Auto. Stänneg klappt eppes mat den Turbinen nët. E Bensinsmotor, dat war eng fai Saach. Du hues getankt, an d'Kar as gerullt. Am Bësch hu mer fir de Wanter Holz geraaft; 't leien esou vill dir a krank Beem do, an 't as jo nach ëmmer e Problem fir ze hëtzen. Wéi mer Kanner waren huet dat ugefaang. – An dann hate mer en eegne Gäärtchen. Mer haten e Stéck Land, dat brooch lug, ugeplant, an do hu mer Geméis gezillt. Eis Frënn, déi sech vu Gréngs aus dem Mier erhalen, hu sech d'Fangeren no engem Komp almoudesch Zalot geleckt. – Eis Frënn! – Wéivill sin et der nach? – D'Karin huet nët méi fir laang, an de Jhak huet et schon iwwerstan. – 't kann ee bal nët méi dru glewen, datt alles sech zum Gudden dréie sollt.

"Wéi ech e Bouf war, huet mäi Papp mech mam Auto mat bei de Séi geholl. Owes huet d'Mamm d'Fësch, déi mer gefaang haten, gebroden, a mer hu s'ragefeiert."

Ech lauschteren dem Pol sénge Wiederer no wéi engem Wonner. Hien huet mat mer geschwat, a mech ugekuckt! Et stéiert mech nët, datt séng Stëmm bal kléngt wéi dem Bopa séng, wann deen, nieft der Masutsheizong, äis aus der Zäit ouni Automatik verzielt huet.

"Deemools war nach Liewen am Séi. Laascht d'Uwer si Kauzekäpp geschwabbelt, an iwwer de Lëtschen hun d'Siwestéich geziddert."

"Ech hun de méi gefaart wéi der Jomer," äntweren ech, a mer laache ganz e weíneg zesummen. Dat gouf et scho laang nët mei. Ech wieren äis e puer Läfle Vitaminsbräi, a mer disketéiren driwwer, datt et e Gléck as, well den Zuch vu Wäitem gesteiert gët an äis riicht virun dat Néidegst liwert.

Ech wëll mech nët erënneren, wéi gescht, an der Gare, Rieds gung, datt all Woch e puer Waggöne manner kéimen. – Ech hu gemengt, dat wir e gutt Zeechen, mer bräichte manner Medikamenter. – "Neen", kouw d'Aentwert, "mer brauche vun allem manner, well mer zou manner sin." – Mer hun äis gehäseg ugekuckt, a jiddereen huet sech gewënscht, méi laang duerzehale wéi deen aner.

De Pol huet mech mat der Hand geholl, a mer sin an de Park getréppelt, dee Park ouni Rousen, ouni Liewen. Ënnert engem dire Bam hu mer äis op eng Bänk gesat. De Pol huet den Aarm ëm méng Schëllere geluegt a mech siecht hin an hir gewéit. Dat onerwaart Gléck huet mer d'Tréinen an d'Ae gedriwwen. "t as wéinst de Beem", hun ech geschnoffelt. "Jidder Bam as e stomme Frënd. Si sin all ouni Liewen dëse Summer."

De Pol huet de Kapp a mäi Schouss getässelt. Brécheh huet séng Stëmm geklong: "Dreif déi Wollek virun der Sonn ewech!" – "Den Himmel as blo, wäit a breet kee Flom ze gesin". – Séng Stëmm as lues, ëmmer méi lues gin: "Egal wat kënn, ech sin ëmmer nach..."

Ech sutz stëll, mat séngem Kapp a méngem Schouss an hun op de Rescht vu séngem Saz gewaart. – Si hun e vu mer fortgeschleeft, nach ir ech wosst, wat hie mer soe wollt. Wat haten déi sech anzemëschen? – En huet sou friddlech ausgesin.

Elo sin ech eleng heiheim. Ech raschten eng Grimm, an da gin ech mech ëmfroen, wuer se de Pol geféiert hun. "T as dach kee Verbrieche, wann een am Park en Tëmpchen hält. – Am



Park. Wann et nach e Park wir. Dir Beem, keng Blumm, kee Kand... Si solle frou si, wann en eierleche Mënsch sech do verleeft.

\*\*\*

Lauschter, – Schrëtt. De Pol huet säi Schlëssel. Ech brauch him d'Dir nët opzespären. Ech sin sou midd, ech ka mech knaps vum Stull hiewen. – Fir wat kommen d'Schrëtt nët méi no? Wéini geet... d'Dir op? – Pol, haut réckels de nët vu mer ewech – Wéini kënn's de, ech wëll dee Saz fäerdeg son, deen s du am Park ugefaangen has: "Egal wat kënnt... ech muss d'Kraaft op... bréngen dee Saz auszedenken. – Egal wat kënnt, ech sin ëmmer nach... frou mat... der..."

## E Lidd

D'Liewen as ewéi e Lidd  
du gës dees Sange nimools midd.  
An d'Strofe vun Lidd wiesselen oft  
't sief Fréijoers- oder Wanterdoft.

Mol sin se batter, mol sin se liicht  
mol sin se traureg an du hues Tréinen am  
[Gesicht.

Dacks besange se d'Léift an d'Gléck,  
an enger no der anerer kéiers du de Réck.

Mee d'Weis vun deem Liewensgesank  
déi Melodi dee Klank  
si änneren nët  
du hues se am Ouer op Schrëtt an op Trëtt.

Se verfollegt dech iwwerall hin  
du séngs se mat gesonner Minn  
se geet mat dir duerch d'Liewen  
vu Gebuert u bis zum Stierwen.

An esou vergeet e Joër no dem anner  
dëng Strofen huelen of, 't gin der ëmmer mander.  
Mee fir dech dierft dëst Lidd ni eriwwer goen,  
du wëlls dech éiweg mat dësen Noute verdroen.

C. Mangel

## Quetschendrëpp

Soubal ech mueres stin op d'Bän  
dann as der Däiweel lass.

Et gät mer alles duerchenän,  
ech wäass nët wat dat as.

Bal spiren ech et hei

da spiren ech et do.

Mäi Kapp hun ech nët an der Rei  
well ech geplot si mat dem Mo.

E Mëttel hun ech ausprobéiert  
wat mech dann ëmmer gläich kuréiert.  
Et as – glääft mär – o – nondifletsch  
e gudden – hausgemate Quetsch.

All Téi, all Pëll a Medezin

hu masseg ech geschléckt.

O glääft, ech sin, wéi ech hei stin  
eng lieweg kleng Apdéckt.

Wa spiren ech et hei,  
wa spiren ech et do,  
da gät déi Saach mer gläich an d'Rei  
mat mengem Mëttel fir de Mo.

Dat Kräitche hun ech ausprobéiert,  
et huet nach ëmmer mech kuréiert.

Et as – där wësst et – nondifletsch  
mäi gudden – hausgemate Quetsch.

D.E.

## Frëndche mäin?

Frëndche mäin –  
sëtz du beim Gliesche Wäin  
beim helle Liichteschäin.  
Verséisst gët dir déi Stonn  
beim Kand mat séissem Monn.  
Frëndche mäin –  
et fënt sech d'Léift beim Wäin.

Frëndche mäin –  
dräams du beim Pättche Wäin.  
als Ale beim Kamäin.  
D'Erënnerung sproocht mat dir  
wéi wann et gëschter wir.  
Frëndche mäin –  
där bleift als Trouuscht de Wäin.

D.E.



A. Albert-Wangen

## De Poucki

Eng wouer Geschicht.

De Poucki as e schéine, schwaarzen Dackel mat engem roude Collier an enger grénger Léngt. Déi Léngt muss sin, well de Poucki as schon al an hien héiert nët méi gutt. Si as awer esou laang, datt hien am Haff ka goe wuer hie wëllt: an d'Sonn, an de Schiet, op de Wues oder ënner Daach, wann d'Wieder emol nët gutt as. Gläich hannert der Dir steet säi Bettche bei der Heizung. Dat Bettche gët all Dag gebiischt a geklappt, em Poucki säi Pelz blénkt awer och ewéi Samett. Dräimol am Dag geet och ee mat him spadséieren. Dat muss jo och sin. De Mippchen as och ganz zefridden op der Welt.

Nu war awer viru 14 Deg e klengen Enkelche vum Poucki sänge Leit op Besuch komm. Dat war e léiwe Männchen, ongeféier 3 Jor al, mat blonde Kraiselcher, an hie laacht de ganzen Dag. Hien huet natiirlech mam Poucki gespillt, dat war eng Freed. Wann de Poucki a sénger Rou gestéiert war, an hien huet emol geknoutert, dann huet de Kleng gemengt, dat géif zum Spill gehéieren, an hien huet nach méi gelaacht.

Wat as du geschitt? Wéi as et gaangen? De Poucki hat es genuch. Hien huet sech lass gerappt, an hien as op d'Strooss gelaf, ëmmer virun, ëmmer virun... De ganzen Owend as nom Poucki gesicht gin, hie war nët méi ze fannen.

Den aneren Dag muerges as et am Radio gesot gin, zou Didläng, bei der Léi, wir en Hond fortgelaf. Gläich huet sech eng Fra du vu Betebuerg gemellt um Téléfon, de Poucki wir bei hir. Eisebunner, déi op der Gare geschafft hun, haten hie fond, op der Bunn.

Elo läit de Poucki erëm hei u sénger Léngt. Hien as ganz frou an zefridden, datt hien erëm doheem as.

Nu stellt iech emol vir! Vun Didläng op Betebuerg gelaf mat sänge kurzen Dackelsbenercher; du konnt hien nët méi weider an hien huet sech op d'Bunn geluegt.

Traureg as déi Geschicht, ma schéin as se dach, well se gutt ausgong.

## En eidelt Blat

E muere kucks d' aus an den Haff,  
an du gesäis et an ...  
't as nâischt ze man.

Am Fong has d'et scho laang begraff,  
awer ëmmer dech gestrief,  
fir bei der ganz dobannen  
dech dêrmat ofzefannen,  
dass d'all déng Zäit ëmsoss gelieft, –  
no enger Sefeblos gegraff,  
an e gesprongent Glas geschlaff,  
am Gaart eng wielech Blumm genat  
a Wieder ouni Klank geschwat.

Du gräifs no engem wâisse Blat.  
Du mengs, wann s de géifs schreiwen! –  
Fir wat? ...

Looss dat dach bleiwen!  
Denk nët méi no, a looss dech dreiwen!

Jeanine Theis-Kauth

## D'Miissercher an d'Beien

Dee leschte Schnéi schmëlzt an der Sonn,  
se dréckt scho ferrem drop.  
Um Trausch laanscht d'Baach, am Wisegronn,  
gin d'Miissercher gläich op.

Da platzen déi brong Bléieknäpp,  
a gin hir Wonner fräi.  
Schéi sëlwer seideg Blummekäpp,  
a sin nach nëtzelech derbäi.

Wéi iwwerséit si Straiss an Äscht,  
mat dëser Bléiepruecht.  
An d'Beie sin hir léifste Gäscht,  
sou as fir déi gesuergt.

Wann no deer langer Wanterrascht,  
d'Natur nees nei ersteet,  
da liww'ren d'Miissercher de Kascht,  
fir d'Beien, wäit a breet.

A wann dir sou en Trausch gesitt,  
wou d'Miisserchen drop stin,  
a vläicht nach fir Naturschutz sid,  
da loosst se, wou se sin.

E. Arnoldy



# Nigesonge Lidd

Hei schreiwen ech wat längst hätt sollen,  
Am Mëttelealter, ganz am vollen,  
En aanre vru mir nätzlech schreiwen,  
Fir fest an der Geschicht ze bleiwen:

E Lëtzebuurger Heldelidd,  
Vu Groussem dat bei ons geschitt,  
Zu enger Zäit, wou d'Welt nach gutt,  
An daper Männer hu geblutt,

Fir Lëtzebuerg zu deem ze maachen,  
Wat haut mir stolz géint Naid bewaachen:  
E Land, wat son ech? eng Natioun!  
Mat Staatsrot, Châmbler, Sprooch a Kroun!

Et as ee Schued, datt d'Nibelungen,  
Déi deemools an der Loft schon hungen,  
Vun onsen Dichter kee gesongen,  
An dowéinst zou den Noper gongen!

Wat as da schon d'Kriemhild sou wichteg?  
Wann hei bei ons, as dat nët richtig?  
Der Ermesinde hire Schwor,  
Alleng scho vill méi dichteg wor!

Duerfir hun ech et liicht ze sangen,  
Mat masseg Helden ëmzesprangen,  
Well mir dach därer vëlleg haten,  
Vill méi as wéi déi aner Staten!

Ech kéint beim Blanne Jang ufänken,  
An iwwer dann no Crécy schwenken;  
Ech kéint vun onsem Sigfrid schwätzen,  
A bëlleg mat dem Schloss hei bretzen.

Ech kéint vum Sigismund erzielen,  
A munchen eng Medail verdelen.  
Mee as dat néideg? ech son neen!  
Déi Auswiel do, déi huet soss keen!

Natiirlech kann een och nur laachen,  
Wann d'Preisen hiirt Gedeessems maachen,  
Mat hirer Minnesänger-Leier,  
Wéi d'Wëllefcher bei ons ëm d'Feier.

A mengt der vläicht mir misste passen,  
Wa Frankräich haut a grouse Massen,  
Dem Roland säi Geséngs verbreet,  
Dat ons schon aus dem Hals bal steet?

Vu België wëll ech guer nët schwätzen,  
Déi kënne sech am manste bretzen,  
A wa se nët puer Moler hätten,  
Da kéint se nuer de Bouillon retten!

Bei ons dogéint, do sin der sëllech,  
Déi heldenhaft a praktesch vëlleg,  
Der Heemecht zur Verfügung stongen,  
An nët nuer weínt puer lessensbongen!

De Méchel Pintz perséinlech och,  
De Schetzel, Guillaume, Lenz a Boch\*),  
A vill Leit nach déi ech nët nennen,  
An déi och nët no Luef haut rennen!

Déi stongen onser Saach zur Säit,  
An hun sech an d'Geschicht gehäit.  
All hinne wëdmen ech dës Dichtung,  
Als Dank fir hir zerguttstert Richtung!

René A. Ney, Bréissel

\*) wa spéider och.



Stroossennimm zu Habscht

(LW 30.12.83)



Aus: Ënnerwee, 2. Deel,  
vum Chrétien Clement

## Summersonndeg

Liicht am Häerz a liicht gekleet,  
Leë mir äis hier an d'Sonn.  
Haut gët d'Opwaart voll gefleet,  
Vun der Sonn si mir trei Konn.

Mir këddlen d'Freed mat Spill a Spaass,  
Scharjeeklen pierplech Träntelpied;  
Mir schäichen d'Schiirpse schei am Gras,  
Verdremen d'Wochenhetz am Schiet.

De Sonndeg as eng sonnég Bréck,  
Si féiert vun der Laascht an d'Liicht,  
Si féiert an e gieweg Gléck,  
Mar fronz de Wierteg nees d'Gesicht.

## Äonesch Naupen

Verwinnt vu Bam a Buedem,  
Verschount vu Schnéi an Äis,  
Sou souz de Papa Uedem  
Virmools am Paradäis.

Säin Éivche war eng Spréifchen,  
D'Éiv gouf eng Mauschelspréif;  
Hie blouf nët ëmmer Béifchen,  
Hie gouf en Apeldéif.

Wiem dierft een do es wëllen?  
Mir mauschlen all ze vill;  
Fréi oder spéit ze trëllen  
Gebitt äis d'Maansgefill.

Wann d'Englen d'Gnode weien,  
Da wäerde si – gelt Éiv!  
Äis Äppeldéif verzeien?  
Nëdu, wéi wier dat léif!

## Hei, wéi laacht duerno de Mueren!

Wann ech nuets emol erwächen,  
Schalten ech d'Erënnerong zrëck;  
Rëslen aus vergaangnen Doën  
Stëbs a Fëtz vu méngem Gléck.  
Jieden d'Onkraut aus den Hirenen,  
Loosse Mëssele verdiren,  
Dongen Illusioune platzen,  
Topegt Truechten wëschdir blatzen.

Hei, wéi laacht duerno de Mueren!  
't spiirt ee sech wéi neigebueren.

Fëtz, wëll Wëcken an de Fruchtstécker.  
E Mëssel, eng Onenegkeet.

## Wéi ech méng Gefiller praffen

Wann ech mueres Grompre schielen,  
Loossen ech mer Sänger zielen,  
Wéi mer liewen, laachen, leiden,  
Topeg äis ëm Rauliicht streiden.

Wat een dobäi ka gewannen?  
Psychogrammen! Psychogrammen,  
Déi dech un déif Séile bannen,  
Rar Oasen, dach ze fannen.



# Justiz, emol anescht

## Et geet och op lëtzebuergesch!

*Léif Frënn vun der lëtzeburger Sprooch!*

*Et wir nëtschlecht, wann Dir iech dësen Artikel géift e bësse méi genee bekucken. Ech weess, datt dat nët esou einfach as, well wann een d'Affär nët kennt, schéngt dat Ganzt engem e bësse schéneisesch ze sin.*

*An dach hu mir hei – aus bloem Himmel – de Bewäis kritt, datt ee viru Geriicht, mëndlech a schrëftlech säi Recht kann op »lëtzebuergesch« sichen.*

*E Mann, dee keng aussergewöhnlech Oder fir d'Schreiwten an eiser Sprooch huet, huet eis alleguerten eppes virgemaacht, eppes vun deem mir eis roueg kënnen e Stéck erofschneiden.*

*Merci, Här C. M.*

*René Kartheiser*

\*\*\*

Här Präsiident, dir Hären!

Den Nationale Solidaritéitsfong hätt gär datt d'Uertel vum Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherunge vum ... zu sénge Gonschte soll geännert gin.

Mir hätte gär, wann dëst Uertel géif bestoe bleiwen, well mir der Meinung sin, datt di 100 000 Frang nët brauchen zréckbezult ze gin.

Datt mir d'Héicht vun deer Zomm nët bestridden hätten, stëmmt nët. An eise Bréif un den Här Präsiident vum Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherungen hu mir dat kloër an däitlech gesot. Wat d'Uertel selwer ugeet si mir der Meinung, datt dem Schiidsgeriicht séng Opfaassung richtig as.

Den Affekot vum Fong beriff sech a séngem Schreiwes vum ... op den Artikel ... vum Gesetz vum ..., wou Rieds geet iwwer d'Zréckbezuale vu Suen, déi vum Fong un eis Partei bezult gouwen. Op deer zweter Säit beriff e sech op de Staatsrot, dee mat Hiwäis op den Artikel ... geschriwwen huet, datt de Fong dës Suen »däerf« zréckfuerderen, d.h. datt en et nët maache »muss«, mä datt et em fräi steet, dat ze maachen oder nët.

Besounesch wëll ech op d'Explikatiounen hiweisen, déi sénger Zäit vum Fong un d'Leit verdeelt gouwen a wouran dat hei steet:

»Hinsichtlich der bevorstehenden Rückerstattungsbestimmungen kann schlußfolgernd gesagt werden, daß bis jetzt vom Fonds das ihm gewährte Rückerstattungsrecht keineswegs in kleinlicher, schikanöser Weise geltend gemacht wurde.«

Hei kann een, ouni d'Saach ze forcieren, däitlech zweerlee erausliesen:

1) Et geet vun engem Rückerstattungsrecht an nët vun enger gesetzlecher »muss«-Virschreift geschwat.

2) De Fong gët zou, datt en nët an alle Fäll vu séngem Recht Gebrauch gemaacht huet (geltend gemacht wurde).

Iwregens muss een an dësem Zesummenhank och nach den Artikel ... vum Reglement vum ... erunzéien, wou et ënnert anerem heescht: ...

Dës Virschreifte gouwen am Fong séngem Bescheid vum ... nët bëuecht.

Wat elo d'Schenkung aus dem Joër 19 .. ugeet, schreift den Affekot vum Fong, den Här an d'Madamm X.Y. hätten sech domat bewosst »aarm« gemaach.

Ech war ganz verwonnert, wéi ech dat gelies hun, well wann ech dem Fong séng Berechnung nokucken, dann ergët sech doraus jhust de Géigen-deel d.h. méng Schwéierleit no der Schenkung méi déck do waren ewéi virdrun.

Wat d'Aschreiw vum enger Hypoték ugeet, wëll ech soen, datt déi Bestëmmung an eise Fall keng praktesch Auswiirkung kann hun, well de Fong jo och ouni dës Hypoték séng Suen zréckgefrot huet. Ech wëll och nach e puer Wuert soen iwwert de Sënn an den Zweck vun der Schenkung.

Fir méng Schwéierleit war et eng »Musse-Saach«, well si et finanziell a vun der Aarbecht hier nët méi gepackt hun. Huet dir scho mat engem Mënsch zesummegeliift, deen un enger onheeler Krakheet gelidden huet? Kënnt dir iech virstellen, wat et heescht esou e Mënsch 20 Joër laang ze versuergen? Een deen dat nët um egene Leif erfuer huet, dee weess nët, wat dat as. An esou enger Situatioun as een nët amstand sech de Kapp iwwert di eng oder aner gesetzlech Virschreift ze zerbréchen. Et huet een einfach keng Zäit a keng Aier fir esou eppes. Oder mengt dir esou e Mënsch, dee géif e Schenkungsakt maachen mat dem Hannergedanken: »Elo gët de Fong emol gutt ugeschmiert!« Ech kann iech en Ed drop doen, datt kee vun eis un esou eppes geduecht huet.

D'Schenkung gouf och nach aus engem anere Grond gemaacht. Mir hate geplangt eng al baufällg Scheier, déi un eist Haus ugebaut war, an en Appartement fir d'Schwéierleit ëmzebauen. Well mir fir dës Aarbecht Suen hu misse léine goen, hu mir gemengt, et wir méi einfach, wa mir der Bank eng Sécherheet bidde kënnen.



# Et geet och méi einfach

Ofgesin dovun as et jo och nach esou, datt op Grond vum Artikel ... vum Gesetz vum ... weder de »Verloun-« nach de Kapitalwäert als Akommes gerechent gin.

Duerfir versti mir och nët, datt een an dat selwecht Haus, dat un di eenzeg Duechter verschenkt gët, oder besser, huet misse gin, no der Schenkung op eemol soll en Akommes duerstellen.

An da wëll ech och nach op den Artikel ... vum Gesetz vum ... hiweisen, wou dat hei steet: ...

De Fong huet säi Bescheed vum ... geholl, ouni datt ee vu sänge Beamte mat eis geschwat hat. Et kann ee sech also d'Fro stellen, op dëse Bescheed iwwerhaupt de gesetzleche Virschrëften entsprécht oder, ob dat nët eng Ongesetzméissegkeet as.

A wann den Affekot vum Fong elo probéiert Virschrëften a Bestëmmunge vum Code civil mat an d'Spill ze bréngen, da muss ech soen, datt dat nët richtig as, well et sech kloër an däitlech ëm eng Fro handelt, déi sech aus dem Gesetz iwwert den Nationale Solidaritéitsfong ergin huet, an déi näischt, awer och guer näischt mam Code civil ze din huet.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

C. M.

## Virbemierkung

*Eréischt wann ee probéiert en Uertel op lëtzebuergesch z'iwwersetzen gesäit ee wivill muttwëllesse Plonner zanter Joër an Dag mat virugeschleeft gët.*

## Iewescht Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherungen:

### Sträitfall:

Alters- an Invaliden-Versécherung géint

..., gebueren ...; Adress: Knappstuppéich, Wiestrooss, 417.

### Sëtzung vum ...

Duurch e Schreiwes vum ..., dat de ... am Sekretariat vum Ieweschte Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherungen ukomm as, huet d'Alters- an Invalideversécherung Appell ageluegt géint d'Uertel vum Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherunge vum ...

An dësem Uertel war gesot gin den Här ... hätt Recht op d'Invalidepensioun, an zwar vum deem Dag un, wou en opgehal huet mat Schaffen.

Duurch ageschriwwene Brëif vum ... gouwen déi zwou Parteien opgefuerdert den ... op Lëtzebuerg, an de Sëtzungssall vum Ieweschte Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherungen ze kommen, fir datt dee Sträitfall kënnt besprach gin.

Am Numm vun der Alters- an Invalideversécherung huet hire Verrieder, den Här P.P., gefrot, ob et nët méiglech wir di Fro vun der Invaliditéit nach eng Kéier vum engem neutrale Fachmann ënnersichen ze loosse. En huet besonnesch drop higewisen, datt d'Menunge vum den Dokter, déi den Här ... bis elo ënnersicht hun esou wäit auserne gin, datt et einfach nët méiglech as, sech eng richtig Virstellung iwwert säin Zoustand ze maachen. Den Här X.Y., deen d'Interesse vum Här ... vertritt, war der Menong um Uertel vum Schiidsgeriicht vum de Sozialversécherung wir näischt auszesetzen. En huet besonnesch ervirgehuewen, datt den Dokter, deen d'Versécherung ugestallt hat, den Här ... nom Uertel vum Schiidsgeriicht vum de Sozialversécherungen z'ënnersichen, keng Besserung a séngem Zoustand konnt noweisen.

D'Geriicht huet sech dräi Wochen Zäit gelooss, fir d'Saach nach eng Kéier genee nozekucken.

\* \* \*

Haut, den ..., gët dëst Uertel gesprach:



D'Klo vun der Alters- an Invalideversécherung gët zougelooss, well all Formalitéiten an der Rei sin.

Aus de Pabeieren an den Dokumenter, déi dem Geriicht virgeluegt gouwen, ergët sech, datt den Dokter vun der Versécherung nët all Elementer a Krankheten a Betracht gezun huet, déi den Här ... bei sénger Aarbecht behënneren. Doudurch huet hien de Prozentsaz vun der Invaliditéit ze niddreg ageschat.

Wat awer den Ausschlag gët as dat hei: Am Zoustand vum Här ... , dee sénger Zäit d'Invalidepensioun ausgeléist huet, huet sech näischt geändert, am Géigendeel et steet fest, datt dësen Zoustand sech nët méi ännere kann, datt deemno den Här ... Recht huet op eng definitiv Invalidepensioun.

Op Grond vun dëse Feststellungen as d'Iewesch Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherungen der Menung, datt um Uertel vum Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherungen näischt aussetzen as.

#### Aus dëse Grënn:

léisst d'Iewesch Geriicht vun de Soziale Versécherungen d'Klo vun der Alters- an Invalideversécherung vun ... zou, mä stellt fest, datt se nët berechtigt as, a seet, datt d'Uertel vum Schiidsgeriicht vun de Soziale Versécherungen vum ... richtig war.

\* \* \*

#### Nobemierkung:

Ech si mir bewusst, datt dëst Uertel eise Juristen e bësse kleesper virkomme muss, well déi eng oder aner »Tournure«, un déi si zanter Joër an Dag gewinnt sin, hei feelt, mä ech mengen, wann de Mann vun der Strooss, an dësem Fall den Här ... , d'Uertel versteet, dann huet et säin Zweck voll a ganz erreecht.

René Kartheiser

### National Souscription fir d'Reconstruction vun der

## Gëlle Fra

D'Gëlle Fra gouf 1923 als "Monument du Souvenir" fir déi Lëtzebuerger opgeriicht, déi am 1. Weltkrich hiirt Liewe fir d'Fräiheet an den alliéierten Armée gin hun.

D'Monument as e Symbol fir d'Fräiheet vun alle Lëtzebuerger gin, wéi den Däitschen Okkupant et als Affront géint äis den 20. Oktober 1940 ëmgehäit huet.

Mir wëllen all zesummen d'Gëlle Fra als Zeeche fir Friden a Fräiheet esou opriichte wéi si wor.

Dofir sin all Lëtzebuerger invitéiert, fir bei der Reconstruction vun eiser "Gëlle Fra" no hire Mëttele bäizegin:

**Postscheck No 505-20**  
**Souscription fir d'Gëlle Fra**

Den 23. Januar 1984

D'Regëlerong an eis patriotesch Organisatiounen

## Eis Spéngel

En Ofzeeche fir d'Membre  
vun der Actioun Lëtzebuergesch

An der leschter Zäit hu Membre gefrot fir en Ofzeechen, eng Veräinsspéngel vun der A.L. ze kréien. Et gouf eng Zäitche gezéckt fir esou eent ze schafen, mee well elo mat der Plaquette d'Geleënheet sech gin huet, gouf da geduecht fir dee Wunsch z'erfëllen. D'A.L. huet d'Zeeche vun der Actioun Lëtzebuergesch op déi Spéngel setzen an deer dausend maache gelooss. De Präis derfir as 50 Frang, emol nët grad esouvill wéi et kascht fir se ze fabrizéieren. Et kann een se bestellen, grad ewéi et mat der Plaquette as, wann een d'Suen op ee vun eise Konten iwwerweist odder un d'A.L. Postkëscht 98 L-2010 schreift. Et deet engem leed fir de Porto och 10 (zéng) Frang misen ze froen.



# Antikitéiten

Jo, si haten alles.

Hie war gutt gebaut an hatt war ee flott.

All freides hun si eng Paarti organiséiert an d'Invitee konnten d'Haus, d'Ariichtong an all di deier Sache vun der beléifter a beneiter Koppel bewonneren.

Enges guddes Daags awer as e Changement age-tratt. Di zwee hun ugefaangen sech fir Antikitéiten ze interesséieren. Mam Spannrad, engem Schräin, enger Tak an engem Bakuewen awer as et nët duergaangen.

Nee. D'Madamm as kee Brout méi kafe gaangen, mä si huet selwer gebak.

Dat as denen zwee nët duergaangen.

D'Spullmaschinn as verkaaft gin. D'Madamm huet erëm selwer gespult. Och dat as nët duergaangen.

D'Wäschmaschinn as ofgeschaaft gin. D'Madamm huet op der Hand an der antik agerichter Bakes gewäsch. Och dat as nët duergaangen.

De Schlappokino as erëm ofgeschaaft gin.

D'Madamm huet ugefaangen ze schreiwen, ze dichten, ze molen an ze spannen.

All freides awer si weider Paartië gehale gin. D'Invitee hu gestaunt, an och mol gefrot, ob nët eng oder di aner Saach ze kafe wiren, well di zwee hu weider di modern Saachen ofgeschaaft an al Saachen akaaft.

An engem Punkt waren sech d'Invitee eneg. D'Antikitéiten hun alles iwwertraff, wat et op dësem Plang wäit a breet ze kucke gouf.

Dem Mann wor d'Fra awer op eemol ze vill al, ze vill antik. »Op der nächster Paarti verkafen ech se«, huet hien sech geduecht.

Séng Fra awer hat di selwecht Iddi.

Op der selwechter Paarti huet si hire Mann un eng méi jonk Damm verkaaft.

D'Kefer ower hun sech nët esou vill fir di kaaft Fra an de kaaft Mann interesséiert, mee éischer fir d'Antikitéiten, déi si géifen ierwen.

G. Rath

# Eng Kurs

Zu Huldang schaffen op der Strooss,  
zwei stramm Kadetten: Pitt a Klos.  
Si dro voll Stolz d'Katonnjeeskap  
an huelen d'Aarbecht al mam Zap.

Si werfen zënter halwer néng  
e Griefchen op, mat uerger Péng.  
Wéi dack hu si de Schweess gewëscht  
hu si no enger Drëpp gegléscht.

»Dat Schaffen as eng Plo«, sot Klos,  
»zemol dës Aarbecht op der Strooss«.  
»Eng Wiirtschaft feelt«, mengt drop de Pitt,  
»da géif een alt nët grad sou midd«.

E Schleek kräicht lues um Summerwee  
am Schiet vun engem Häppchen Hee,  
dat läit nach do vum leschte Jor.  
– och vläicht méi laang, d'Hee huet gro Hor.

»Kuck Pitt«, rífft Klos, »kuck dee Verstand«,  
– hie weist de Schleek mat sénger Hand –  
»dee mécht séng Aarbecht fein a lues,  
dee leeft nët bäi mat sénger Nues«.

De Pitt spréngt op mat géiem Spronk,  
– hie war Iech lo zéng Jor méi jonk, –  
a schléit de Schleek mat sénger Schépp  
mausdoud, – a leet sech dun op d'Répp.

»Du Efalt do, wann ech muss son,  
wat huet dat Déier dir gedon?  
Du schléis jo drop, wéi op en Uess,  
keng Sprézt fënt ee vun him am Wues«!

Du seet de Pitt mat ros'nem Blek:  
»Mäi léiwe Jong, lo hat ech Gléck.  
De ganzen Dag koum hie mir no,  
lo kritt hie mech erëm! – ma so«!



Luss Gerard

# Eng Houchzäit um Dueref

Hautjesdaags maache jong Leit nët vill Fisemat-tenten wann se sech bestueden: ëm 4 Auer geet et op d'Gemeng, ëm 5 Auer an d'Kirech a schons gin d'Valisse gepaakt fir op d'Houchzäitsräis ze fueren. Fir wat och nët, kéint een duerzou soen, an eiser sougenannter "émanzipiéierter" Welt, kann dach jiddfereen din an loosse wat him gefällt, a vläicht bestuede mer eis schons muer an der Jeansbox an am karéierten Hiem.

Fréier ower hu jong Leit sech fir d'Bestuede vill méi Zäit gelooss. Si woussten, datt vum Houchzäitsdag un ee sech zu zwee op e Wee gemat huet, wou een nët wouost wéi knubbeleg e konnt gin a wouhin e gefouert huet. "Sprang nët an e Pull, wa s de nët weess wéi déif en as!", hun déi Al gero-den. Duerfir as och fréier eng Houchzäit esou grouss gefeiert gin wéi kee Fest am ganze Joër.

Dréine mer d'Rad vun der Zäit ëm honnert Joër zréck, a verziele wéi et deemools mam Bestuede wuar. Bei de sougenannte "klenge Leit" war dat nët esou komplizéiert. Huele mer un de "Jhang" huet sai "Märr" op der Mäerteskiirmes kenne geléiert, se hu sech gefall a keng Walz beim Danzen ausgelooos. Am Mä si se an de Bësch Märéisercher plécke gaangen an hu sech do ënnert den däischteren Dännen déi éischte Bees gin. Am Summer huet de Jhang ëm Märr séngen Eltere bei den Aarbechten um Flouer eng Hand mat-ugepaakt, fir ze weisen datt e kee Stoffi an Ärem a Been hätt. Dobäi konnt d'Märr séngersäits am Haus beweisen, datt et e Stot wuel gutt wouost ze féieren. No de Sue gouf nët gefrot, well "d'Sue gës de ewech, an den Dabo behäls de", a fir Krëscht-dag gouf Houchzäit gefeiert.

Bei de sougenannten "décke Leit" an och bei den Härebauere war déi Saach ower nët esou einfach. Do gouf mäischtsendeels dem Jong oder dem Meedchen aus dem Haus vun den Eltere selwer déi richteg Parti gesicht, an dat duerech den "Hellechsmécher". Als Véi- oder Kreemcheshändler as deen duerech d'ganz Land kouw, e konnt rieden a léie wéi en Affekot, an en huet d'Situatioun vu "séng Leit" vu baussen a vu banne kannt. As en dann enges Sonndesmëttes "zoufälleg" op deen oder desén Haff kouw, wouost e gläich, wann d'Hausmeeschtesch ugefaangen huet d'Kichen ze kieren, datt do nach näischt ze verdénge war. As en awer mat an d'Stuff geholl gin an huet do eng Schläiss Ham mat Kaffi an enger Botterschmier ugebuede kritt, da wouost en, datt do schon e Feierchen an der Heck war.

Wann dann de Bauer mat dem Hellechsmécher eng geschloe Stonn laang iwwert d'Wieder, d'Véi an d'Rekolt vum Joër geschwat hat, huet en op eemol déi bestëmmte Fro gestallt: "So, Hellechsmécher, eist Eelst verléiert bal all Dag den Huese-bündel, weess de keen deen do en zerguttsterte Knuet kéint dra maen?" Dee wouost natiirlech de richteg Maanskärel fir dee Knuet do ze maen a géint e puer Honnert, enger neier Box an engem héijen Hutt as d'Geschäft mam Handstreech gemat gin.

Sou huet en sech dann de Sonndeg drop op d'Suele gemat fir op engem aneren Haff de "Mätt" fir déi Parti do ze gewannen. Sou sin déi béid enges Daags héich zu Päerd op dem Bauer säin Haff geridden, fir sech do dat "Kätt" emol unzu-kucken. An der houbeschter Stuff hu se opgedëscht kritt "Häerz wat begiers de" an "d'Kätt" huet dobäi mat roude Baken a scheien Aen de Kaffi zerwéiert. Wann d'Hellecht geschéngt huet ze klappen as e Rendez-vous ausgemat gin, wou d'Eltere vu dene béide jonge Leit sech géigesäiteg besiche gaange sin, fir "d'Geleënheet" ze kucken. Dobäi as op béide Säiten iwwert de Räichtem vun den Hief gestonk a gelu gin, mä wéi d'Eltere sech endlech iwwert d'Aussteuer vum Meedchen a vum Jong eens waren, war "d'Kadasterhouchzäit" perfekt!

Den Hellechsmécher huet sech natiirlech selwer fir d'éischt drop agelueden a laang duerno, wann emol iwwert dat Geschäftchen do rieds gung, huet e mat luusseg Ae jiddferengem gesot, deen et héiere wollt: "A wéi se bis bestued waren, sin hinnen d'Aen opgaangen, datt se bis haut nach kee Brëll brauchen!"

Aner jong Kärelen hun et natiirlech op eege Fauscht versicht, fir um Nopeschaff e bestëmmt Meedchen ze ëmgaachen. Krut de Borscht, beim éischte Besuch um Haff, vun der Meeschtesch eng schéi grouss Omelett zerwéiert, stungen d'Chancen nët schlecht. Gouf et ower nëmmen e puer Paangecher, da war do näischt ze radetten.

Iwwergens, séif et hei an niewebäi gesot, dat verléifte Geknuutschs a Getéchtelméchtels vun haut as et fréier bei den haarden a brave Lëtzeburger nët gin, sou datt mer bis elo nach kee Wuert an eiser Sprooch hun fir ze soen "je t'aime" oder "ich liebe dich". Op lëtzeburgesch as et nach ëmmer einfach a gutt: "ech hun dech gär" – "ech si frou mat dir!"



Mä komme mer bei eist "Kätt" an de "Mätt" zrëck, déi enges owes bei de Paschtouer gaange sin, dee se grëndlech am Brautexame gepréift huet, ob se nach nët Bibel a Katechësem vergiess sollten hun. Soubal déi jong Koppel vum Porhaus zrëck-koum, hun d'Jongen aus dem Dueref se mat Knuppes a Kaméidi beim Haff emfaangen. Duerfir huet de jonge Bräitcheman e puer Honneter misste sprange loossen. War en ze knéckeg, as him de "Scharribarri" mat ale Kesselen, Ämeren, Dëppen a Jharre geschloe gin, datt et geniewelt a gekraacht huet. Dëse Scharribarri as och geschloe gin, wann e Witmann oder eng Witfra sech erëm bestued huet, oder iwwerhaapt bei allen Houchzäiten déi der "Borscht" (Duerefjugend) nët gepast hun.

3 Woche virun der Houchzäit gouf d'Mäert gefeiert, eng Verlobungsfeier, wou d'Bräut huet missten de Wäi stellen a mat hirem "Zukünftigen" de ganzen Owend aus dem selwechte Glas gedronk huet. Da koumen déi béid an de "Rëdder" bei der Gemeng hänken an an der Kirech sin déi éischt Munnénge gaangen.

An dëser Zäit as d'Houchzäitskoppel bei Frënn a Famijle gaange fir op d'Houchzäit anzelueden. Dobäi as och gewéinlech d'Houchzäitsgeschenk besprach gin, meeschtens eng Koppel Ländicher, eng Roll Stoff, Hausgeschir an och emol e Këppche Land a Wiss. Wann dann de Paschtouer fir d'drëtt "säi Kreesch" an der Houmass gedoen hat, war den obligaten Duereffbeschass schons vergiess a jiddferen huet sech gefreet déi schéin Houchzäit bei d'Kirech kucken ze goen.

Am Haus vun der Braut gung et drënner an driwer: deglaang wuar d'Néiesch am Haus a bis op déi lescht Minutt gouf um Houchzäitskleed geputscht, geplisst an ëmgerëppt, de Wuel an d'Schleef probéiert, well dat Kand huet jo missten déi schéinst Braut vum Dueref gin.

Beim Bräitchemann war de Schneider 8 deglaang am Kascht fir de "Wudeklepper" (Schnëppel), erëm an d'Fassong ze bréngen, de "Quetschendéif" (en héije Maanshutt), d'Sonndesdunn an den Zilinder aus der Mattekëscht eraus erëm op Héichglanz ze bréngen.

Um Haff ower, wou d'Houchzäit gefeiert gouf, gung et schons Woche laang héich hir. Schwäin, Hämmel, Gänsen, Hénger a Kanéngercher ware geschluecht gin, aus der Haascht si Judd, Broschkär an Ham geholl gin, an iwwerall stungen Hiirtercher mat Kuchekränz a Flueden. De grouss

Keller war gefëllt mat Wäin- a Béierfässer, an der Brouthänk stung eng ganz Rëtsch frëschgebake Bauerebrout an um Buedem Zällättercher voll mat Kéis a Jhelli.

Nodeems d'Houchzäitspuer um Virowend op der Märei bestuet war gin, as dun endlech dee groussen Dag koum. Schons am fréie Muergen as am Haus alles duerchernee gelaf bis de leschte Kollis-knäppchen erëmfond war gin. D'Mamm, d'Néiesch an d'Frëndinne vun der Braut hu se uwenop ugedoen, iwwerdeems den zappeleche Bräitchemann, am Schnëppel an am Zilinder, mat enger klenger Sträissche wäisser Blimmercher op der lénker Broscht, an der Stuff op se gewaart huet. Iër et an d'Kirech gaangen as, hun déi zwee Houchzäitskanner e waarme Wäin, de "Brautwäin" gedronk an hun dann, op dem Hausbietstull oder op engem wäisse Këssen, de Sege vun den Eltere krut. Wann d'Klack da fir d'éischt gelaut huet, as erëm e grousst Gejälz duerech d'Haus gaangen: "Dajee maacht dach virun, maacht dach virun!", bis endlech jiddferen säi Gevueder a séng Gevuedesch am Arem hat.

Fréier gouf fir eng déck Houchzäit e Musikant engagéiert, de Fiddelpéitchen, Geieklos oder Spillmann genannt, deen nët eleng "Zeremonie-meeschter" war, mä dee virun allem déi vill Houchzäitsliddere huet misste kennen. Hie war et och dee mat de Jongen aus dem Dueref, mat engem klenger Lidd, d'Bräut op d'Dir geruff huet. Bei deem Lidd koum dann emol e Meedche mat engem Dëppen oder engem Kueref op d'Dir, och alt emol eng al Mimmchen, mä se gouwen all erëm zrëckgeschéckt, bis endlech d'Bräut, traditionsgeméiss mat verkraschenen Aen, op d'Dir koum as. Mat "O" an "A" an enger déiwer Näip as se vum Spillmann an de Jonge begréisst gin an alleguere si se vum Bräitchemann op d'Houchzäit ageluede gin:

"Op Dëscher a Bänken steet Iessen an Drénken,  
All Guddes as do, wat nëmme z'erdenken!"

Lo endlech konnt sech den Houchzäitscortège op de Wee an d'Kirech maachen. Un der Spëtz gung de Virbräitchemann mat der Braut, d'Kanner, déi d'Schläif gedroen hun, de Bräitchemann mat der Virbräitche, d'Elteren, d'Gesëchter, d'Familjen, déi jong Koppelen an zugudderlescht den "Duscht", d.h. déi al Pätteren déi keng Cavalière krut haten.



Bei "décken" Houchzäite gouwen d'Bräut an de Bräitchemann mam "Tilbury" eng zweieredereg Kutsch, an d'Kirech gefouert.

Mam Fiddelpéitchen un der Spätz, gung et also zu Fouss duerech d'frësch gekierten Duerefstroossen, wou op all Dir vill virwëtzig Vollek stung, dat d'Houchzäit beaift an natiirlech uereg kritizéiert huet. Fir an d'Kirech gung de Cavalier lénks, a fir erëm zréck, riets vu senger Cavalière.

No der Houchzäitsmass huet d'Bräutpuer sech mat de Brautzeien an der Sakristei an d'Porre-gëschter agedroen an dobäi huet och de Paschtouer dat sougenannte "Stolgeld" kritt, d.h. de jonge Mann huet him e puer Geldschäiner gedréckt oder och e Fässche Wäin an eng Ham an d'Härenhaus geschéckt. "A wann et op de Paschtouer reent, dann dréipst et op de Koschter", an anere Wieder, och de Koschter krut e puer Schossele mat gudder Saachen an d'Haus bruecht.

Wann d'Houchzäitspuer, elo un der Spätz vum Cortège aus der Kirech kouw as, gung d'Knuperei an d'Schéisserei am Kiirchewues erëm richteg lass. Aner Duerefjongen hun eng grouss routwäissblo Bännchen iwwer d'Strooss gehale fir "d'Bräut ze fänken". Dobäi hun de Bräitchemann an och déi aner Houchzäitsgäscht erëm misste laanscht d'Boxebéie gräifen, fir der Houchzäit de Passage ze erkafen. Am Houchzäitshaus war dann erëm d'Viischtdir fest am Redel. Den aarme Bräitchemann huet dann e puer Su ënnert der Dir eragehätt, déi natiirlech gläich zréckgeflu kouden. Dann huet en den Asaz ëmmer méi vergréissert bis endlech d'Hausdir opgemat as gin. Fréier huet du de jonge Mann de Schlëssel vum Haus vun den Elteren iwwerrecht kritt, an déi jong Fra krut e Biesem an d'Hand gedréckt.

Elo endlech konnt jiddfer Gaascht séng Plaz um Dësch sichen an et feelt eis un der Plaz fir alles opzezielen, wat do op enger "Houchzäitsfriess" vu mueres bis owes péit, an dat dacks drä Deg laang, opgedëscht as gin.

Nodeem, d'Zerwéiermedercher schons viru Mëtteg de Kranken an Arem aus dem Dueref eng Zopp mat Kuch a Flued gedroen haten, as d'grouss Schluecht ugaangen. Fir d'éischt krut d'Bräut, vun der Küche selwer, en Teller Zopp erausgeschott, woubäi e puer Porzeläinspëppercher an den Teller gebonzelt sin, als Wonsch, dat se vill Kanner soll kréien. Virum Kaffi an der Drëpp, as e Jonggesell ënnert den Dësch gerutscht an huet der Braut den Huesebändel "geklaut". Dat

war e schmuele Bännchen a routwäissblo Faarwen, deen a kleng Stécker geschnidden as gin an esou un d'Houchzäitsgäscht versteet gouf. Dee Bännchen huet jiddfer Gaascht u séng lénks Broscht gespéngelt a d'ganz Houchzäitsfeier mat viru gedroen. Op aner Plazen as de Brautschong versteet gin, de zugudderlescht vum Bräitchemann huet missten erëmkaaft gin. D'Keess vun dese Stäe krut e Jonggesell oder de Virbräitchemann, deen domadde beim Gank duerech d'Duerefwiirtschaften iwwerall d'Zech berappt huet. No deser Opregung sin dann op eemol an der Kichen Telleren a Schosselen op de Buedem gefall a mat vill Gekräischs a Gejéimers hun d'Zerwéiermedercher d'Küche mat engem déck verbonnenen Arem an d'Stuff gefouert: "Se hat sech uereg verbrannt"! Et war dat nees erëm d'Ursaach fir mat engem grousser Kachläffel eng Kollekt bei den Houchzäitsgäscht ze maen. "A gare la Box", fir dee Knéckjhang deen nëmmen e Boxeknapp oder en décke Su geaffert huet. Hee krut Salz an de Kaffi gemat a gouf "gedunnt", d.h., den Zilinder oder d'Dunn gouf him bis iwwert d'Nues gezun, oder e gouf "geläffelt", d.h., mat enger Schéier gouf him den Deckel vum Zilinder ewechgeschnidden, sou dat d'Houchzäitsgäscht sech e Jux drausgemat hun, fir him all Geméchs wéi Quetschekären, Schanken, asw. douewen eran ze geheien. Dobäi as ze bemierken, dat fréier d'Maansvolle och iwwert dem Iessen ëmmer d'Dunn an den Zilinder opgehalen huet.

No deem Spaass, gung et da lass mat de villerlee Houchzäitslidd. Fir d'éischt kouw d'Éiestandslidd, woubäi déi jong Fra an engem Stéck huet misste kräischen. Da kouden, vun dem heinen an dem doë virgesongen: De Pompernéckel huet Läffele fäl, mat ausgestachene Stiller...; Et wor emol e Meedche vu Gëtzen, oho...; zu Arel op der Knippchen, do souzen déi Weiber frou...; De Schmadd, de Schmadd, de bréngt säi Meedche mat...; Meedchen danz a looss dech kessen... asw. Et gouwen och Houchzäitszeidonge geschriwwen, wou jiddfer Gaascht op d'Schépp geholl as gin.

Nodeem mat villem hin a hir d'grouss Houchzäitsfoto virum Haus gemat war, huet sech de Cortège erëm forméiert fir d'Wiirt am Dueref ze besichen. Dobäi huet den "Duuscht" alle Frënn a Bekannten, déi laanscht gaange sin, eng Drëpp aus der grousser "Stengekluck" offréiert. Bei so engem Houchzäitscortège konnt een och emol fréier e Jong oder e Meedche gesin, déi eng Gäass mat



viru gezun hun. Et war dat am Fall, wou eng jén-ger Sëschter oder e jéngere Brudder virun dem Eelste bestued as gin. Duerfir krut dee vun de Jongen aus dem Dueref, géint e puer Honnerter versteet sech, eng Gääss geschenkt, déi iwwerall an d'Wiirtschafte matgeschleeft as gin an do och, ob se wollt oder nët, muenech Drëpp huet misste schlécken.

Um Danzbueden, deem extra duerfir gelount war gin, as da gedantz gin, datt d'Suele gedämpft hun, déi Jong "d'Polka-Pick", d'Mazurka an d'Walz a wie vun de jonge Borschten am längsten, ouni ze passen, um Dill bliwwen as, gouf als "Danzkinnek" gefeiert. Déi al Koppele blouwe bei der "Schottesch-Näip", dem "Konterdanz" (Quadrille), der "Lueser Walz", mä de "Schlasslavit" (Schlussgalopp) as vun allen zesumme gedantz gin.

Sou koum et dann nët vun ongeféier datt, wann d'Lompelack gelaut huet, schons muncher ee wackeleg Knéien an en dujhelege Kapp hat. Déi éischt Stécheleien a Streidereien hun do ugefaangen a muenchnol huet eng stramm Kläpperei och zur Houchzäit gehéiert wéi eben d'Fauscht op d'A. Et as vläicht interessant bei dëser Geleënheet ze notéieren, datt et viru laange Joër nach schlimmer op den Houchzäiten hier gaangen as. Sou huet de 7. Oktober 1537 de Käser Charel de V. dekretéiert, datt fir eng Houchzäit nëmmen 20 Persounen hun dierften ageluede gin an datt et mat engem Dag genuch wir dat ze feieren. Duerzou dëse schéine Kommentar:

"A l'occasion des nocés, le nombre des invités ou des personnes qui y venaient sans être invitées, se montait quelquefois jusqu'à cinq à six cents personnes. Ce qui donna lieu à l'édit de Charles-Quint. L'arrêté ayant été mal exécuté, les archiducs durent publier leur ordonnance de 1613, pour défendre les nocés ruineuses, qui tout en appauvrissant les nouveaux mariés, amenaient une foule de désordres, tels que ivrogneries, querelles, batailles à coups de poings, de couteaux et de pieux et quelquefois d'épées, et très fréquemment de meurtres. Aujourd'hui les nocés les plus splendides ne réunissent jamais un aussi grand nombre d'invités, sinon soixante-quatre personnes au plus."

(J. Hess, Luxemburger Volkskunde).

Iwwert dem Oweessiessen as natiirlech erëm gutt derbäi gemat gin an d'Stëmmung gouf ëmmer méi

lëschteg an och méi haart. 'T gouf méi gejaut ewéi geriet, wat och néideg war wëll am Tubaksdamp vun den décken Zigaren an den äerde Kluewen een deen anere kaum méi gesin huet.

Géint Hallefnuecht huet d'Braut dat bekannte Spottlidd zum Beschte gin, wat de Fiddelpéitche mam "Miserere" ageleet huet:

Meng Mamm déi huet mer e Mann gin,  
Mäi Gott, mäi Gott, wat e klengen as dat,  
O Gott, wat e Mann, o Gott, wat e Mann,  
O Gott, wat e klenge Mann as dat!

Duerno huet déi eelste Fra der Braut d'Mirekroun ofgedoen an hir eng Hauf opgesat: d'Kätt war elo also ënnert der Hauf! Dat war och d'Zeeche fir déi jong Houchzäitskanner sech onopfällég ze verfuussen, meeschtens an d'Haus vu Frënn oder Noperen. D'Plaz vun der Brautkummer huet dierfte nämlech nët verrode gin, wëll soss déi jong Leit sech e Jux draus gemat hätten, fir ëm Brautpuer nach eng ze stiichten: d'Bettstat unze-seën, rengt Salz oder kleng geschnidde Kréng (Päerdshoër) an d'Bettgezei ze streën oder nach e puer faul Eër dran ze verstoppen.

Den zweten Dag mueres, virum Kaffi, sin déi jong Leit vun der Houchzäit mat engem Häwon, a fréier och mam "gouerechen Iesel" (de Wissbam) hir Cavaliëren duerech d'Dueref siche gaangen a se mat Spaass a Gesang zrëck an d'Houchzäitshaus gefouert. Duerno sin all Houchzäitsgäscht an eng Mass gaangen, déi fir d'Abgestuerwe vu béide Familje gelies as gin. Um Mëttesdësch hu se sech de Ränzchen erëm gutt vollgestoppt an nom Kaffi an der Drëpp sin déi jong Leit, iwwert d'Gewan spadseiere gaangen. D'Pätteren ower hu sech huerteg an der klenger Stuff zesummefond, fir eng Parti Kaart ze man. (Mënsch, Couleur, Bell-Mariage, asw.) Do sin déi "Kaarterabbeler" da sëtze bliwwe bis spéit an d'Nuecht eran an hu sech souguer d'Ham an de Pättche beim Stull zerwéiere gelooss. D'Mimmercher an d'Mattante souze fir sech beim Kaffi a Wäffelcher an hun do den Duerfbeschass vum ganze Joër erëm erdue-rech geklappt.

Um drëtte Muerge loug den Haff laang an déiwer Rou, bis géint der Mëtteg d'Kächen an der Kichen e Kreesch gedoen huet, datt all Honn um Haff ugefaangen hun ze billen: "Se hun d'Ham geklaut!" Et war dat de leschte Spaass vun de jonge Borschten, fir aus der Spënnchen, der Haascht an aus dem Keller nach e puer Delikatessen, selbst-verständlech mat der Hëllef vun der Kächen, ze



klauen. Sou hate se déi néideg Stierkung fir nach eng Kéier en Tur duerech d'Duerefwiirtschaften ze man.

Nom Véierauerkaffi hu sech déi meescht Houchzäitsgäschter op den Heemwee gemat, déi eng mat der Kutsch, déi aner zu Fouss, an alleguer déck beluede mat gudde Saachen.

Gläich drop sin aner Leit op den Haff kouw: de Schnëdder fir d'Wuedeklepper a Kiddelen erëm an d'Fassong ze bréngen, de Schouschter fir déi ofgewetzte Schung erëm frësch ze ersielen, den Dëppegeisser fir dat vill Zënnegeschir erëm ze flécken an op Héichglanz ze bréngen an zu guderlescht d'Wäschfraen, déi deglaang Aarbecht haten, fir déi vill Dëscheldicher an Zerwéiten ze wäschen an ze strecken.

Am Dueref ower gouf nach laang iwwert déi schéin Houchzäit geschwat an diskutéiert. Jiddereen wollt wëssen, datt do den Hellechsmécher erëm esou eng Saach arrangéiert hätt an datt eng aner grouss Houchzäit am nächste Joër bestëmmt erëm gefeiert ka gin.



D'Houchzäit vu "Koule" Mett zu Bartréng (1904)

(Photo: Luss Gérard, Bartréng)



# Gesellschaft ouni Gewënnzweck

*Eng inoffiziell lëtzebuergesch Iwwersetzung vun dene (wichtigsten) Artiklen aus dem Gesetz vum 21. Abrëll 1928, iwwer d'Gesellschaften ouni Gewënnzweck (A.S.B.L.) Dës Iwwersetzung soll de Gesellschaften a Veräiner eng kléng Hëllef sin, wann se hir Statuten an aner Veräinsschreiwereien op Lëtzebuergesch maache wëllen. Viru Geriicht, an an allen anere Sträitfäll, zielt natierlech dee franséischen Original-Text vum Gesetz.*

1. *Artikel:* E Veräin ouni Gewënnzweck (A.S.B.L.) as e Veräin, dee keng »Geschäfte« mécht an nët probéiert fir egal wat fir ee materielle Gewonn fir séng Memberen draus ze schloen.

De Veräin kritt d'»Personnalité Civile«, wann en déi Konditiounen erfëllt, déi dofir am Gesetz virgeschriwwen sin.

2. *Artikel:* An de Statute vun enger A.S.B.L. musse stoen:

1. Den Numm an de Sëtz vum Veräin. De Sëtz muss hei am Land sin.
2. Den Zweck, fir wat de Veräin gegrennt gouf.
3. Déi manst Zuel vun de Member, déi de Veräin muss hun; et mussen der weénegstens 3 sin.
4. Den Numm, de Virnumm, de Beruff, d'Adress an d'Nationalitéit vun der Memberen.
5. D'Konditiounen, déi z'erfëlle sin, fir kënne Member ze gin, a fir aus dem Veräin kënnen eraus ze goen.
6. D'Flichten an d'Rechter vun der Generalversammlung, déi genee Prozedur, no deer d'Generalversammlung zesummegeruff gët, an op wat fir eng Manéier d'Memberen oder drëtt Persounen iwwer d'Resolutioun vun der Generalversammlung Bescheed kréien.
7. D'Modalitéit wéi déi Leit, déi de Veräin leden, gewielt gin a wat fir Rechte se hun.
8. D'maximal Cotisatioun, déi de Member ze bezuelen huet.
9. D'Modalitéit wéi d'Konte geféiert gin.
10. D'Regelen, déi anzehale sin, fir d'Statuten ze änneren.
11. Wat mam Besëtz vun dem Veräinsverméigen ze geschéien huet, wann de Veräin sollt opgeléist gin.

Déi Punkte mussen an engem authentischen oder Privatakt festgehalde gin.

3. *Artikel:* Vun deem Dag un, wou séng Statuten, d'Nimm, d'Virnimm, de Beruff an d'Adress vun dene Leit, déi op déi virgeschriwwen Manéier gewielt goufen, fir de Veräin ze leden, am Memorial

publizéiert sind, huet de Veräin de Statut vun enger »Personnalité Civile«. (Nom Artikel 9 vum Gesetz vum 10. August 1915).

4. *Artikel:* D'Generalversammlung muss séng Zoustëmmung gin:

1. fir eng Statutenännerung
2. fir d'Wiel an d'Ofsetze vun de Leit aus dem Verwaltungsrot
3. zu dem Budget an de Konte vum Veräin
4. fir d'Opléisung vum Veräin.

5. *Artikel:* De Comité muss d'Generalversammlung zesumme ruffen:

- fir all déi Fäll, déi an de Statute virgesin sin
- wann 1/5 vun de Memberen dat freet.

6. *Artikel:* D'Membre mussen alleguer fir an d'Generalversammlung ageluede gin. De Programm vun der Versammlung muss och op der Invitatioun stoen. All Proposition, déi vu weénegstens 1/20 vun de Memberen ënnerschriwwen as, muss op de Programm vun der Generalversammlung kommen. (hei zielt d'Memberenzuel vum leschte Joër).

Nieft dene Punkten, déi op dem Programm vun der Generalversammlung opgezielt sin, kann d'Versammlung soss keng Resolutioun stëmmen, et sief dann, et géif ausdrécklech an de Statute stoen.

Et wär gutt, wann déi Memberen, déi verhënnert sin an d'Generalversammlung ze kommen, duerch en anere Member vertrat kënten gin, oder, wann d'Statuten et nët verbidden, och duerch eng drëtt Persoun.

7. *Artikel:* An der Generalversammlung huet all Member dat selwecht Stëmmrecht, an all Resolutioun gët mat der Majoritéit vun de Stëmmen, vun dene Leit déi do sin, resp. vertrat sin, ugeholl. (bis op déi Fäll, an denen d'Statuten oder d'Gesetz et anescht virschreiwwen).

8. *Artikel:* An der Generalversammlung kann nëmme rechtlech iwwer eng Statutenännerung geschwat gin, wann dee genee Text vun dëser Ännerung, speziell op der Invitatioun stoung, a wann op d'manst 2/3 vun de Memberen do sin. Fir datt eng Ännerung ugeholl ka gin, mussen op d'manst 2/3 vun de Stëmmen derfir sin.

Wa manner wéi 2/3 vun de Memberen do, resp. vertrat sin, kann eng zweet Versammlung zesumme geruff gin. Egal wéivill Leit dann do sin, kann iwwer eng Statutenännerung diskutéiert an ofge-



stëmmt gin. An deem Fall muss d'Entscheidung vun der Versammlung awer nach vum Zivilgeriicht ugeholl gin.

Geet et bei der Statutenännerung awer ëm de Sënn an den Zweck, fir déi de Veräin gegrennt gouf, sin dës Virschreften esou:

a) déi zweet Generalversammlung kann nëmmen eng Décisioun huelen, wann op d'manst d'Halbscheit vun de Memberen do, resp. vertratt as.

b) fir datt d'Generalversammlung eng Décisioun kann huelen, müssen op d'manst 3/4 vun de Stëmmen derfir sin (dat as esou an den zwéi Fäll).

c) wann an deer zweeter Generalversammlung keng 2/3 vun de Memberen do, resp. vertratt sin, muss all Décisioun nach vum Zivilgeriicht ugeholl gin.

**9. Artikel:** All Statutenännerung muss bant engem Mount am Mémorial publizéiert gin. Dat selwecht muss fir all Nominatioun, Démissioun oder Entloossung aus dem Comité gemat gin.

**10. Artikel:** Bant engem Mount no der Publikatioun vun de Statuten, muss eng Lëscht um Geriicht mat den Nimm vun de Membere vum Veräin an deer Uertschaft, wou de Veräin age droen as, déponéiert gin. Op dëser Lëscht stin, dem Alphabet no, nieft den Nimm, och nach d'Virnimm, d'Adress an d'Nationalitéit vun de Memberen. All Joër muss dës Lëscht an d'Rei gesat gin. D'Ännerungen ënner de Memberen müssen, dem Alphabet no, an enger Lëscht opgezitt gin. Jidderee (Member oder nët) kann sech dës Lëscht gratis ukucke goen.

Wann d'Statute keen Termäin virschreiwven, bis wéini datt d'Lëscht iwwerpréift musse sin, as dat bant engem Mount, no Ofschloss vum Veräinsjoër.

**11. Artikel:** Op allen Akten, Rechnungen, Annoncen, Publikatiounen an allen anere Schrëftstécker déi e Veräin ouni Gewënnzweck eraus gët, muss den Numm vum Veräin stoen. Virdrun oder direkt hannendru muss propper a voll ausgeschriwven: Association sans but lucratif, stoen.

**12. Artikel:** All Member vun enger A.S.B.L. kann aus dem Veräin erausgoen, dofir brauch hien dem Comité dat nëmmen ze schreiwen.

Dee Member, deen nët bant deer, an de Statute speziell virgeschriwwener Zäit, séng Cotisatioun bezuelt, as nët méi an dem Veräin. Wann et nët anescht an de Statute steet, as dësen Zäitraum, nodeem e Member mat vollen Recht ausgeschloss

ka gin, dräi Méint, gezielt vun deem Dag un, wou d'Cotisatioun ze bezuele war.

E Member ka nëmmen an dene Fäll aus dem Veräin ausgeschloss gin déi ausdrécklech an de Statute stin, a mat enger 2/3 Majoritéit.

Dee Member, deen démissionär as oder deen ausgeschloss gouf, huet kee Recht op iirgend een Deel aus de Fonge vum Veräin; wann d'Statuten et nët anescht virschreiwven, huet hien och kee Recht fir sech d'Geld, wat hien u Cotisatioun bezuelt huet, erëm ze froen.

**13. Artikel:** De Veräin gët vun engem Comité geféiert, deen en och viru Geriicht a bei allen anere Geleënhete vertritt. De Comité kann och engem vu sänge Memberen dës Chargen iwwerloossen; dëst geschitt awer ënner senger Verantwortung. Wann et nët anescht an de Statute steet, oder wann d'Generalversammlung averstan as, kann dat och eng drëtt Persoun sin.

D'Generalversammlung muss all Joër séng Zoustëmmung gin, fir d'Konte vum leschte Joër a fir de Budget vum neie Joër.

**14. Artikel:** Nom allgemenge Recht, as de Veräin verantwortlech fir all Feler vu séngem Comité oder vun dene Leit, déi e leden, wann se d'Décisiounen vum Veräin ausféieren. D'Leit aus dem Comité sin nët perséinlech verantwortlech fir d'Décisiounen an d'Engagementen vum Veräin. Hir Responsabilitéit zielt jhust fir déi perséinlech Feler, déi se bei deer Aarbecht maachen, fir déi se ugestallt goufen.

**15. Artikel:** De Veräin dierf keen anere Besëtzhun, wéi déi Gebailecheten, déi néideg sin, fir deen Zweck kënnen z'ereechen resp. z'erfëllen, fir deen e gegrennt as gin.

**16. Artikel:** E Veräin kann nëmmen eng Schenkung oder eng Ierfschaft unhuelen, wann se duerch en "Arrêté grand-ducal" erlaabt gouf. Bleift hire Wäert ënner 10.000.-Fr., geschitt dat duerch den "Arrêté ministériel".

Wann et drëm geet, fir eppes ze versuergen, kann e Veräin eng Schenkung oder eng Ierfschaft och provisorech unhuelen, resp. froen, fir se ze kréien. D'Autorisatioun gët dann nodréigelech gemaacht, an zwar op den Datum, wou de Veräin "d'Saach" ugeholl huet.

De Veräin kritt awer nëmmen, esou eng Autorisatioun, wann en d'Konditiounen erfëllt, wéi se an den Artiklen 3 a 9 geschriwven stin, a wann d'Konten, zënter der Grënnung vum Veräin, oder



vun dene leschten 10 Joër, um Geriicht depouéiert goufen.

Dës Décisioun ka virum "Comité des Contentieux" vum Staatsrot ugesicht gin, sou gutt vum Veräin, deen d'Demande gemaacht huet, wéi vum Stëfter selwer oder vun den direkten Ierwe vum Testator.

De Staatsrot hält sech un d'Virschreft vum Artikel 34 vum Gesetz vum 16. Januar 1866. (Dëst Gesetz as duerch d'Gesetz vum 8. Februar 1961 ersat gin). Dëse Recours muss bant den eischten 10 Deg agereecht gin, nodeem déi direkt Betreffen, iwwer d'Décisioun informéiert goufen. No dëser Zäit ka kee méi séng Uspréch stellen.

**17. Artikel:** Déi Leit, déi nach Suën ze gutt hun oder déi Persounen, déi vu rechtsweën vum Stëfter resp. Verstuerwenen ierwe sollen, verléieren awer kee Recht op eng Schenkung oder op eng Ierfschaft un eng A.S.B.L. Nom allgemenge Recht, kënnen si d'Annulatioun vun dëser Schenkung resp. Ierfschaft beim Geriicht froën.

**18. Artikel:** Op Ufro, sief et vun engem Member, sief et vun engem interesséierten Drëtten, sief et vum Ministère, kann d'Geriicht, aus deem Beziirk, wou de Veräin agedroen as, de Veräin opléisen. Dat ka geschéien, wann de Veräin nët méi amstand as fir séng Engagementer anzehalen, wann e séng Fongen resp. d'Akommes aus sänge Fonge géng huelen, fir Saachen, déi näischt mat deem ze dun hun, fir wat de Veräin eigentlech gegrënnt gi wor. Dat selwecht ka geschéien, wann de Veräin gehéiereg géint séng ege Statuten, géint d'Gesetz oder géint déi allgemeng Uerdnung verstousse géif.

Wann d'Geriicht déi Ufro nët unhëlt an de Veräin nët opléist, da kann et awer déi Engagementer, weéinst denen de Veräin ugeklot wor gin, annuléieren.

**19. Artikel:** Am Fall, wou eng A.S.B.L. duerch e Gerichtsbeschloss opgeléist gët, bestëmmt d'Geriicht och eng oder méi Persounen, fir d'Liquidatioun vum Veräin ze maachen. Wann se all Scholde bezuelt hun, gët d'Verméigen deem Zweck zougeféiert, wéi et an de Statute festgeluegt as.

Wann näischt dovun an de Statute steet, ruffen déi Leit d'Generalversammlung zesummen. Déi soll da bestëmmen, wat mam Verméige geschitt.

Steet awer näischt dovun an de Statuten, a wann d'Generalversammlung och keng Décisioun hält, kënnen déi Leit d'Verméigen fir e grad esou en

Zweck reservéiere wéi deen, fir deen de Veräin gegrënnt gi wor.

D'Membere vum Veräin, déi Leit déi nach Suën ze gutt hun an de Ministère Public kënnen dës Décisioun viru Geriicht usichen.

**20. Artikel:** D'Generalversammlung ka sech nëmme fir eng Opléisung vum Veräin entscheiden, wann op d'manst 2/3 vun de Memberen an der Generalversammlung sin. As dat nët de Fall, kann eng zweet Versammlung zesumme geruff gin.

Do kann da rechtskräfteg iwwer eng Opléisung diskutéiert gin, egal wéivill Memberen dann do sin. D'Décisioun muss awer mat enger 2/3 Majoritéit vun de Stëmmen, vun dene Memberen déi do sin, ugehall gin.

Am Fall, wou d'Generalversammlung eng Opléisung vum Veräin décidéiert huet, an et ware keng 2/3 vun alle Memberen an der Generalversammlung, muss dës Décisioun nach vum Geriicht ugehall gin.

**21. Artikel:** Et kann een an Appell goen, géint en Urtel, dat d'Opléisung vun engem Veräin bestëmmt oder wat en Engagement annulléiert.

Dat selwecht gëlt fir dat Urtel, dat gesprach gët, géint eng Décisioun vun dene Persounen, déi bestëmmt goufen fir d'Ofrechnung vun engem Veräin ze maachen (an dem Fall, wéi en am leschten Deel vum 19. Artikel beschriwwen as).

Dëst gëlt och fir d'Unerkennung vun enger Décisioun vun der Generalversammlung duerch d'Geriicht (fir de Fall wéi en am leschten Ofschnëtt vum 20. Artikel steet).

**22. Artikel:** Wann näischt an de Statute steet iwwer d'Opléisung, as et un der Generalversammlung, iwwer d'Opléisung vum Veräin ze entscheiden. An engems gët dann och bestëmmt, wat mam Verméige vum Veräin geschitt.

Wann d'Generalversammlung keng Décisioun an deer Fro huele kann, as et un dene Leit, déi bestëmmt goufen, fir d'Liquidatioun vum Veräin ze maachen, d'Verméige fir e grad esou en Zweck ze reserwéieren, wéi deen fir deen de Veräin gegrënnt gi wor.

Dës Ofrechnung gët da vun deer oder dene Persounen, déi hei fir bestëmmt goufen, duerchgefouert. Bei dëser Ofrechnung halen si sech un d'Statute vum Veräin, oder un eng Resolutioun, déi vun der Generalversammlung gestëmmt gouf.



Si keng esou Bestëmmungen do, halen si sech un e Geriichtsuurtel. Jiddereen, deen Interessi drun huet, resp. de Ministère Public, kann esou en Uurtel froen.

**23. Artikel:** D'Resolutiounen vum der Generalversammlung an d'Gerichtsdécisionen, déi d'Conditionen fir d'Opléisung vum engem Veräin bestëmmen, mussen an den Annexe vum Mémorial publizéiert gin. D'Conditionen ënner denen d'Liquidatioun geschitt, den Numm, de Beruff an d'Adress vum dene Persounen, déi dës Ofrechnung vum Veräin maachen, mussen och am Mémorial publizéiert gin.

**24. Artikel:** Fir d'éischt mussen all Scholde vum Veräin bezuelt sin, éier d'Verméigen, wat nach bleift, fir een aneren Zweck bestëmmt ka gin.

**25. Artikel:** An den Annexe vum Mémorial muss publizéiert gin, wat mat dem Verméige geschitt as. Drëtt Persounen duerfen doduerch nët geschiedegt gin. Fënnf Jor no deer Publikatioun ka kee méi eppes (Geld) reklaméieren.

**26. Artikel:** Wa vergiess gouf, déi verschidde Formalitéiten, wéi se an den Artikelen 2, 3, 9, 10 an 11 beschriwwen goufen, ze publizéieren, kann de Veräin nët géint eng drëtt Persoun viru Geriicht goen. Dat verhënnert awer nët, datt de Veräin ugeklot ka gin.

Dat selwecht as esou, wann 3/5 vum de Membere keng Lëtzebuerger sin. D'Regëierung kann awer, no engem Avis vum Staatsrot, Dispens gin, fir déi Konditioun, wéi se am Saz virdru beschriwwen as.

## E Modell vu Statuten.

**1. Artikel:** Ënnert dem Numm "Syndicat d'Initiative de la Commune de xxxxxx fir d'Dierfer xxxxxx gët e Veräin ouni Gewënnzweck gegrënnt.

**2. Artikel:** Den Zweck vum Veräin as

a) beim Stat, bei der Gemeng oder aneren Institutionen an Administratiounen d'lokal Interesse vum den Awunner vum der Gemeng xxxxx ze verrieden,

b) doriwwer eraus hëlt hien all Initiative fir an den Uertschafte vum der Gemeng op strukturellem, kulturellem an touristeschem Plang weiderzehlëfen a fir d'Verschéinerung, den Ausbau an d'Entwécklung vum der Gemeng ze schaffen.

c) de Veräin schafft mat alle Veräiner aus der Gemeng no dem Interesse vum hire Statuten zesummen.

**3. Artikel:** Säi Sëtz as zu xxxx. Séng Dauer as nët begrenzt.

**4. Artikel:** De Veräin as politesch, ideologesch a reliéis neutral.

### Mëmbere.

**5. Artikel:** D'Zuel vum de Mëmbere as no uewen op, duerf awer nët manner ewéi sechs sin.

All Awunner vum der Gemeng, déi dem Veräin séng Aarbecht ënnerstëtzen, kënnen Mëmber vum Veräin gin.

All physesch a moralesch Persounen, déi de Veräin moralesch a finanziell ënnerstëtzen, kënnen Èremëmber gin.

D'Demission an d'Ausschlësse vu Mëmbren, déi géint d'Interesse vum Veräin schaffen, riichte sech nom Artikel 12 vum Gesetz vum 21.4.1928.

### Verwaltung.

De Veräin gët vum engem Comité geleet.

De Comité besteet aus 9 Leit: engem President, engem Vize-President, engem Sekretär, engem Caissier a fënnf Mëmbere. De Gemengerot vu xxxx delegéiert ee vu sänge Mëmber an de Comité, dësen Delegéierten dierf awer bei Decisiounen nët mat ofstëmmen.

D'Generalversammlung wíelt dem Comité séng Mëmber fir dräi Joër mat der Majoritéit vum dene Veräinsmëmber, déi an der Versammlung sin. All Joër gët de Comité fir en Drëttel nei gewíelt. All Mëmber vum Veräin kann sech an de Comité wíele lossen, en dierf donieft kee politesche Mandat an der Gemeng vum xxxx hun.

All Joër gët de Comité fir en Drëttel nei gewíelt, D'Lous entscheet déi éischt zwee Joer iwwer déi Comitées-Leit, déi an d'Austrëtt-Serie kommen.

D'Mëmber vum der Austrëtt-Serie kënnen èremgewíelt gin. Kréien zwéi Kandidaten déi selwecht Zuel vu Stëmmen as dee gewíelt, deen am längsten am Veräin as.

As e Comitées-Member demissionär virum Enn vu sängem Mandat, da gët op der nächster Generalversammlung en neie Mëmber gewíelt, deen dëse Mandat ze Enn féiert.

De Comité verdeelt d'Chargen ënnert sech.



De Comité gët vum President oder vu weinstens sechs vu sänge Mëmbler ageruff, wann den Interessi vum Veräin et verlaangt.

De Comité kënnt weinstens... mol am Joër zesummen. E Comité-Mëmbler, deen dräimol hannereneen onentschëllegt feelt kann aus dem Comité ausgeschloss gin.

De Comité huet all Rechter a Flichten, déi an den Artikelen 13 a 14 vum Gesetz vum 21. Abrëll 1928 opgezielt sin.

De Comité huet all Rechter fir de Veräin ze féieren, och um geriichtlechen an um administrative Plang.

De President oder de Vize-President zesumme mat dem Sekretär oder mat dem Caissier engagéieren de Veräin mat hirer Ënnerschrëft vis-à-vis vun drëtte Persounen.

Wat am Comité an op der Generalversammlung décidéiert gët, muss an e Regëster ageschriwwen gin, deen am Bureau läit an dee fir all Mëmbler nozekucken do as.

Dëse Regëster gët vum President oder dem Vize-President an dem Sekretär ënnerschriwwen.

D'Generalversammlung kënnt op d'manst eemol am Joër, an dat am éischten Trimester, zesummen.

Si gët mat engem Schreiwer fir jiddfer Mëmbler weinstens aacht Deg virdrun ageruff.

Den Détail vun der Versammlung riicht sech no deem, wat d'Gesetz vum 21.4.1928 virgesäit.

### **Caisse a Fongen.**

D'Geschäftsjoër geet vum 1. Januar bis den 31. Dezember. D'Fong vum Veräin bestin aus Cotisatione vun de Mëmbren, Subsidien, Schenkungen, Zënse vu Konten a Boni vun Organisatiounen. D'Cotisation pro Joër gët vun der Generalversammlung festgesat; de Maximum si... Frang. Si gët vum Comité agezun. De Comité leet der Generalversammlung all Joër d'Konte vum leschte Joër an de Budget fir d'Joër drop vir. D'Konte gi vu weinstens 2 Leit kontrolléiert, déi vun der Generalversammlung fir ee Joër gewielt gin.

Wann de Veräin opgeléist gët, da kritt den Aarbeureau vun der Gemeng de Rescht vum Verméigen, nodeems all Scholde bezuelt sin.

Fir alles wat nët an dëse Statute virgesin as, zielt Gesetz vum 21. Abrëll 1928.

De Comité kann eenzel Mataarbechter erunzéien a Kommissiounen nennen, fir bestëmmt Aarbech-

ten ze maachen. Dës Leit schaffen ënnert der Responsabilitéit vum Comité. De Comité nennt an entléisst se.

*A. Meyer*

## **Lëtzebuenger Individualitéit ... 1829**

Ech weess nët, ob der sech vill viru mir mat Ierscht ëm onsen Dialekt bekëmmert hun.

Dach wonnerlech, eng Ried déi vun allen am meeschten ëm ons klängt, a wellecher gewëss ee vun de wichtigste Mëttelen zur Kenntnes vun der *Lëtzebuenger Individualitéit* lait, bleift vun alle verlosst, a selwer den Ëmstand, datt ee mat der gréisster Freed eng Schrëft, a Lëtzebuenger Daitsch, vir Jorhonnerte geschriwen, selwer hätt se weíneg litterärische Wäert, géif liesen, huet ons nët ugedriwen onse Kannskanner, vellaicht, wann ons Sprooch ganz verännert as, déi selwech Freed emol ze maachen ...

Eng Sprooch as en Naturfactum, wouvun as mer d'Bedeutung nëmmen duerch Observatiounen, iwer dat Factum ugestallt, fanne kënnen. Wuel wär et eng Dommheet, sech anzebillen, datt ons Mondaart, durech vill dran ze schreiwen an ze liesen, weit verbreet, eemol vun grousser Wichtigkeet géif ... dach dat wat onser Sprooch egen as, muss deen, deen dra riet ugon ...

(Aus: E' Schrek ob de' Lëtzebuenger Parnassus vum A. Meyer. Lëtzebuerg, bei J. Lamort, ob der Place d'Aarem. S. 46/47 - 1829.)



# Rapport vun der Generalversammlung

vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 24. Mäerz 1984

De 24. Mäerz 1984 war d'Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch. Ronn 100 Mëmbler waren an de Café du Commerce op d'Plëssdarem an d'Stad komm, fir gewuer ze gin, wat alles bant dene leschten 12 Méint gelescht gouf.

Ënnert de Leit waren d'Hären Deputéiert Pol Wagener a Jos. Weyrich (CSV), den Här Carlo Meintz vun der DP an de PSI. D'LSAP wor vertratt duurch den Här Cornel Meder. Vun Arel war den Här Gaston Mathey (President vun „Arelerland a Sprooch“) riwwer komm, an „d'Frënn vun der Actioun Lëtzebuergesch vu Péténg“ woren duurch hire President, dem Här Josy Ries an hire Sekretär, dem Här Georges Helm vertratt.

An enger kuurzer Usprooch huet de President vun der Actioun Lëtzebuergesch, den Här Heng Rinnen, all d'Leit am Sall begréisst, an hinne Merci gesot, datt si sech esou vill Zäit geholl hun, fir an d'Versammlung ze kommen.

Fir d'éischt huet hie séngem Comité Merci gesot, fir déi vill a gutt Aarbecht, déi an dem leschte Jor gelescht gouf. E besonnesche Merci goung awer un den Här Lex Roth, deen 12 Jor laang President vum Veräin war. De leschte 17. Januar hat hie séng Demissioun als President gin, well hien op eng Lëscht fir d'Châmblerwale vum 17. Juni 1984 gewielt gouf. Den Här Rinnen huet drun erënnert, datt d'Actioun Lëtzebuergesch politesch a reliéis neutral as, an datt den Här Roth d'Plaz vum President ofgin huet, wéinst der Suerg, fir de Veräin aus alle politesche Streideren erauszehalen.

Dann as den Här Rinnen op dat neit Sprooch-Gesetz ze schwätze komm. Dëst Gesetz as de 25. Januar 1984 an eiser Châmbler gestëmmt gin, an de 24. Februar as et am Memorial publizéiert gin. Mat dësem Gesetz, sou huet de President geméngt, hätte mir erëm e grouss Schrëtt no uewe gemaacht, op dem laangen a schwéiere Wee, deen eis Sprooch goe muss.

Ouni lo weider op déi genee Ursaachen anzegeen, déi zu dësem Gesetz gefouert hun, an ouni och weider déi ganz Debatten aus der Châmbler ze kommentéieren an z'analyséieren, wollt den Här Rinnen dach awer puer ganz wichteg Marken aus der Geschicht vun eiser Sprooch opzielen:

– do war den 23. Oktober 1806, wou iwerhaapt fir d'alleréischte Kéier eppes iwwer eis Sprooch festgehal gouf. Dat as e Schrëftstéck aus der Zäit vun der franséischer Revolutioun, an do steet dran, datt de „Lëtzebuergesch Dialekt“, ewéi en am „Département des Forêts“ geschwat gët, nach ni geschriwwen wir gin

– den 8. Mee 1824 fanne mer am „Luxemburger Wochenblatt“ eng Notiz geschriwwent Lëtzebuergesch (vum Antoine Behrens)

– den 10. Dezember 1825 steet an der selwechter Zeitung e Gedicht op Lëtzebuergesch. „Déi lescht Wënsch vun engem Soff“. Dëst sin déi éischt Prouwen vun eiser Sprooch (wann een elo ofgesäit vun eenzelne Wieder aus alen Akten, dem „Yolanda“ vu Veianen oder engem Gedicht, wat an der Abtei zu Iechternach opgeschriwwen gouf („Elsche wëllst de mat mir goen“))

– 5 Jor méi spéit, 1829, huet den Antoine Meyer de „Schrëck op de Lëtzeburger Parnassus“ erausgin. Deemools krute mir och eis 1. Schreifweis (virun 155 Jor)

– an den 1820er Joren gin dann eis dräi bescht Dichter aus dem 19. Jorhonnert gebuer (M. Lentz: 1820, †1893; Dicks: 1823, †1891; M. Rodange: 1827, †1876)

– 1847 kënnt dem J. Fr. Gangler säin éischte Lëtzeburger Dixonnär eraus (dat sin 137 Jor genee)

– 1855 publizéiert den Dicks séng Schreifweis, a séng éischt Theaterstécker gin opgefouert (viru ronn 130 Jor)

– 1854 schreift de Félix Thyès en „Essai sur la poésie luxembourgeoise“

– 1857 schreift de M. Rodange säin éischt Gedicht op Lëtzebuergesch: „d'Lidd vum Jéngsterdag“

– de 5. Juni 1864 gët zu Ettelbréck, vru der Schoul, d'Hemecht fir d'éischt gesongen; deemools huet et nach „Uelzech“ geheescht, an et as eist Nationallidd gin

– 1872 kënnt de „Renert“ vum M. Rodange eraus

– 1873 publizéiert de M. Lentz „Späss an Ierscht“

– 1882/1883 bréngt den Dicks séng „Soen – Sitten a Gebräicher“; Wieder fir en Dixonnär huet en zesummegeeraaft



- 1896 hält den C.M. Spoo fir d'éischt eng Ried op Lëtzebuergesch an der Châmber
- 1906 kënnt den 2. Dixonnär
- 1912 gët d'Lëtzebuergesch als Schoulfach fir Primärschoulen agefouert
- 1924 gët d'Sprooch-gesellschaft gegrënnt, fir den 3. Dixonnär auszeschaffen
- vun 1937/1938 un, muss ee Lëtzebuergesch kennen, fir naturaliséiert ze gin
- an dene Jore kréie mir dann och eng Stonn am Radio
- 1937 – 1938 gët „d'Heemechtssprooch“ gegrënnt
- vun nom Krich 1944-45 un, gët dann och an eiser Châmber Lëtzebuergesch geschwat, an d'Lëtzebuergesch kënnt op de Programm vun der 7ème am Kolléisch
- vun 1950 un, fängt den Dixonnär un eraus ze kommen; 1977-78 as e fäerdeg
- 1959 gët eisen UKW gebuer
- 1952 gët „Eis Sprooch“ gegrënnt (bis 1962); hei fanne mer Nimm erëm wéi Comes, Berens, Koenig, Pletschette, Senninger, Gremling, Trauffer asw., déi ewell vun 1924 derbäi waren
- 1972 kënnt dann d'Actioun Lëtzebuergesch
- 1982 bis 1984 gët d'Sprooch-Gesetz an der Châmber diskutéiert a gestëmmt.

De President huet dann och nach un déi sëllege Bicher erënnert, déi an dene leschte Joren op Lëtzebuergesch eraus komm sin. Ouni an all Einzelheten ze goen, huet hien awer déi verschidden Dixonnären (lëtzebuergesch-däitsch; lëtzebuergesch-franséisch; lëtzebuergesch-englesch a lëtzebuergesch-portugisesch) an d'Bicher fir Lëtzebuergesch Couren (vun den Hären Müller, Christophory a Roth-Gonner-Marson) kuurz ernimmt.

Zum Schluss sot den Här Rinnen dene Leit nach all Merci, déi d'ganz Jor duurch hir Artikelen op Lëtzebuergesch an d'Zeitunge schreiwen oder soss eppes fir eis Sprooch gelescht hun.

A séngem Aktivitéitsrapport huet de Sekretär, den Här Marcel Lamy, kuurz opgezielt, wat de Comité alles zënter der leschter Generalversammlung vum 26. März 1983 geschafft huet:

- de Comité hat 10 Sätzungen
- zwou Zirkuläre goufen un all Mëmber geschéckt
- am Dezember 1983 koum d'Nr. 15 vun „Eis Sprooch“ eraus, a gouf un all Mëmber geschéckt
- d'Buch fir Lëtzebuergesch-Coure koum och an

2. Oplo eraus. Dëst Buch huet elo ronn 315 Säiten, a bei all Lektoun fënt een do Exercicer.

- d'Blieder mat eiser „Schreifweis“, esou wéi se an eiser Extra-Nr. 3/2. Oplo steet, as och an enger 2. Oplo vun 10.000 Stéck gedréckt gin
- fir Krëschttag koumen och erëm 4 Neijooschkaarten eraus. Et war ewell fir 10. Kéier, datt d'Actioun Lëtzebuergesch sou Kaarten drécke gelooss huet. Et waren dëst Jor Biller drop vun: der Greinskapell, der Schibbreg, dem Schluss vun Huelmes, dem Schluss vu Buerglënster. Dës Kaarte goufe ronn 22.000 mol verkaaft.
- am Juni 1983, wéi d'Sprooch-Gesetz an der Châmber sollt diskutéiert gin, goug e Bréif un all-Deputéiert. De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch huet sech ugin, fir jiddereen z'informeréieren, wann en eis Hëllef sollt brauchen, fir séng Ried fir an d'Châmber virzebreden
- am Dezember 1983 goug e Bréif un d'Parteien alleguer déi bei de Châmberwale vum 17. Juni 1984 matmaachen. An dësem Bréif hu mir äis ugin, fir hinnen ze hëllef hir Plakater an all aner Propagandaziedelen an déi richteg Schreifweis ze setzen. An engems hu mir awer och ënnerstrach, datt mir ganz frou wieren, wann all dës Informations- a Propagandablieder esou vill wéi méiglech op Lëtzebuergesch gemat géifen
- en anere Bréif goug un d'RTL-Direktioun. An dësem Bréif hu mir gefrot, fir datt de 5. Mee beim „Grand Prix Eurovision de la Chanson“ och e puer Wuert Lëtzebuergesch sollte geschwat gin (as geschitt – d'Red.)
- am Dezember 1983 goug nach en anere Bréif un d'Foire-Direktioun, fir hinne Merci ze soen, fir déi grouss Hëllef, déi mir all Jor bei hinne kréien. An engems hu mir awer och gefrot, fir eisen ale Stand, bei dem Studio vun RTL erëmzekeréien.
- beim Kultur-Ministère hu mir e Subsid fir d'Jor 1983 ugefrot
- an engem Zeitungsartikel hu mir gefrot, fir datt bei de Châmberwale vum 17. Juni 1984, d'Stëmmziedelen och op Lëtzebuergesch sollte gemat gin. Mir hun äis dobäi op d'Sprooch-Gesetz gestäipt, an drun erënnert, datt jo nëmme Lëtzebuerger stëmme gin.
- Wann et nët méiglech sollt sin, fir d'Stëmmziedelen op Lëtzebuergesch ze drécken, da sollten se awer nieft Franséisch an Däitsch och op Lëtzebuergesch sin.
- bei der Post-Direktioun hu mir gefrot, fir datt, wann am Fréijor dee kleng Prenz oder déi kleng



Prinzessin op d'Welt kënnt, nët méi „Vive le Prince“ um Extra-Stempel steet. Do soll „Vive de Prënz“ resp. „Vive d'Prinzessin“ dropstoen – eng aner Saach, déi ganz gutt bei de Leit dobaussen ukoum, war, wéi de Poopst d'lescht Jor op Ouschteren\*, all Leit, déi „Lëtzebuergesch schwätzen“ extra begréisst hat. Et versteet sech jo, datt de Poopst dat nët all Kéiers ka maachen, ma et wär awer ze hoffen, datt de Bistum sech asetzt, fir datt dëst an Zoukonft awer nach méi dacks erëm kënnt sin. Den Här Roth hat perséinlech mam Bistum iwwer déi Affair verhandelt, an dofir wëlle mir dem Här Bëschof en extraë Merci soen, fir säi Versteesdëmes.

– vum 8. bis de 16. Oktober 1983 hat d'Actioun Lëtzebuergesch en Informationsstand op der Hierschtfoire um Kiirchbiërg. Den Här Siuda a séng Madame hun déi ganz Zäit d'Permanence do uewe gemat, an dofir as de ganze Comité an d'A.L. hinnen e grouesse Merci schëlleg. Wéi all Jor, hun och dës Kéier rëm ganz vill Leit sech op eise Stand informéiert, a bant dene 9 Deg vun der Foire krute mir ronn 200 nei Mëmbere bäi.

– d'Actioun Lëtzebuergesch huet elo genee 2216 Mëmbere (24.3.1984)

– an de Méint Juni-Dezember 1983 hat d'Actioun Lëtzebuergesch e Concours fir Kuurz-Geschichten fir Kanner op d'Lëtzebuergesch organiséiert

– d'Actioun Lëtzebuergesch gët eng Plack aus Bronz eraus, mat de Käpp vum Dicks, Rodange a Lentz.

De Sekretär huet d'Leit nach eng Kéier drun erënnert, datt de Bureau am Bredewe all méindes an all mëttwochs vun 12.30 Auer bis 13.30 Auer op as.

Aus all den Zuelen, déi de Caissier, den Här René Faber, opgezielt huet, gesäit een, datt de Veräin och weider finanziell op ganz gesonne Féiss steet. A séngen Erklärungen huet de Caisser ganz klor ënnerstrach, datt et absolut néideg as, fir e gudde Fong an der Caisse ze hun, fir all déi Aktivitéiten an Actiounen kënnen durchzeféieren, esou wéi mir äis se virgeholl hun.

D'Suë kommen haaptsächlech eran duurch d'Cotisationen vun de Mëmbere (d'lescht Jor waren dat 400.000 Frang) an duurch de Verkauf vun dene verschiddene Bicher an apaart den Neijooschkaarten.

D'lescht Jor goufen eleng fir d'Drécke vun de Publikatiounen ronn 650.000 Frang ausgin. Fir Porto goufe 45.000 Frang un d'Post bezuelt.

Zum Schluss vun séngem Rapport huet den Här Faber dann nach déi zwou ganz grouss Ausgaben ernimmt, déi nieft dene gewinnte Saachen, fir dëst Jor um Programm stin:

– éischters wär dat de *Concours fir Kuurz-Geschichte* fir Kanner op Lëtzebuergesch. Dës Geschichte sollen als Buch erauskommen

– zweetens as dat d'*Plack vum Dicks-Rodange-Lentz*, fir déi de Veräin ganz vill Suë virstrécke muss.

Am Numm vun de Caisse-Kontrolleren seet den Här Folschette sech averstan mam Här Faber sénger Aarbecht, a biet d'Versammlung de Caisserapport unzehuelen.

D'Häre Folschette, Schaaek a Kell sin averstan, fir och weider d'Charge vum Caisse-Kontroller z'iwwerhuelen.

### Neiwiël fir de Comité:

Et ware 4 Plazen op fir an de Comité:

– op der Austrëttsléscht waren dëst Jor d'Hären Charel Malané, Heng Rinnen, Robert Siuda

– den Här Georges Kintziger hat ewell am Laf vum Jor séng Demissioun gin.

– nieft dësen 3 Comitésmëmbere haten nach 3 Leit hir Kandidatur gestallt: d'Joffer Monique Weny, d'Häre Georges Helm, Emil Schmit.

An de Walbureau haten sech fräiwëlleg gemellt: d'Hären Albert Goedert, Gaston Mathey, Ger Schlechter, Fernand Wiltgen.

Gewielt goufen: Heng Rinnen, 71 Stëmmen; Robert Siuda, 69 Stëmmen; Charel Malané, 60 Stëmmen; Georges Helm, 52 Stëmmen.

93 Mëmbere haten e Stëmmziedel ofgin; dobäi wor ee wäissen.

### Cotisation 1985:

D'Versammlung as d'accord, fir d'Cotisation fir 1985 bei 200 Frang ze loossen.

### Plack „Dicks-Rodange-Lentz“:

*An engem kuurze Rapport huet den Här Lex Roth de Leit erkläert, wéi sou d'Actioun Lëtzebuergesch iwwerhaapt derzou koum, fir dës Plack erauszegin. Dobäi huet hien ënnerstrach, datt et der Actioun Lëtzebuergesch drëm goug, fir dës 3 Dichter mol eng Kéier beieneen op e Bild ze bréngen.*

*Den Här Roth huet drun erënnert, datt den Här Julien Lefevre dem Veräin séng ganz Aarbecht geschenkt*

\* och dëst Jor 1984



*huet, an datt mir him dofir, iwwer d'Graf eraus, en décke Merci schëlleg sin.*

*Nieft de Placken aus Bronze huet de Comité awer och nach 25 Placke versëlwere gelooss. Dës Placke si geduecht fir ze verschenken, sou ze soen als Merci, wann een eppes Grousses an eiser Sprooch oder fir eis Sprooch geleeest huet.*

Ausser der Plack vum Dicks-Rodange-Lentz, huet den Här Roth och nach eng Spéngel presentéiert, mam Sigle vun der Actioun Lëtzebuergesch drop. Dës Spéngel kascht 50 Frang.

### Präisverdelong vum Concours:

An de Méint Juni bis Dezember 1983 hat d'Actioun Lëtzebuergesch e Concours ausgeschriwwen fir *Kuurz-Geschichte fir Kanner vun 10-13 Jor op Lëtzebuergesch*.

D'Reglement vun dësem Concours war nët anescht wéi bei soss engem anere Concours, (d'Reglement war an eiser Nr. 15 ofgedréckt). Eng Ausnam war, datt keen Auteur méi wéi 1 Präis kënnt kréien, egal wéivill Geschichten en ofgin hätt. Domat sollt méi Leit eng Chance kréien, an et sollt verhënnert gin, datt puer Leit d'Präisser wéi ënnert sech kënnten delen.

De Comité hat sech och ausgehal fir, nieft dene Geschichten, déi vum Jury fir e Präis proposéiert goufen, nach aner Geschichte kënne opzekafen. Déi bescht Geschichte sollen an engem Buch eraus kommen.

Am Jury vun dësem Concours waren:

d'Häre Pol Greisch (President), Jul Christophory, Cornel Meder, Pierre Puth, Pol Pütz, John Rinnen, Paul Schumacher, Marcel Lamy (Sekretär).

Am Numm vum Jury huet de Sekretär, den Här Marcel Lamy, der Versammlung dës puer Explicatiounen gin. D'Klassement vum Concours gesäit esou aus:

**e Präis kréien:** den Här Pe'l Schlechter (Déi Saach mat den Äppel), den Här Jemp Schuster (Dem Jup säin Af)

– eng Prime kréien: den Här Jhemp Hoscheit (Eng Wallis), den Här Roger Manderscheid (Em Karolin séng Expeditiounen), den Här Jean Milmeister (Den Tyro), den Här Will Reuland (Den Tieteg), den Här Guy Wagner (Den Dsanno).

Et goufen 80 Aarbechten erageschéckt, vun 29 verschiddenen Auteuren. De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch hat dem Jury fräi Hand gin, fir d'Klassement vun dësem Concours opzustellen; dofir as et klor, datt mir äis elo och un dëst Klassement hale mussen.

### Lëtzebuergesch an der Kiirch:

A séngem Rapport huet den Här Professor René Wirtz bedauert, datt eis Sprooch nach ëmmer de Stoussnéckel an eise Kiirchen as, an datt sech d'Situatioun zënter der leschter Generalversammlung nët vill verbessert huet. D'Problemer si nach ëmmer déi selwecht.

Den Här Wirtz huet dann och puer Beispiller opgezielt, an drop higewisen, wéi schwéier d'Kommissioun et huet, fir eppes beim Bistum z'erreechen. Hien huet bedauert, dat de Bistum nëmme ganz lues oder iwwerhaupt nët op d'Propositionen vun der Kommissioun reagéiert, an hien huet säi Rapport ofgeschloss mat de Wierder: „dem Härgott séng Mille muele lues, lues ... ganz lues“.

Am Numm vu sénger Organisatioun huet e Vertrieeder vun den „Enrôlés de Force“ sech hannert d'Wierder vum Här René Wirtz gestallt, an hien huet gemengt, d'Actioun Lëtzebuergesch misst sech nach méi staark beim Bistum asetzen, fir datt endlech iwwerall Lëtzebuergesch an eise Kiirche gebiet soll gin.

### Arelerland a Sprooch:

De President vun Arelerland a Sprooch, den Här Gaston Mathey, huet d'Versammlung informéiert, datt de 6. Abrëll 1984, zu Arel, eng belsch Theatergrupp e lëtzebuergesch Stéck spillt, et soll e bëssche méi spët op der belscher Tëlevisioun iwwerdroe gin.

Um Enn vun der Generalversammlung huet den Här Marcel Dietsch ganz schéin Dia-Biller gewisen, aus sénge Bicher iwwer de Renert.

de Sekretär, M. Lamy

\*\*\*

Den Här Lex Roth huet an der Sëtzung vum 16. Januar 1984 dem Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch séng Demissioun als President virgeschloen, well hien zënter dem 14. Januar op d'Kandidatlescht vun enger politescher Partei gewielt as.

Dat als Konsequenz aus der Suerg, d'Actioun Lëtzebuergesch aus parteipoliteschem Gestreits erauszehalen, esou wéi hien dat als Grëndungspräsident 12 Joër laang fäerdeg bruecht huet. Den Här Roth bleift Mëmber vum Comité esou wéi dat och Frënn a Mandatairen aus anere Parteien sin. Hie schafft op alle Pläng weider fir eis Sprooch.

Den Här Henri Rinnen, Vizepresident, iwwerhëlt bis no der Generalversammlung d'Fonction vum President.



Léon Blasen

# † Ady May

Den 20. Dezember 1983 as den Ady May an der Klinik Saint-Louis zu Ettelbréck am Alter vu 84 Joër gestuerwen. Den Ady May, dien am ganze Land ënnert dem Numm "De Mees Ady vun Ettelbréck" bekannt war, koum de 17. Dezember 1899 zu Ettelbréck op d'Welt. Séng Elteren, de Michel May an d'Anna Erpelding hate siwe Kanner.

De Michel May war Seelspänner, een Handwierk, dat och scho vum Papp a vum Grousspapp bedriwwen gouf. Hien hat séng Seelspännerei géint 1900 niewent dem "Päerdsmaart" ageriicht. Dat Handwierk as deemools esou gutt gang, datt en zäitweilleg aacht Geselle beschäftigt hat. Zu där Zäit gouf zu Ettelbréck all Joër am Januar dee grouse landbekannte "Päerdsmaart" ofgehal. Bis zu fënnfihonnert Päerd koumen deen Dag op Ettelbréck. Dat gouf da vill Aarbecht fir de Seelspänner, well all déi Päerd haten Halfteren un a waren da mat Seler vu Kapp zu Kapp an iwwert d'Recker zu enger Dose Päerd unenaner gekoppelt.

De Michel May, dem Ady säi Papp as 1912 gestuerwen a séng Fra huet d'Seelspännerei du misse viru féieren. Si huet och eppes dovu verstan, well si war jo engem Iechternacher Seler séng Duechter. Op jidfer Fall huet se déi geschäftlech Saach missen an d'Hänn huelen. Well deen eelste Jong sech nët fir d'Selerhandwierk interesséiert huet, huet den Ady May géint d'Enn vum éischte Weltkrich d'Wierkstat iwwerholl. 1940 as dun d'Mamm gestuerwen an den Ady war nach eleng am Geschäft. Hien hat sech 1931 mat engem Ettelbrécker Meedchen, dem Maréche Lambert aus dem "Lärchen" bestuet, an 1934 koum säin eenzege Kand, de Raymond op d'Welt.

D'Seelspännerei, oder besser nach gesot, d'Seelbunn war entretemps "an d'Waark" verluegt gin an ech hun als alen Ettelbrécker an als gudde Frënd dem Ady dacks op där 100 Meter laanger Bunn, bei der Aarbecht nogekuckt. Eigentlech misste mer elo e puer Wuert iwwert d'Seelspännerei soen, well dat Handwierk as nom Ady May séngem Doud hei am Land komplett ausgestuerwen. D'Seelspänner waren ni hefeg hei am Land. No der Chronik goufen et der e puer an der Stad, een zu Iechternach, een zu Gréiwemaacher, een zu Réimech an e puer zu Ettelbréck. Mä et waren der bestëmmt awer nach méi am Land, soss wär deen Numm Seiler oder den Hausnumm "a Seelesch"



nët an esou ville Lëtzebuurger Uertschaften ze fannen.

De "Mees Ady vun Ettelbréck" war bant méi ewéi 40 Joër deen eenzege an och dee leschte Seelspänner hei am Land. An an deem leschte Krich woussten d'Preisen nët a wat fir eng "Innung" se de Seelspänner sollten areien. Dun hu se den Ady May alt bei der "Schneiderinnung" zougeloss. Well ech dem Ady esou dacks op sénger Seelbunn "an der Waark" bei der Aarbecht nogekuckt hun, géif ech elo versichen, an e puer Sätz dat ze soen, wat ech nach iwwert d'Seelspännerei weess. De Seelspänner huet Seler fir de Bauerebetrib gemaach, da fir d'Industrie, wou déi Zäit Transmissiounsseler fir d'Maschinne gebraucht goufen, z.B. an de Brauereien. Och d'Klackeseler si beim Seelspänner gemaach gin. An där si vill gebraucht gin, well d'Massendénger sin nët zëmperlech mat hinnen ëmgaang, wa se d'Klacke gelaut hun a sech dann un de Seler an d'Luucht goë gelooss hun. Wou gebaut gouf, do ware Seler fir d'Fläschenzich an och fir d'Gerüster, fir d'Steën néideg. D'Rohmaterial fir d'Seelfabrikatioun war virun allem den Hanf (fréier "Wierk" genannt), deen aus dem Ausland koum, an dat meeschtens aus Indien.

D'Fabrikatioun vun engem Seel war am Prinzip ganz einfach. Fir mech un d'Eenzelheten z'erënnere, hun ech dem Pol Aschmann säin Artikel nogelies, deen en am September 1955 an der Lëtzebuurger "Revue" iwwert dem Ady May säin



Handwierk geschriwwen huet. Déi dënn Fiedem aus Hanf goufen u Kleep gestréckt, déi un enger ronner Scheif festgemaach waren. Fréier as déi Scheif mat der Hand gedréint gin, méi spéit awer vun engem elektresche Motor. Déi eenzel Sträng goufen esou zu engem eenzegen décke Seel zesummedréint. Well déi eenzel Hanfsträng iwwert ee Schëffelche gerëtscht sin, goufen d'Seler beim Spanne schéi regelméisseg déck. Ech war alt derbei, datt Seler vu 25 mm Déckt gesponne goufen. Fir esou ee Seel sin d'Hanffiedem vun 41 Spulle gläichzäiteg ofgelaf, fir dann zesummegeponn ze gin. Den Ady May huet och Drote-seler gesponn, déi besonnesch an der Industrie gebraucht goufen.

Mä de "Mees Ady" war net nëmmen duurch säin Handwierk iwwerall am Land bekannt. Vill Leit kennen e virun allem duurch säin Theaterspill bei dem Ettelbrécker Gesangveräin "Lyra" an och doduurch, datt en dese Veräin, an deem en zënter den 20zeger Joëren als Sänger matgewiirkt huet, vun 1940 bis 1963 och dirigéiert huet. Als Amateur-Dirigent huet den Ady May et fäerdeg bruecht, fir mat der "Lyra" bis an "d'Division d'Honneur" eropzeklappen.

Wat säin Theaterspill ugeet, do brauche mer nëmmen ee Saz ze soen: hie war den August Donnen aus dem Norden. Hien huet d'Roll vum "Hanepép" aus dem "Wonner vu Spéisbech" (Batty Weber / Fernand Mertens), sowäit ech mech erënneren, méi ewéi zwanzeg mol gespillt. Een, deen den Ady May eng Kéier an dëser Roll gesin huet, vergësst et sai Liewen net méi. E Kabinettstéckche fir sech war d'Interpretatioun vun dem Hanepép, alias Pompjeeskommandant vu Spéisbech séngem Lidd "Spéisbech läit am déiwe Fridd" mat dem Refrain "Hei kënnt den Hanepép, de Chef vun der Sprët..." a mat dem Schluss-Saz "... an enger Minutt, an enger Minutt, muss d'Feier aus sin, oder ech friesse mäin Hutt". Hei soll een onbedénkt ernimmen, datt den Ady May an den 30eger Joëren och eng Kéier d'Roll vum Hanepép am ale Stadtheater gespillt huet, wéi e vun haut op muer, fir den August Donnen, deen onerwaart krank gi war, huet missen asprangen. Aner Glanzrolle vum Ady waren den "Heng", éischte Knecht um Mäertenshaaf an dem Emile Boeres sénger Operett "Wann d'Blieder falen" an da virun allem d'Roll vum "Tutebatti", dem Bannpréiter vum Dueref am Boeres séngem "Fréijoër". Hei war et och erëm eng Kéier ee Lidd, un dat ee

sech éiweg erënnert, wann een de "Mees Ady" et eng Kéier gehéiert huet sängen: "Ëmmer am rich-tege Moment sin ech um Dill...". De Jos Berrens hat a séngem "Anni" dem Ady och nach eng Roll op de Läif geschnidden, déi vum Doléiner Muchel mat deem onvergiessleche Lidd: "O Duckes Duckeli, huel du mech an dän Arem".

Huet den Ady emol eng Kéier net beim Lyras-Theater matgespillt, dann huet en d'Regie gemaach oder hien huet den Orchester dirigéiert. Mat den Hären Emile Feltgen a Robert Heger war den Ady May am Joër 1960 Matgrënner vun der Ettelbrécker Museksschoul. Hien huet hei Solfège-Coure bis 1970 gin. Gläichzäiteg war en och Chargé de cours fir Solfège an dem Mierscher "Lycée technique".

Vum 1. Januar 1970 bis 31. Dezember 1975 war den Ady May Member vum Ettelbrécker Gemen-gerot. Hien hat dës Charge als Conseiller communal schon eng Kéier, awer nëmme fir en etlech Méint, am Joër 1934. Vun 1960-1969 stong den Ady och als President un der Spëtzt vun der Ettelbrécker Musek. Wéi en dun 1969 an de Gemeengerot gewielt gouf, huet en dës Charge op gin, mä hien as awer bis zu séngem Doud Eierepresident vun der Musek bliwwen. Et sollt ee vläicht nach soen, datt den Ady May a sénge jonge Joëren aktiv an de Scouten, an der Musek, bei den Turner an am Football war. Am leschte Krich huet en och eng Roll an der Resistenz gespillt.

Mat dem Ady May huet een éierleche Geschäfts-an Handwierksmann, ee groussaartegen Theater-spiller, een talentéierten Dirigent, een toleranten an ëmmer hëllefberete Politiker, een amusante Gesellschafter, mä virun allem een oprichtegen a bescheidenen Mënsch äis fir ëmmer verlooss. Vill Leit hun um Ady och ee gudde Frënd verluer.



# † Tist Gastoni

E puer Deg virum Ady May huet den Tist Gastoni eis och verlooss. Hier wor grad ewéi den Ady e fervente Museks- an Theatermann. E joviale Mënsch, deem séng Freed mat der Musek an dem Theater him dat gin huet, wat e soss nët konnt fannen. 1980 huet en e Bichelchen erausgin: Gereimtes a Geschichten vun Ettelbréck, dat an "Eis Sprooch", 1980, Nr. 11, ugekënnegt gouf. Et si séng Erënnerongen aus der jonger Zäit zu Ettelbréck, an dernieft gin Ettelbrécker Leit, deer ganz gewéinlecher, am Portri virgestallt. Intressant as d'Buch nach wéinst der Ettelbrécker Sprooch an dem Jéineschen, dat do doheem wor. An den Zeitungen, dem »Journal« an dem »Wort« huet e senger Al-Ettelbrécker Erënnerunge am Ettelbrécker Dialekt publizéiert: Aus der Kannerzäit, Krëschtmaart, d'Schwechen aus Ettelbréck (Schwechen = Wirtschaften)...

Den Tist huet fir d'éischt zu Ettelbréck bei senger Stéifbrudder, dem Ferrari's Jhang, am Velosgeschäft geschafft, dunn huet e fir Schlässer geléiert, dernieft nach Heizungsmonteur. Dat



Den Tist als Regisseur (an der Paus vum Stéck "Donna Klara", 1979).

Handwierk wor d'Ursach fir op Kolmer an d'Schlass ze kommen, virdru war en op esou enger Plaz um Härebierg an de Kasären. En hat och eng Zäitchen eng Wiirtschaft zu Ettelbréck. Wéi gesot wor den Tist e gudde Musécker an e richtege joviale Veräinsmann. Zu Ettelbréck wor en an der »Lyra« vun 1946 bis 1969, huet mat gesongen an och mam J. Berrens Theater gespilt. Am Theater hat eng Gof fir dat Komescht. Eng vu séngen Haaptrolle wor »De bloen Hary«, Stéck, dat den Emile Boeres geschriwwen huet. 1975 huet en zu Ettelbréck gehollef d'»Lëschtég Nordbühn« grënnen, déi am Ufank »Amitiés Théâtrales du Nord« geheescht huet. Do wor en de Regisseur, huet och komponéiert. – Well mer derbäi sin, sief hei de Comité vun der »Lëschtéger Nordbühn« genannt: Dr. Lehnertz, Erny Petry, Roger Infalt (Kolmer), Jhang Infalt.

Wéi en op Kolmer wunne koum, 1968, as hien do mat séngen Aktivitéite op dene Gebitter viru gefuer, wor eng Zäit Joren am Gemengerot, huet sech ëm de Foussball gekëmmert – hie wor selwer zu Ettelbréck Spiller gewiescht – a sech stéits a stänneg fir den Theater hiergin.

Esou 1978/79 as e wéinst Krankheet pensionéiert gin an as op Welschent geplënnert. – E wor nët al gin, den Tist, deen egentlech mam ganzen Numm Jean-Baptiste geheescht huet; de 5. Februar 1925 zu Sierck gebuer, as en de 16. Dezember 1983 gestuerwen. Mir wäerden en a gudder Erënnerong behalen.

\* \* \*

Al Frënn  
ale Wäin  
an aalt Geld  
hun hire Wäert an der ganzer Welt

\* \* \*

E gudde Frënd heeft de Sieschter,  
e schlechte schleeft en



# Am Joër ...

1604, de 25. 5. 1604 as de Gouverneur *Mansfeld* gestuerwen.

1684 eruwert de *Vauban* d'Stad Lëtzebuerg.

1684, 15. 8. 1684 stierft de Jesuitemater Alexander *Wiltheim*, 80 Jor al, den Autor vun: *Luciliburgensia sive Luxemburgum Romanum*; 1842 vum A. Neyen publizéiert; huet de Mariekult hei am Land gehollef aféieren; gouf an der Jesuitemat begruewen (Kathedral vun haut).

1704 kënnt déi éischt Zeitung hei zu Lëtzebuerg eraus: *La Clef des Princes* de l'Europe ou Journal historique et politique sur les matières du temps. Drock Chevalier, Lëtzebuerg.

1774 gët de Fr. X. de *Feller* de Journal historique et littéraire eraus; 1784 hat en 2500 Abonnemente.

1794, de 1. 5. gin zu Diddeleng 74 Männer a Fraen vun dem fransésche Militär erschoss (frans. Revolutionen).

1814 kënnt déi éischt Nummer vum Journal officiel du Département des Forêts eraus, deen 1815 Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg heescht an 1816 de *Mémorial* genannt gët, wéi eist Gesetzblatt nach haut.

1824 as de William *Turner* hei am Land, vun deem sänge Biller elo (1983) eent am Musée as.

1829 dat alleréischte Bichelchen op Lëtzebuergesch vum Anton *Meyer*, 53 Säiten; nei opgeluegt zu 250 Stéck am Januar 1935 vum Verlag Linden & Hansen zou Lëtzebuerg, Groussgaass 50.

1834 kréie mer dann d'*Voyage pittoresque dans le Grand-Duché de Luxembourg* mat Zeechnunge vum N. *Liez* a J.B. *Fresenz*.

1834 as den Nik. *Gredt* (18. 2.) an der Stad gebuer; † 20.6.1909 och do; gët 1884 de »Sagenschatz« eraus.

1844 as den éischte »*Schulbote*« do, d'Zeitung vun de Schoulleit.

1844 gët de *Chevalier Evêque de la Basse Montûrie* den »Itinéraire du Luxembourg germanique« eraus.

1844 kënnt d'Zeitung: *Le Courrier du Luxembourg*.

1854, de 16. 7. kënnt de J.A. *Müller* zu Iechternach op d'Welt, deen als Musécker eiser Lidder vill geschaf huet.

1854. De Félix *Thyes* publizéiert den: *Essai sur la poésie luxembourgeoise* an der Revue trimestrielle zu Bréissel. Hien as 1855 zu Bréissel gestuerwen, wor den 31. 1. 1831 zu Lëtzebuerg gebuer gin. Vun him as och: Marc Bruno, profil d'artiste.

1864, de 5. Juni gouf zu Ettelbréck, op der Plaz virun der Schoul, eis »Hemecht« fir d'éischt gesongen. 'T wor op dem Museksfest dat den Allgemenge Lëtzebuergeser Museksveräin organiséiert hat; de Virgänger vun der Union Grand-Duc Adolphe. Text Méchel Lentz, Musek J.A. Zinnen, fir d'éischt fir véierstëmmege Männerchouer, du orchestréiert vum J.A. Zinnen, zu Veianen 1865 mat Musek. De J.A. Zinnen hat och d'Arrangement fir Harmonien a Fanfare geschriwwen an en Hemechts-*Marsch* draus gemaacht. Den 10. Juni 1864 stong am »*Courrier*«, datt d'Lidd an den »domaine populaire« kéim. D'Hemecht gouf eist Nationallidd.

1874 koum de Jacques *Kintzelé* zu Hielem op d'Welt; † 1. 7. 1965.

1884 komme vum Karl *Mersch*: »Die Luxemburger Kinderreime« eraus, dat eenzelt Buch, dat mer bis haut an deem Genre hun.

1884, de 5. 11. as d'*Monument vum Willelem dem II.* um Knuedler ageweit gin.

1904 as den Albert *Elsen* op d'Welt komm; † 7. 2. 1972.

1914, 1./2. August geet den éischte Weltkrich un.

1914 gët de *Renert* nei gemaacht; Ill. Fr. Seimetz an Aug. Trémont, kënnt 1921 eréischte eraus.

1914 as den C.M. *Spoo* zu Esch gestuerwen, e wor 1837 op d'Welt komm.

1914 gët den Arthur *Hary*, Schoulinnspekter séng »Zeitung für kleine Leute« eraus, déi hanneno vum Hary Trauffer d'»Morgenglocken« gët.

1924 gët d'*Sproochgesellschaft* gegrënnt, déi 1935 d'Sproochwëssenschaftlech Sektioon vum groussherz. Institut gët; President wor de Jos. *Tockert*; den Ernest *Platz* hat ewell 1923 dru gestéppelt.

1934 as de Frantz *Seimetz* gestuerwen, Moler an Auteur vum Buch: *Feuersalamander*.

1934 gouf d'*Kathedral* méi grouss gemaacht; Arch. N. Petit.

1944 as de Jean-Pierre Emile *Boeres* no engem Akzident mam Rad gestuerwen; gebuer den 13.11.1890 zu Lëtzebuerg, E wor en dichtege Musécker a Komponist, deen eis déi bekannt Operetten »Fréijor, Wann d'Blider falen, d'Landstroosselidd« hannerlooss huet.

1944 wor den 2. Weltkrich emol fir e Stéck vum Land aus, d'Eislek huet misse waarde bis an de Januar-Februar 1945.



## Nei Bicher

1954 krut de G. Kroll zu New-York d'James Douglas Medal fir séng wëssenschaftlech Entdeckung.

1954 gët d'Lëtzebuerger Land vum Carlo Hemmer gegrennt.

1954 kréie mer vun der Ry Boissaux de »Vullenzirk am Wantergaart«.

1959 hu mer de Robert Bruch verluer, duurch en Autosakzident, Auteur vun esou gudden sproochwëssenschaftlechen Aarbechten, Sekretär an der Dictionäerskommissioun bis zu séngem Doud.

1959, viru 25 Jor as den UKW gebuer gi fir *Lëtzebuergergesch*; Chef dervu wor de Webesch Néckel, deen haut d'RTL-Editioun dirigéiert an Nogepicktes vum Kréimesch Pir, am Ament dem Jos. Hess séng Serie »Bei eis doheem«, 4 Bänn an dem Pol Pütz säi Buch: »Du brauchst kee Strack ...« elo erausgët.

1964 as de Jos. Meyers gestuerwen, \* 1900 Rodange; hie wor och bal ganz vun Ufank un an der Sproochgesellschaft, Mëmbler vun der Sproochesektioun vum Institut, Direkter vum Musée, Geschichtspröfesser.

1964 stierft de Wëllem Weis, deen 1894 gebuer as gin. Vun him sin e.a. de »Bib« an de »Kloutje vun Itzeg« an dann d'Muttergotteslidd: Léif Mamm, ech weess et nët ze soen.

1974 as de Léon Senniger stënterlech gestuerwen; nees ee vun de Grënnongsmëmbere vun der Sproochgesellschaft, Mëmbler an der Sprooch- a Folklor-Sektioun, deen e sëllegen iwwe d'Technischer Sprangprëssioun an hir Weis gesammelt huet.

1984. De 4. Januar 1984 as de Julien Lefèvre, Moler a Skulpteur, stënterlech an der Stad verscheed. D'AL verléiert mat him en treie Mëmbler, deem säin allerlescht Wierk d'Plakette as, déi mer am Ufank vun dëser Nummer virstellen. Hie konnt d'Plakette nët méi fäerdeg gesinn. De 6. Januar 1984 gouf en zu Esch-Uelzecht begruewen, an deer Stad, wou en den 1. Juli 1907 op d'Welt koom. D'AL seet him iwwe d'Graf eraus merci fir dat wat e fir si geschaf huet; si wäerd en an treier Erënnerung behalen.

Emile Schaus: **Geschicht vum Préizerdaul**. Baund 3. **Rëmmerecher Chronik**. Verl. Amis de l'Histoire, Préizerdaul. Drock St. Paulus-Dréckerei, Lëtzebuerg. 1983. 210 Säiten. Broschéiert. 22,5×15,3. ill. Präis 800 Frang.

Den Emile Schaus gët sech nët. Vun 1979 bis haut huet e 7 Bicher erausgin: 3 Romane, 3 aner op lëtzebuergeresch, 1 iwwe d'Auermécher-Dynastie Strauss. Mat enger Distanz, déi den Alter wuel mat sech bréngt beschreift en séng Hemecht: Rëmmerech, an e Stéck aus dem Préizerdaul. Wann och de Stil sober as, heiansdo esouguer vläicht dréche schéngt, muss een et awer ganz héich luewen, datt dat séng Bicher zem Gudden lénnt a séng Léift, besser vläicht séng Unhänkerlechkeet u säin Duerf a säin Daul besser ervirhieft. Et mag vläicht munch engem iwweerdriwe schéngen, mee hie setzt deer Géigend vum Land, déi esou laang op der Säit geleen huet, e Monument, eleng ewell duurch d'Rëmmerecher, d'Dauler-Sprooch, an deer d'Bicher geschriwwen sin. Et as esou, déi Géigend, mat aner Stécker vum Land méi erop, si manner erfurst gin an der Zäit wéi dat, wat se sou »Hondséislek« nennen, sief et op botaneschem oder faunisteschem Plang. – D'Rëmmerecher Chronik, déi en eis haut opdëscht as d'Geschicht vum Duerf Rëmmerech mat allem Drëm an Drun vun de Kelten (wéi kënnt et anescht hei am Land sin!) u bis haut. D'Chronik as komplett, et gouf näischt vergiess, ob dat nun d'chronologesch Ereegnësser sin, d'Schoul an hir Leit, d'Gemeng an hir Leit, aner Beruffer, d'Kriecher, d'Resistenz, Gewan mat hire Flouernimm, Weër, Kapellen a Weekräizer – de Rezensent as frou, datt och emol, an nees eng Kéier, d'Kräizer an d'Kapellercher nët vergiess gouwen, fir déi en ewell Jorelaang geschwat huet –, d'Hausnimm an esouguer e Gedicht: Rëmmerech an der Bléi. An dat as alles an der Rëmmerecher Sprooch. Dat schéngt engem dach eppes Wichteges, wann nët dat Wichtigst ze sin, well eng Sprooch ännert vun Dag zu Dag, d'Lautung gët anescht, de Sazbau an dees nach, an et as unzuehelen, datt lues a lues déi »bräet« Aussprooch sech der Koiné upasst an domat vergeet. Dat hei as en Dokument vun deer Sprooch aus deem Eck wéi se geschwat gouf – an haut ewell nët méi jidderengem esou am Mond läit, well den Auteur sech nach iwwe d'Lautung vu soss ëmfrot huet, aus méi fréier Zäit. Et freet ee sech, ob d'Préizerdauler Geschichtsfrenn nët de Mutt sollten hun, fir se op Band opzuehelen an doduurch, dat geschwate Wuert dat



Geschriwwent géif lieweg erhalen. Et wir eng Grondlag fir eng sproochwëssenschaftlech Etude, déi nach laang derno kënnit gemaacht gin. Vlächit huet d'Sproochesektioun vum Institut och eng Kéier neien Intressen drun. D'Illustratiounen sin esou, datt se bei d'Texter passen, d'Buch lackeleg maachen; am leschte Wuert gin déi Leit genannt, déi gehollef hun Donneën a Biller a Kaarten erbäi ze schafen. – E schéint Buch, dat d'Geschichtsfreënn grad esou vill wéi Sproochinteressierter usprécht an hinnen e Stéck vum Land méi no bréngt vun deem se bis haut nët ganz vill woussten.\*

hr

Joseph Hess: **Bei eis doheem**. 3. Band. **Geschicht a Geschichten**. RTL-Edition. 1984. 255 Säiten. ill., plastifizierten, faarwegen Ëmschlag. Präis 680 Frang.

Et kënnit een sech dës méisseg goen, fir deen 3. Band vum Jos. Hess séngen Emissiounen um UKW Lëtzebuerg ervirzehiewen, well déi alleguer, déi déi éischt Bänn hun, hun ongedëlleg drop gewaart. An dësem schéine Band, vu bausse gekuckt mat faarweger Illustratioun (de Créqui viru Lëtzebuerg 1684, Sonndeg mueren zu Iechternach, gezechent vum Abt Berthels), dee »Geschicht a Geschichten« heescht, as nees eng Kéier esou vill Intressantes, op eng lieweg Aart a Weis duergestallt, sou wéi et dem Jos. Hess gi wor z'erzielen an dat Geschichtlecht an déi Geschichten dem normale Mensch mondgeriecht duerzeleën. Nom Nic Weber séngem Vierwuert an deem en dat, wat hei virdru steet ënnersträicht, loosse mer d'Kapiteln opzielen: Klacken a Steng – Vun Tir a Stroossen – Noperen ënner sech (Fransousen, Belscher, Hollänner) – Affären a Gesellen (e.a. Schénnergehanes), Lëtzeburger dobaussen (A. Chenot, Joh. Mylius, Marketendesch, Zaldoten an Hollännesch Indien) – d'Vergaangenheet gekuckt (e.a. Napoléonsbeem) – Europäesch Nimm (Karel de Groussen), Jousep II.). – Wien elo nach nët virwëtzig genuch as fir sech d'Buch emol an engem Bicherbutteck weisen ze loosse, deem sief nach gesot, datt d'Illustratioun wirklech gutt zu den Texter passt, déi de Guy Mey erausgesicht huet (eng Lëscht weist, wou en se fond huet), awer nët ze vergiessen de Marcel Schroeder, deen dacks mam Jos. Hess ënnerwee war a Fotoën derzou bäibréngen konnt. – D'Maquette as, wéi bei denen aner, vum Sonja Müller, e propperen Drock vun der *St. Paulus-Dréckerei*, op

d'Schreifweis nogekuckt vum H. Rinnen (wéi et schéngt geet et awer nët ganz ouni Feler!). – Et ka sin, datt ee vlächit méi ugesprach gët, wann een de Mann, de Jos. Hess, nach perséinlech kannt huet, mä et as dach esou interessant, datt ee sech freet fir wat datt esou Bicher nët an der Schoul eng Eireplaz kréie sollten, apaart an dene Stonnen, wou Lëtzebuergesch um Programm steet; et kann een zwemol Profit draus zéien, eemol fir d'Geschicht an d'Geschichte vun doheem kënnen gewuer ze gin an zwetens fir nach mat am selwechten eppes Lëtzebuergesch ze léieren. – Et si Bicher, déi e Lëtzeburger sollt gelies hun, fir séng Leit a säi Land ze kennen. Dat wir eise Wonsch. – Dee véierte Band wäerte mer fir den Hierscht erwaarde kennen. Vun denen zwéi éischter sin nach en etlech Stéck rescht, wie sech fläisst kann déi och nach kréien (bei RTL oder an de Bicherbuttecker).

hr

Monique Schintgen-Burg: **Aus der Spillschoul**. 2. Band. **Mir molen, schaffen, léieren**. RTL-Edition 1984. 52 Säiten. 150 Frang.

Nom éischte Buch vum Monique Schintgen-Burg läit elo deen zwete Band um Dësch. Schéin, propper a fein an e faarwegen Deckel agepaakt as et e Buch, dat an der Spillschoul vun de Kanner zesoe bal selwer gemaacht gouf. »Fir datt är Kanner doheem an hirer Fräizäit vun dëse Gedichter, Spiller a Lidder kënnen profitéieren, hun ech se an dësem Buch zesummegesat«, heescht am Virwuert. Sou gesäit een da lénks wéi d'Kanner an der Spillschoul lues a lues op d'éischt Schouljor virbereet gin an op deer aner, wéi se kënnen léieren a molen; se kënnen och alt gespillt gin.

Et kann een iwwerzeegt sin, dat dëst Mol a Léierbuch an de Spillschoule virun hëllef kann, Iddië gin, an esou deen Zweck ganz erfëllt fir deen et geduecht as. A bei deem Präis kann dach sécher jiddereen sech et uschafen, zemol déi Leit, déi nach Kanner an deem Alter hun. A fir wat et nët, wéi och aner Lëtzeburger Bicher, fir d'Kommioun schenken?

hr

\* Elo jhust iwwerm Drock vun dëser Nummer 16 as als Spezialdruck vum E. Schaus aus der »Hemecht« Nr. 2 a 4/1983 de Baund 4, **Duerfaarbechten am Joëreskräs**, aus der Serie Geschicht vum Préizerdaul erauskomm. Zeechnonge vum Erny Gillen. 92 S. 220 Frang. Mat vill Aier gin d'Aarbechten am Laf vum Jor beschriwwen.



# Protest a Fuerderong vu méi wéi 400 Lëtzebuerger

Fir datt alles klor as, ënnersträiche mer fir d'eischt, datt mer guer näischt géint irgend e Friemen an eise Land hun an datt mir si als Mënsch grad esou respektéiere wéi mir dat och mat de Lëtzebuerger man. Mir wësse ganz genee, wat si an eiser nationaler Economie geleescht hun a leeschten. Dofir hu si jo och all sozial Rechter grad wéi d'Lëtzebuerger, wat jo och normal as. Wéi wäit se integréiert sin, hänkt vun hinnen of. De Moossapparat dofir as d'Lëtzebuerger Sprooch. Nët nëmmen e bësse vun hinnen hun all politesch Rechter kritt ... mat der Lëtzebuerger Nationalitéit, och dat as normal, a mir kënnen heiriwwer frou sin.

Eise Protest geet nët dohin. Mir protestéieren, datt d'Regëierung vu Portugal bei de lëtzebuergesch-portugisesche Verhandlungen am September 1983 elo guer kee Versteedsdëmes gewisen huet fir de Wonsch vun der Lëtzebuerger Regëirong, fir datt mir – nom EG-Bäitritt vu Portugal – vun enger Iwwerschwemmung mat portugiseschen Emigranten verschount bleiwen.

Dat as nees e Grond méi fir datt mir op kee Fall mat der politescher Matbestëmmung vun den Nët-Lëtzebuerger averstan kënne sin, déi ëmmer nees vu bestëmmter Säit gefuedert gët. Mir protestéieren heigéint! Well elo schons läit de Prozentsaz vun de Friemen am Land ëm 26, an et gët elo schons eng Gemeng wou d'Nët-Lëtzebuerger d'Majoritéit ausmaachen!

Wa mir averstane si fir dene Leit politesch Rechter ze gin, gi mer domat no an no d'Rudder ganz aus der Hand an da sin et si déi d'Direktioun och bestëmmen. Et wir den Ufank vum Enn! Dobäi kënnt ee sech froë woufir déi Matbestëmmung, déi si hei froen, dann nët an hire Länner as!?!

Mir mengen a fuerderen, datt eis Regëierung sech muss virgesinn, fir, och no engem EG-Bäitritt vu Portugal, sech mat alle Mëttele géint eng weider Iwwerschwemmung ze wieren. Fir déi speziell Situatioun an eise Land mussen och speziell Mesure geschafe gin, déi op eist Land zougeschnidert gin, och an der EG, well an deem Mooss stellt sech dat Problem néierens.

Mir fuerderen, datt eis Politiker kengem Drock vu kenger Säit nogin! Lëtzebuerg de Lëtzebuerger! A wien integréiert wëllt gin a matbestëmme wëllt, soll sech d'Lëtzebuerger Nationalitéit ufroen!

Laanscht d'Lëtzebuerger Nationalitéit duerfen et keng politesch Rechter gin a laanscht eis Sprooch,

d'Lëtzebuerger Sprooch, dierf et keng Lëtzebuerger Nationalitéit gin!

Nëmmen esou bleift Lëtzebuerg de Lëtzebuerger!

N.B. Jidderee Lëtzebuerger, deen nodenke kann, all Organisatioun där d'Wuel vun eise Land uewe läit, d'Verenegonge vun der Resistenz, vun de Krichsaffer an den Zwangsrekrutiert, d'Actioun Lëtzebuergesch, asw., asw., solle mat hirer Ennerschrëft weisen, datt dëst hir ege Fuerderong as!

Am Numm vun all dene Leit:

Ch. Malané, Lëtzebuerg  
Emil Schmit, Walfer

Lux. 14. 4. 84

## Léiwe Mëmber

Hei as eis – an ÄR – Zäitschrëft N° 16.  
Huet Dir ÄR Cotisatioun 1984 bezuelt?  
Wann nët da maacht et elo gläich w.e.g.!

Postscheck 6644-48  
Spuerkeess 1000/7250-4  
BIL 4-100/9748

Normal: 200 Frang

Stodent: 100 Frang

Kollektiv: 300 Frang

Eisen Telephon-Äntwert-Apparat as 24  
Stonnen op 24 fir Iech do:  
**47-06-12**

D'Sekretariat as op: méindes a mëttwochs  
vun halwer 1 bis halwer 2, am Bredewee  
No. 21, Lëtzebuerg.

## E »Silbe-Rätsel« emol op lëtzebuergesch (N° 15)

Uebstbam: Birebam; männlech Int: Untert; Baach duurch  
Mäerzeg: Turelbaach; Pâtissier: Zockerbäcker; Nordstad: Et-  
telbréck; Beienhaischen: Beiebitt; Kascht: Iessen; Ambitioun:  
Éiergäiz; Kannerkrankheet: Riselen; Getéins: Gesabbel.  
Déi richteg Ufanksbuschtawe gin en Deel aus der Uertschaft  
Mäerzeg: Butzebiereg!



# Eis Positioun zum Thema Ausländerstëmmrecht

Déi lescht Zäit as erëm ganz vill iwwer d'Stëmmrecht fir d'Ausländer hei zu Lëtzebuerg geschwat gin. Well mir vu verschidde Plaze gefrot goufen, eng Positioun zu dësem Thema ze bezéien, weise mir op d'Resolutioun hin, *sou ewéi se an der Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch vum 3. Abrëll 1982 ugehoill wor gin.* (Dës Resolutioun war an eiser Zäitschrëft »Eis Sprooch« Nr. 14/1982 publizéiert gin.)

De Comité vun der AL as iwwerzeegt

1) datt e sëllegen Ausländer, déi hei schaffen, nët onbedéngt um Stëmmrecht hei am Land intresséiert sin an dass, wann dës Fro gestallt gët, dacks en aneren Interessi derhannert steet, wéi d'Suerg ëm eis auslännesch Frënn,

2) datt eis auslännesch Frënn, déi wëlles sin hei ze bleiwen a sech würrklech fir d'Problemer vun hirer Gemeng oder vun eise Land intresséieren, dat Stëmmrecht onbedéngt kréie mussen:

A) wann si selwer un hirer Integratioun intresséiert sin, eng Integratioun, déi jo nët laanscht eis Sprooch goe kann; dofir verlaangt d'AL, datt eise Stat all Ausländer d'Méiglechkeet verschaaft fir jiddfer Ausländer d'sproochlech Integratioun méiglech ze maachen.

B) op Grond vun dësem Interessi d'Lëtzeburger Nationalitéit froen an dann och méi liicht kréie mussen.

De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch, Lëtzebuerg, verlaangt a wënscht aus all Parteipolitik eraus gelooss ze gin. Mir si reliéis a politesch neitral a mir wëlle mat jidderengem, egal ob vu riets, vu lénks oder aus der Mëtt, a Fridden zesummeschaffen, esou, wéi mer et bis elo gemat hun.

Actioun Lëtzebuergesch

## Wat huet d'A.L. bis elo erausgin?

Eis Sprooch	No 1-1972	30 Fr.
	No 2-1973	vergraff
	No 3-1973	vergraff
	No 4-1973	vergraff
	No 5-1974	vergraff
	No 6-1975	vergraff
	No 7-1976	vergraff
	No 8-1977	75 Fr.
	No 9-1978	75 Fr.
	No 10-1979	75 Fr.
	No 11-1980	75 Fr.
	No 12-1981	75 Fr.
	No 13-1981	75 Fr.
	No 14-1982	vergraff
	No 15-1983	75 Fr.
	No 16-1984	(Oplo 2 500)

### Dem Léiweckelche säi Lidd.

#### Facsimilé vum Gedicht vum M. Rodange

Den *handgeschriwwenen* Text vum M. Rodange mat dem Émschlag, genee wéi d'Manuskrift as, dernieft dee gedréckten Text an eiser Schreifweis. – Nëmme méi eng Dosen Exemplaren do. 250 Frang

#### Extra-Serie:

**Rick** vum René Kartheiser 35 Frang

**Ueter d'Jor** vum H. Rinnen 50 Frang

**Stuele** (Modeller) *fir all festlech an aner*

*Geleënheten – Uertsnim, Menüen, Schreifweis (2. Oplo)* 90 Frang

**Grouss Vakanz**, Theaterstéck vum Pol Greisch 80 Frang

**Neijooschkaarten – Gléckwonschkaarten** (Houchzäit, Gebuert, Stierffall) (Zeechnunge vum O. Nalezinek) 25 Frang

Dir braucht dach emol eng Kéier e Modell fir Gléckwënsch, fir e Menü, fir aner frou an traureg Geleënheten ... dat fant Dir an der Extranummer 3, nieft de Lëtzeburger Uertschaftsnimm an der Aféierung an d'Schreifweis.



## Plaquette Dicks-Rodange-Lentz / Spéngel

Ech \_\_\_\_\_

Strooss \_\_\_\_\_ L- \_\_\_\_\_

bestellen \_\_\_\_\_ Plaquette(n) Dicks-Rodange-Lentz \_\_\_\_\_ Spéngel(en) vun der AL.  
Ech hun d'Geld op de Postscheck 6644-48 / Spuerkeess 1000/7250 / BIL 4-100/9748 iwwerweisen.

Ennerschrëft \_\_\_\_\_

Plaquette 1250 Frang, Porto 100 Frang

Spéngel 50 Frang, Porto 10 Frang

D'Plaquette as e schéine Cadeau fir all Geleënheet, woufir sollt een nët engem domat eng Freed maachen an eng schenken.

**Wann Dir Iech an äis d'Aarbecht wëllt méi einfach an d'Vergiesse méi schwéier maachen ... da schéckt äis dësen Ziedel ausgefëllt erëm zeréck!**

## Ordre d'encaissement permanent

**fir d'Actioun Lëtzebuergesch "Eis Sprooch"**

Kulturelle Veräin, gegrënnt 1971

Adress: 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg, Telephon: 470612

Ech \_\_\_\_\_ Beruff: \_\_\_\_\_

wunnen zu: \_\_\_\_\_

Strooss/Plaz: \_\_\_\_\_ – Mäin Telephon: \_\_\_\_\_

ënnerschreiwen hei als Mëmber vun der Actioun Lëtzebuergesch "Eis Sprooch", an erlaben

dësem Veräin (Postscheck 6644-48) pro Kalennerjor iwwert mäi Kont N° \_\_\_\_\_

bei der Bank \_\_\_\_\_ / Postscheck-Kont \_\_\_\_\_

d'Cotisation vun 200 Frang erofzuehuelen, an dat bis deem Dag, wou ech dës Autorisatioun zrëckzéien.

Datum: \_\_\_\_\_

Ennerschrëft: \_\_\_\_\_

Wann Dir deem Uerder nët gär erausschneit, da schreift en of (Postkaart oder Bréif) a schéckt en esou ërem! Merci.





**Action Lëtzebuergesch**, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg. Tél. 47 06 12 (Äntwertapparat!)  
Bredewee 21, (rue Large), L-1917 Lëtzebuerg  
Postscheck 6644-48 – Kont Spuerkeess, Lëtzebuerg 1000/7250/4 – Kont Interbank 4-100/9748

Präsident: Heng Rinnen, 32, Bëschstrooss (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg

Vize-Präsident: . . . . .

General-Sekretär: Marcel Lamy, 18, Kellerei-Strooss, L-6718 Gréiwemaacher

Sekretär adj.: Georges Helm, 76, Bomecht, L-4936 Nidderkierjhéng

Caissier: René Faber, 14, Barriär-Strooss, L-1215 Lëtzebuerg

Mëmbren: Francis Delaporte, Charel Malané, Cornél Meder, Robert Philippart, Lex Roth, Robert Siuda, Maisy Tockert, Laure Wolter

Redaktioun: H. Rinnen, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg

Redaktiouns-Kommissioun: H. Rinnen, R. Siuda

Verlag: AL, 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg

Drock: Kremer-Muller & Cie, 56, Gaarde-Strooss, L-4151 Esch-Uelzecht, Tél. 52185 / 540640

**Cotisatioun:** op d'manst 200 Frang; Kollektivmëmbren: 400 Frang; Stodenten: 100 Frang

**Well d'Post déi Lëtzeburger Stroossenimm nët all kennt, as et gutt, wann dee franséischen derbäi geschriwwen gët; och nët vergiessen de Postcode virun d'Duerf oder d'Stad ze setzen.**

*Wat an den Artiklen steet, muss nët onbedéngt d'Menong vum Comité, der Redaktioun an der AL sin.*




Generalversammlung 1984. – En etlech Leit aus dem Comité 1984. (Vu lénks no riets: Francis Delaporte, Laure Wolter, Corn. Meder, Lex Roth, H. Rinnen, Marcel Lamy, René Faber; nët drop: Ch. Malané, Rob. Philippart, Rob. Siuda, Maisy Tockert.)

Foto: Jean Weyrich



# LËTZEBUERGEGESCHES AN RTL-EDITION

Nei am Fréijor 1984



Pol PÜTZ

## Du brauchst kee Strack!

Gedichter a Lidder

mat Zeechnongen

vum

François DIDIER

An der Suskriptioun 350 Frang, duerno 425 Frang

### Fir d'Lëtzebuenger Frënn bei RTL-Edition:

- Joseph HESS - "Bei Eis Doheem", elo den drëtte vu véier Bänn, all Band 680.- Frang
- Pir KREMER - "Nogepiktes", Gedichter a Chansonen, 350.- Frang
- Paul KATOW - "Louis SPOHR", eng Biographie 560.- Frang
- Jos. LEYDENBACH - "L'otage", Roman 500.- Frang
- Roger SPAUTZ  
"Luxemburgs Pioniere der leichten Muse" an dräi Bänn  
"Entertainer der Nationallotterie", all Band 680.- Frang

Dei grouss Geschenkbicher:

- Paul SPANG  
"Echternach, Geschichte einer Stadt"  
"Echternach, Histoire d'une Ville" 1.300.- Frang
- Guy MAY - "Mémorial de l'histoire, Dokumente zur Geschichte", 1.450.- Frang
- Jacques DOLLAR - "Vauban à Luxembourg" 1.300.- Frang

Nei am März/Abrëll 1984

- Edmond DUNE - "A l'enseigne de Momus" pensées et maximes 350.- Frang
- Monique SCHINTGEN - "Mir molen, schaffen, léieren", den zwete Band fir d'Spillschoul 150.- Frang

Nei am Abrëll 1984:

- "E Fall fir sech" - E Film, deen nom Szenario vum Fernand BARNICH, vun der Equipe vum Hei Elei, Men BODSON a Marc OLINGER, réaliséiert gouf an am Abrëll an de Lëtzebuenger Kinoen léift.

**Elo an der Suskriptioun fir 250.- Frang (spéider 300.- Frang)**

Dës Bicher kënnst Dir bei Erem Libraire bestellen oder kafen. Oder Dir kritt se direkt bei der Publikatioun geschéckt, wann Dir d'Suen op de Postscheckkonto vun RTL-Edition iwwerweist:

### RTL-EDITION

26, boulevard Grand-Duchesse Charlotte - Lëtzebuerg

(CCP 70-70)

Dobäi nët vergiessen, d'Titelen unzegin!



Eisen Atelier zu Esch  
as ze kleng...

# Mir bauen zu Féiz

Vum September 84 u si mir  
direkt un der Autobunn  
tëscht der Stad an Esch

Méi Plaz,  
en egene Parking  
an nach ee bessere Service.

imprimerie **kremer-muller&cie**

Luxembourg  
22, rue Adolphe  
Tél. 448634

Esch-sur-Alzette  
56, rue des Jardins  
Tél. 52185 et 540640